

# EIS SPROOCH

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

## Nr.17 / Nei Folleg / XXIII. Jor / 1985

### Wat dran as:

H. Rinnen:	Plaquette	1
René Kartheiser:	... et sall een et n�t fir m�iglech halen!	2
H. Rinnen:	Er�nnerungen 1944/45	3
Albertine Alff:	Erliefnes den 9. Mee 1940	17
I.r.:	Eng gutt Saach!	18
Lex Roth:	Ident�its-Sprooch... Sprooch-Ident�it?	19
Aloyse Weirich:	Ried	24
Pitt Hoerold:	d'Kand am Mier	26
E. Arnoldy:	Et war eemol	26
	Fr�ijor g�t et �mmer nees / Am Rollstull erlieft	27
Christiane Tisch:	Liichtm�ssdag! / Du stees viru mir	28
Ren� Kartheiser:	De Sproochmates	28
Gil Mandy:	D'�ischt Bees / Sid n�t p�sseg!	29
E. Arnoldy:	Wat as dat eng Freed!	29
Gjpr.:	Les Aresquiers / Hi�rest / D�mools an hockt	30
H. Rinnen.:	E Meedchen an e P�ttche W�in	30
Will Reuland:	Aus der Lies...	31
E. Devaquet:	Summerz�it – Vakanzenz�it	35
Robert Siuda:	Klengeketen / D'UNICEF-Lidd	36, 38
Marion Schmit-M�ller:	M�ng Mamm	39
Gjpr.:	Komm mir m�i no	41
A. Alff:	Engt universaalt Wuert	42
Frank Faber:	En Eckelche fir is Dialekter	42
G. Raths:	Den Heeschek as fort / Op D�itsch: Wunschkoncert	43
Chr�tien Clement:	Waart nach eng Weilchen! / Beim Schnetzel	44
Georgette Ludig:	Kommt op Besuch / Courage fir den Examen	44
Gil Mandy:	W�i de W�llem en Hond kaf hat / E Str�it	45, 46
Marcel Reuland:	D�i Pl�senger an d'Kueben	46
Guy	De Peggi	47
***:	Den Nowuess schreift:	49
H. Rinnen:	Nei Bicher / Et wor am Jor... / Notizen	50, 54, 56
Bob Scholer:	L�tzebuerg (Lidd)	58
Alex Tourneur:	M�i L�tzebuurg (Lidd)	59
Roll Frisch:	R�ckbl�ck op d'Cabaretsaison 83/84	60
Jhemp Biver:	Abr��cher am Haus	61
† Jos. Hess:	Fir den 25. Doudsdag vum Isidor Comes	63
H. Rinnen:	† Jhemp Helminger	65
***:	E Schreiwas	66
H. Rinnen:	† Ren� Weimerskirch	67
***:	Eng "Premi�re" (Walziedel)	69



Gaston Gengler, Attaché am Kulturministère, Kulturminister Robert Krieps, Heng Rinnen,  
Éierestaatsminister Pierre Werner, Lex Roth

Foto: Raymond Weiler




# Plaquette

Et wor eng hemeleg Feierstënnchen, den 30. November 1984, nomëttes ëm haalwer sechs wéi déi zwou éischt versélwert Plaquette vum Dicks-Rodange-Lentz an engem Stacklétzebuerger Haus um Fëschmaart, am »Wëlle Mann«, un d'Kulturministeren, vu gëscht a vun haut, iwwerreecht si gin, d'Häre Pierre Werner a Robert Krieps.

Virewech sief widderholl, datt d'Plaquette e lescht Wierk vum Skulpteur Julien Lefèvre as, déi no engem Gespréich vum deemolege Präsident Lex Roth mam Skulpteur zestane koum. D'Plaquette as geduecht, fir déi dräi Haaptleit vum leschte Jorhonnert op engem Monument ze éieren an hinne merci ze soen, fir dat, wat si am 19. Jorhonnert fir d'Sprooch a fir d'Land geschafft hun. Jiddereen op deem Gebitt, dat him am méeschten am Gemitt loug. Wa jiddereen sech déi schéi Plaquette uschafe kann, dann huet sénge Zäit de Comité festgeluegt, fir 25 versélwarter maachen ze loessen, vun denen nämmen all Jor eng un déi Leit iwwerreecht soll gin, déi apaart vill fir eis Sprooch gelescht hun. An enger vu sénge Comitéssätzungen as du festgehale gin, datt zwee Evenementer, nieft dem Litterareschen, do erauszhiewe wirken: d'Offizia-

lisierung vun der Schrifweis am Jor 1976 (10.10.) an d'Declaratioun vum Lëtzebuergeschen als Nationalsprooch am Jor 1984 (24.2.). Et gouf beschloss, datt déi zwéi Kulturministren, déi do dat lescht Wuert haten, géint all Oppositioun, déi éischt Plaquette sollte kréien, fir d'Joren 1983 an 1984. Dat as dann den 30. November 1984 geschitt.

An enger huurzer Usprooch seet de Präsident Heng Rinnen denen zwéin Häre merci fir dat, wat se gemaacht hun, a mengt, e misst nüt extra betounen ze missen, ween a wat déi 3 Leit op der Plaquette wiren. E wollt awer drop hiweise, datt eng eenheetlech Schrifweis dem geschriwwene Lëtzebuergeschen ganz vill ze gutt kéim, well d'Lieser duurch déi selleche verschidde Schrifweisen dach zu engem Deel dervun ofgehale géife gin. Wann och duurch d'Deklaratioun vun dem Lëtzebuergeschen als Nationalsprooch näischt un der Situatioun vun eiser Sprooch am Land selwer gëif änneren, da wir awer no bausen dokumentéiert, wat d'Sprooch vu Lëtzeburg as: nüt héidäitsch, nüt franséisch, mee lëtzebuergesch an Unioun mat denen zwou Hien as och frou den Här Ger. Tbill, Direkter vum Musée mam Déngschtführer R. Weiler do ze hun, denen de



(Foto: J. Weyrich)

Stack vun der Plaquette zu gudden Hänn, a fir ze versueren, vermaacht gët. Duurch séng Präsenz huet den Här Gast, *Gengler* aus dem Kulturministère der Feier en extra Cachet gin.

Den Här Eierstaats- a Kulturminister Pierre Werner weist, mat séngem Wuert vu Merci, op déi verschidden Egenaarte vun denen dräi Schrëftsteller hin, déi och déi vum Lëtzebuerger selwer sin. Den Dicks, Edmond de la Fontaine, as dee lëschtegen, humoristeschen, de Méchel Rodange, dee gesellschaftskriteschen an de Méchel Lentz, dee patriotesch, lyreschen. Et wir och glécklech, datt déi dräi op deer Plaquette beienee wiren, zemol wou mer ee Monument vum Dicks a Lentz op der Plëss d'Arem hun, dat vum Fiisschen, dem M. Rodange säint, um Knuedler. Näischt Aussergewéinleches. De Kulturminister Robert Krieps hieft mat séngem Merci de Respekt eraus, deen déi »kleng« Sproochen haut nees kritt hun a betount, datt d'Sprooch, déi mir alleguer schwätzen an déi mer versuerge sollen, och en Zeeche vun Integratioun wir. Mir sin all opgeruff fir mat eiser Sprooch eis kulturell Positioun an dem grousse Gebitt vun den europäesche Natiounen ze beweisen, ouni datt do an e Chauvinessem sollt verfale gin, deen deer schéiner Saach näischt notze kann.

Mat engem Pättchen als Eierwäin a frénd-schaftlechem Gespräch gong dës kleng Feierstonn op en Enn.

De Journaliste sief merci gesot fir hir léif Zeilen, déi se an hiren Zeitunge fir dës Geleënheet fond hun.  
hr

*D'Plaquette ass fir 1250 Frang bei der A.L. ze kréien  
a passt fir all Geleënheet als Geschenk, als Erënnerung*

*'T as och eng Membersspéngel do.  
Präis 50 Frang. Huet Dir déi nach nüt?*

## ...et sall een et nüt fir méiglech halen!

... jorelaang  
war d'Schaffen an eiser Sprooch  
jhust eppes fir d'Drämerter;  
vill Waasscr as zanterhier  
de Bierg eragelaf;  
lues a lues gouf aus dem Äschepiddelchen  
eng häerzeg Prinzessin  
deer – op eemol –  
och ganz dichteg Hären  
d'Cour geschnidden hun.  
An engems hun di rose jong Leit  
d'Sprooch fir sech entdeckt;  
an haut gehéiert s'erém zu eis...  
Si as eis *Identitéit*,  
– eist *Gesicht*!  
Mir kommen op d'Welt,  
mir bestueden eis  
a mir gi begruewen  
op »lëtzebuergescha«  
... et sall een et nüt fir méiglech halen.

René Kartheiser

D'  
É  
Fr  
Au  
'T  
laa  
Fre  
ein  
1/  
eer  
N.  
vu  
ma  
we  
de  
sic  
mi  
So  
wa  
D  
ar  
m  
sc  
na  
R  
Jo  
d'  
du  
de  
É  
no  
D  
fo  
ri  
A  
de  
S  
D  
re  
L  
K  
fu  
C  
C  
s  
P  
v  
E  
i

H. Rinnen

# Erënnerungen

## D'Rundstedt-Offensiv 1944-45

Élwen

Fräi

August – September 1944

T géif een et bal nêt soen, datt ewell esou eng laang Zait riwwer wir, vum deem Dag, wou d' Freed däermosse grouss wor. Et konnt een et einfach nêt glewen, datt dee Misär vun dene 4 1/2 Jor lo en Enn hätt. Mer fräi wieren an datt et eemol riwwer wir mat V.D.B., NS.K.K., D.A.F., N.S.F., N.S.D.A.P., Uniform, Emsiidlung, Anzéie vu Jongen a Medercher, Dienstverpflichtung, mat all deem Gedräs a Gejáiz a Gebrëlls: sonst werden zehnfache Geiseln erschossen... sie werden zu Schanzarbeiten herangezogen... sie haben sich einzufinden... Erscheinen ist Pflicht... sie müssen, sie müssen... sonst werden sie....

Sou war et bis de leschten Dag, wou se nach hei waren. Wat gouf du nêt alles erzielt: De Kreis Diekirch misst 1700 Mann »zu Schützengräbenarbeiten stellen«, aus Bënzelt missten 30 Mann mat. D'Schoulmeeschtere missten iwweraus schaffe gon, och Schmelzaarbechter. Radioë sin nach Enn August geholl gin, fir »Belohnung der Rüstungsarbeiter«.

Jo, sou wo:en déi Gespréicher Enn August. Mä d' Front koum méi no. Privattélélfonsgespréicher duerft et keng méi gin. Zu Ehrang wir alles futti, dofir kéimen elo d' Zich all vun Oochen iwwer Élwen. Déi Lëtzebuerger Preise lafen durechernee. Déi preisesch Beamte maachen sech ewech. Den Élwenter Postvorsteher wëllt man Postauto fort, 't as awer kee Chauffeur do. An émmer amerikanesch Fliger, déi alles ugräifen.

An op eemol heesch et: d' Amerikaner sin an der Stadt, zu Lëtzebuerg. Mir schreiwen den 10. September 1944.

Déi Serben odder Kroaten odder woren et Ti-rouler, déi an d'Haiser vun den émgesidelte Leide koumen, plénneren. Mat engem Won, wou Kand a Fra a Bettgezei a soss Saachen drop leien, fueren se mat Päerd- odder Uessegesspann op d' Our zou, op Buurg-Reiland, op Sankt Véckt. D' Gielemännercher, hun och ewell ugespaant a sech ewech gemaacht. – An der Post as zénter e puer Deg náischt méi lass. D' Télélfoonsentral as vu Preisen an de leschten Deg besat.

En Opklärungsflieger as émmer do. En dréit iwwer Aasselbur. Den 11. September. Jiddere freet

sech: soll et fir haut sin? D' Fändele leie parat, d' Jongen an all déi Leit déi verstopppt sin, sin nêt méi ze halen. Wat e schreckerlecht Waarden! Virmëttes náischt, mëttes náischt. E Puer preisesch Spähween mat e puer Zaldoten. Géint zwou Auer. T si bal keng Leit op der Strooss, déi sech laang durech Élwen eropzéit. T as schéi Wieder. Ech sin om zwete Stack vun der Post op der Fénster a gesi vun do gutt op déi Sät op d'Kopp, op der Aasselburerstrooss hält en Auto. E puer Mann klammen eraus, droen eppes an d' Stéck, schéngé eppes zesummenzesezen. T si Preisen. Wat soll dat sin? Méng Fra as am Gaang de Bouf fréisch ze man, en huet 8 Deg. Ech menge ech hätt eppes héiere pâtschen. – Kucken erém dohin, náischt méi do. Ech muss op d' Strooss, froe wat lass as. Iwwer d' Barriär kënnt e preisesche Spähwon. En hält beim Schouster Mayer stall. 4, 5 Mann klammen eraus, sichen eppes, iessen. De Kommandant, wat as et, en Énneroffizier, en Offizier seet: »Sie werden den Ami zum Kaffeeetrinken hier haben.« – Et äntwert keen. Si fueren op Wilwerdang zou, eng hallef Stonn náischt, eng Stonn náischt. Wat kënnt dann elo d' Strooss vun Aasselbur eroef. Rém Preisen? Zou zwou Säite vun der Strooss. Si schéngé ganz virsiichteg ze sin. Vun der Gare erop héiert ee ruffen, ee jäizen! »D' Amerikaner, 't sin se, 't sin se.« – Alles op d'Stroos wat lafe ka leeft, wat dat nêt kann, kräicht – un e Preis denkt kee Mensch méi! Lo sin se hei virun der Dir. Een énnert hinnen huet eppes wéi en Télefon, e schwätzgt ganz lues dran. D'Fändele sin iwwerall geschwënn do, ech hu soss náischt wéi eng Krichszigar, ech reechen engem déi, de Jong lächelt, hëlt s'awer. Lues gi se virun, bis op d'Maartplaz, op Wilwerdang zou. Grad wéi s' op der Maartplaz si, kënnt ém den Eck beim Hertges e Motor, e Preiss, eng Maschinepistoul knaddert; e läit do: »nicht deutsch- Österreicher! nicht erschiessen.« En as an d' Bee geschoss, gët gesot. Ech eroef an d'Télélfoonsentral, dat musse mer direkt dene Bënzelter an denen Holler soen. D'Installatioun as futti, ma némme grad sin d'Sécherungen eraus geholl, déi kritt een erém séier eran, d'Gespréich, et geet. D'Leit wëllen et nêt glewen zu Bënzelt, zu Holler. Froen och zu Lëtzebuerg un, wéi et do wir. Jo, d'Amerikaner wieren do. Of een nêt kënnt nolauschteren, freet ee mech aus der Stadt? – Dat as dach elo egal!


D'Leit vu Bënzelt an Holler komme kucken, of et och wouer wir. Déi Freed, déi wor an as nüt ze beschreiwen. Déi verstoppt Leit, déi déi émgesidelt sollte gin, déi Jongen a Medercher, déi verstoppt waren wénken hei an do, wou een am mansten dru geduecht hätt se ze sichen. D'LPL, LFK weisen sech fräi. –

Mä eng baang Fro? Et si nach këng Tanksen erop! Déi kommen och geschwénn. An du wore mer méi sécher, an nach méi vrou.

*Deen Dag, den 11. September* sin d'Amerikaner bis viru Moolschent gaang. Zu Holler klémmt ee Jong op de Kiirchturem fir de Fändel opzehänken, do jääzt op eemol een; d'Preise kommen. Ee Gléck en hat nach Zäit fir de Fändel erof ze kréien, éier s'ëm d'Kéier worn, bei Lcien. Sou gong et och zu Moolschent. –

Am Bësch déi Säit dem Lengelerlach an der Wemperhaart, souzen 8 Jongen an engem Bunker verstoppt. D'Iesse kruten se gewéinlech vum Fieschter Glodé bruecht. Vill aus der Géigend hun dorunner gehollef, och Pitter vu Moolschent, en as elo dout. Pitter hat de Jongen e Liter Quetsch versprach fir deen Dag, wann d'Amerikaner do wiren.

D'Jonge muerges ém 7 Auer ewell, eraus op Moolschent. Hien as nüt do. Séng Fra as ganz erféiert, wéi si se gesinn huet. Wat geet eech un, d'Amerikaner si nach nüt hei. »Dat as dach näisch,« soten si, »déi sin dohannen, se wäerte gläich hei sin.« *Deen* do war, a gläich, wor e preisesche Spähwon. E Gléck d'Jonge koume fort. Si haten e grousse Lëtzebuerger Fändel, wore gerësch mat Bännercher mat de rout-wäiss-bloe Faarwen, haten e puer Flënten – a si rëm, awer an zwou Gruppen hannescht an de Bësch. Eng si gutt hannescht komm, déi aner hun Amerikaner begéint. Si, an enger Begeeschtrong, hu gemengt, déi géifen hinnen ém den Hals falen, well se jo déi Bännercher un hätten, an och Flënten haten, wéissten déi wat lass wir, well si hun dat och gegleeft, wat mer am Radio heemlech gelauscht haten, datt mer äis sollten sou z'erkenne gin. Si si gefrot gin, wat dat fir eppes wir, a wéi d'Jongen du geäntwert haten: si wiren Deserteuren odder Refraktäre, Lëtzebuerger déi nüt an d'german army gaange wiren an elo Jorelaang verstoppt wiren, hun d'Amerikaner se geholl an eng Jeep gesat, an op Élwe mat hinnen, wou preiesch gefaange Zaldote souzen. Do souzen se



D'Monument, wou jong Leit vu Maarnesch a Munzen, mat aner Onbekannten, erschoss gi sin.  
D'Monument gouf den 10. August 1969 angewiën. Si worn den 2. Januar 1945 geholl gin, goufen zu Klierf verhéiert an op der Kopp téscht Élwen an Aasselbur erschoss.

Photo: H. Rinnen

du vu muerges 8 Auer bis owes. An némme well de Buergermeeschter Georges Mersch vun Élwen sech fir si verbiirgt hat, hinne nei Pabeiere gouf, an alles op sech geholl huet, mat séngem Liewe fir si astoung, konnte se rauskommen. Hie krut nach extra gesot, wann eppes geschitt, gitt dir geholl fir si.

Du goung et dann esou virun. Un d'Fruucht um Feld huet kee Mensch méi geduecht. Si stoung nach op Plazen de ganze Wanter do, well dono gouf ganz schlecht Wieder. Reen a Reen a nach emol Reen.

Zur Léiler Säit sin se bis Sieweneg komm, ent Duerf wat jhust vu Léiler vis-a-vis op der Kopp am Preisesche läit. Woufir sin se nüt viru gaang? An der Sigfriedlinn wor kee Mensch, d'Bunkere stoungen alt voll Waasser. Nun, mir hu gemengt, dat misst esou sin.

Zu Élwe wor e Feldlazarett. En Émzuch gouf gehalen, d'Gielemännercher agesat, der e puer gebeetscht, sou wou et huet misse sin. An et goufe Bale gehalen. D'Medercher, déi sech ze huele woussten, krute Schockela, eist Klengt, et hat knaps zwee Jor, huet kee wollt, a séng Mamm krut kee. Dat Klengt huet och kee giess, et

wousst jo n t, wat et wir, mat den Or nsche wor et d'selwecht. – Kee M nsch huet geduecht, datt nach eppes Anescht no komme k nnt. An dach wor eppes w i et n t sollt sin. Bal gouf hei gesot: ech mengen et si Preisen  nnert hinnen, bal huet do ee gemengt et g if eppes n t st mmen. Huet een dann eppes gesot, dann hu si gelaacht. Mir ges iche Gespenster.

V-eente gin eriwwer. Si rabbelen w i en alechen Auto. De 26. Oktober koumen der  m 20 bis 4, 20 bis 5, 20 bis 6 an 20 bis 7. Allers lendag wor et der och v ier.

Den 30. November as eng op der Haart hannert dem Haus Mathieu erofgefall. 2 Amerikaner dout, huet et geheescht. T schent Saassel an Aasselborn f llt och nach eng.

De 5. November as den Zuch, deen  m acht Auer zu  lw fortfiert am Tunnel op der Pafe-millen op eng Minn gerannt. Et wire 4 Preisen an SS Uniform kritt gin, 2 Amerikaner wiren dout, och zw i Preisen. 'T solle Panzerminne gewiescht sin, d i nuets do geluegt wire gin. N t w ait dervu wiren Amerikaner op Minne gelaf, vill dout. D'Rottenaarbechter h tten nach  rem a R pper fond; owes  m 8 Auer an  m halwer 11 r em Gesch iss.

Ufanks November huet ewell Schn i gele n, an Holz a Brikette wore keng opzedreiwen.

An deer Z it as d'Geld  mgewiesselt gin. –

An der Post zu  lwen hun d'Amerikaner d'T lefonszentral besat a Kabele bis op St. Vith uewenaus gezunn. Dacks worn d'Kabelen durechgeschnidden.



Inhabitants of the town of Troisvierges celebrate their liberation, by advancing American troops, by standing an impromptu parade through the streets of their town. GIs passing through stop to watch the celebration. (12 Sept 1944)

Zu Hengescht as de Waasserturem nuets ugegraff gin. Amerikanesch Zaldoten, déi op Léiler gefuer si, goufen iwverfall, en etlech hun do, téschent dem Lausduer a Léiler d'Liewe gelooss, d'Preise sollen esouquer eng Jeep matgeholl hun. Et mussen dofir jo nach Preisen dorëmmer sin. Fir als wor dat eppes, wat engem hei ands do ze denke gouf. Awer et huet engem dach nüt ganz vill ausgemaacht, well déi sellechen Zaldoten a Panzer an alles wat do wor, huet als geschéngt méi wéi sécher ze sin.

Fir als hun d'Preisen am Wierbesch geleën. D'Bunkere vun der Sigfridlinn worn am Ufank nüt besat, souguer verfall. Mir hätte jo gär gehat, wa si de ganze Bësch volle Bomme gehäit hätten, dann hätt dat alles ophéieren; sou hu mir gemengt, an ech hat engem amerikanesch Käpten dat gesot, wéi wann et sou misst sin. Hien huet et nüt gegleeft, datt do nach vill Preise léichen. Wann ech matgéing, da géife mir do vill Prisonéier maachen, ech sollt em dat dach weisen. Wéi ech du nach gesot hat, ech mengt et géif an den éisichten Deg do bombardéiert, du wor en awer direkt do: wien dat gesot hätt, ech sot alt: ee vun den Zaldoten, an hien erém: wat fir een, wat fir ent Zeechen om Hellem e gehat hätt, of et ee mat engem Blumendéppé gewiescht wir an sou virun. Et gouf mer e bësschen ongemällech. Bis en dann erém laacht an ech den Numm Eisenhower bei hinnen hat. Déi gutt Amerikaner hun nüt een Ament dru geduecht, datt et eng Kéier anesché kéis. Émmer hu si gelaacht, wa mer gesot hun, si sollten oppassen, si hätte Preisen énnert sech an amerikanischer Uniform. Sou och zu Bréidelt. Et worn der vum Roude Kräiz, Sanitäter. Se souzen do Kaart ze spilleren an der (bei Hari Rinnen) enzeger Wiirtschaft, déi am Dueref as. Der Wiirtsfra as vun Ufank un een opgefall, deen hir nüt gefall huet. Si huet sech e bekuckt a wéi en eng Kéier eraus wor, sot se denen aneren dat. Mädeen hat en an uescht geholl a sech ewech gemaacht.

Si hun en nach gesinn de Bierg op, op de Lausduer lafen. Et gouf dann och gesot ém d'Haushaltungsschoul zu Élwen, wou vill Zaldote louchen, wiren nuets Preisen ém d'Gebai geschlach. Et hätt een nu gemengt, si géifen als glewen. 'T kann ee wuel zielen. Si hun se nüt kannt, wéi mir Jo, et waren énnert den amerikanesch Zaldoten, déi de Preisen hir Parti gehalen hun an

dat zimlech ferrem. Et si kleng Baler gehale gin, do worn esouquer Preisen an amerikanescher Uniform, an sou goung et dann op den halwen Dezember zou.

Sou ém den 13. 14. Dezember sin d'Panzer, déi an der Haart am Bësch stoungen zréckgefuer. Owes koumen erém aner am Plaz, ma nüt méi souvill hu mir gemengt. Dat wor am Fong náischt Neis, an et huet keen un eppes geduecht. Bei der Garage Thix as d'Fassel mat Bensin geféllt gin. Freides odder samschtes muerges. Ech wor zu Géidgen, nométtes géint zwou, dräi Auer, 't kraacht a blétz. Eng Dose preisesch Granate schloen an Al-Géidgen an. Wat soll dat heesschen? Sollen se kommen? Dat huet nach kee wëlle glewen. Ech si bis hannescht op Huldang gaang an iwver d'Wemperhaar rém op Elwen.

### Si sin erém do

*Samschdes 16. Dezember.* Et schéiss déi Sait vu Maarnech, Hépperdang. D'Preise solle probéieren, fir iwver d'Our ze kommen. Aner soen si wiren op der Strooss zu Maarnech.

*Sonndes 17. Dezember* D'Preise sin zu Maarnech, zu Reiler, si gin op Klierf zou. Déi éischt Leit vu Léiler, Hépperdang komme mat de Ween. Bis elo hu mer nach émmer gemengt, et wir esou eng Aart Stosstrupp an d'Amerikaner wiren huerteg fäerdege mat hinnen. Mir haten déi vill Panzer jo gesinn erop fueren.

No der Mass kommen och déi éischt Leit vu Bënzelt eriwwer, Leit déi méi wéi aner vun de Preisen ze fäerten hun. Et weess keen eppes Richteges, zur Maarnecher Sait huet et nach émmer geschoss.

Nométtes hun dann d'americanesch Zaldoten agepaakt. Den Town Major huet awer soe loosst, et wir keng Gefor, of et ausgeschellt gouf, kann ech mech nüt erénnernen. Iwwerall stin d'Leit zesummen.

Wat solle mer maachen? Déi en Auto hu paken alt emol an. Déi éischt Élwenter fuere géint den Owend fort, eng op Lammescher zou, aner op Helzen, Aasselbur riwwer.

Owes kennt en amerikanesch Zaldot, deen an der Télénzentral geschafft huet, bei als erop a bréngt eng Këscht lesses. Béchsemöllech, Biskuitten, Fruuchtsaft, e bëssche Schockela »for the little girl and the sweet boy«. Mir sin um Iessen. Virun der Dir fuere Panzer erof, een um

aneren, méi wéi honnert. Mäi Schwor, deen am KZ wor, an nach e Refraktär maachen sech clo ewech. Si welle prett sin, wann et eescht gët. Wat solle mir maachen? Mat zwee klenger Kanner, fortlafen, wouhin, wou?

Iwwer d'Maarnecher Strooss op Klierf an den Déilwenter Bësch lichte ganz staark Scheinwerfer. Mir gesinn et opliichten. Héieren awer nét vill.

*Méindes 18.* Niwwelleg a kal. 9 Auer. An der Post sin nach dräi, véier Mann amerikanesch Zaldoten. Ee kënnt rop bei äis gelaf, en as ausser Otem. E rifft: de Jerrys are coming, if you like to go, you must hurry up. – Deen erém Trapen crof. – Enne rifft een eppes. Ech hun d'Kanner um Aarm, méng Fra de Bouf – et kraacht a rabbelt, d'Trapenhaus as voll Damp. – Hei bleiwen ech nét méi, rifft méng Fra, d'Kanner an d'Kutsch a mir eroft, fir bei den Noper an de Keller. Iwwerdeems, wou mir d'Trap eroftkommen, lafen d'Zaldoten eraus, zwéi sätzen an der Jeep, Gas a fort. Et as sou géint zéng Auer. Kaum si se 500 Meter fort, kraacht et erém. Uewen op der Maartplaz kënnt den éischte preisesche Spähwon. – E schéisst op si, ouni se ze geroden. D'Kugel schlon am Fléck sain Haus an, wou déi Leit am Gaang sin fir e Camion ze lueden, fir fortzefüren. Déi élo nach nét fortzin, mussen et durech Biwwesch Bësch probéieren, fir op Beirich odder Lammescher ze kommen, an d'Belscht. – Mir sin am Keller, mat nach Noper.

Wéi laang, ech weess et nét méi. Vun dobaussen héiert een nét vill, e puer Schreck am Haff. Mir Männer däerfen nét eraus kucke gon. Dir gitt direkt erschoss, son eis Fraen, dir sid zevill jonk, si huelen eech direkt mat. Waart seet, d'Madame Majeres, äis don se sécher näisch, mir huelen e Kand op den Arem a gi kucken. Wéi s'an der Trap stéet, d'Trap geet an den Haff crop, héiere mer sc froen op däitsch: dürfen wir herauskommen? et äntwert een: ja, sicher liebe Frau, hier ist alles ruhig. – Mir kommen – ém 11 Auer. Ech gesinn nach wéi dee preiseschen Zaldot sech sain Törnester op e Velo bënt a fortfiirt. Datt et mäin eegene wir, dorun hun ech nét geduecht. D'Kanner gin hongreg – mir denken nét drun.

An du koumen se. Nomëttes. Mat alle méigleche Gefierer: Kannerkutsch, Wernercher, Méllechkaren, wou se hir Saachen drop leien hun.

Gläich gët gesot, eis Leit sin nét all fortkomm. Géscht den Owend hu se op den Thix geschoss wéi c bei Lammescher iwwer d'Grenz sollt fueren. D'Fra an d'Meedche sin dout. "T wor wouer!

An d'Preise kommen décke voll. An der Mëtt Panzer, zu de Säiten d'Zaldoten, an zwou Reien, Volkssturm. Wat eppes, knaschdeg a raschdeg, owes as d'Duerf voll. An nach émmer kommen dër, Volksgrenadiere. Mir si beim Noper hanneaus. En Zaldot as do. E seet äis, datt do uewen an engem Haus ganz Kéip amerikanesch lesses wir, mir sollten et siche gon. Well et äis awer eppes geféierlech wor, young hie mat. Eng Maandel voll hu mer geholl an heemgeschleeft, hie krut séng Deel mat. Eppes méi spéit steet e preisesche Feldwebel an der Dir. Mat enger Handgranat facht en sech émmer widder d'Stiwwelen. E gesait déi Saachen a freeet: na Beute gemacht? well nun awer deen aneren do as, as et gutt. E wollt aquartéieren, mä wéi en déi sechs kleng Kanner an déi vill Leit gesinn huet, as e gaang ouni vill ze dreén.

*Dënschdes de 19.* schlecht Wieder a kal.

Mir héiere wuel Flieger, gesinn awer keen. Sin et Amerikaner? Op Wilwerdang wor Méindes némmen en Auto bis vir an d'Duerf gefuer. Vu Bënzelt erop sollten se och dohinner. Sin awer vum Helemtsknupp aus beschoss gin. Dënschdes, wor de Wee fräi, d'Amerikaner hun sech op Huldang zréckgezun. Si leien am Géidgerbësch an an der Haart. D'Preise bleiwen uewen am Ducref. Aus dem Géidgerbësch erof schéisse Kanounen. D'Preise gin zréck. E Spähtrupp nuets mellt géint der Dag vu mëttwochs, datt de Feind hannen un hinne wir. Si gin hannesch op Elwen.

Mëttwochs wëllen s'op d'Wemperhaart. Et geet nét. Do sin och nach Amerikaner. D'Stroossebeem si gesprengt, si kommen och doérwéinst nét mat engem Auto duurch.

Mëttwochs kënnt méng Schwéiesch vu Wilwerdang erof. Am Agank vun Élwe stéet e Posten. Si froen en, ob se an d'Dueref kënnte goen. »Ja, sicher im Dorf ist tiefster Friede.« – Mir wore frau eppes vun hinne gewuer ze gin. No enger Stonn gi se rém hannescht. De preisesche Jong, loug dout do. En amerikanesch Camion wor vu Géidgen erof komm. Of d'Amerikaner lieweg

eweckoume weess ech n t m i. – Ent St ckelche Krich. –

M indes odder D nschdes goufen d i eischt amerikanesch gefaangen Zaldoten op  lwe bruecht. Virun der Post hun se se opgestallt. Si hun hinnen alles renglech ofgeholl. Ee vun hinnen huet gez ckt, e wollt s cher eppes n t gin an de Preiss schl it en op de Bak, schl mmer w i e St ck V i. D nschdes, m ttwochs komme Leit er m, d'Preise wore viru se komm. Zu Beesslek sin se m indes nom ttes. Zu Huldang den 21., ee mat engem Motor, e freeet op l tzbuergesch: as d'Strooss op Huldang fr i. Et  ntwert keen. En dr it  m firt hannescht op Wilwerdang. Nuets viru Kr schtdag sin se dann och zu Huldang a gin op d'Schm dd zou. Zu Huldang, do haten d'Amerikaner och m i Brudder geholl, w i hie mat ancre vu B nzelt hannescht op B nzelt fuere sollt, well d i Strooss wor du nach fr i, d i aner op  lwen zou, do sin d'Preisen  ropgefuer. D'Amerikaner hate gemengt, hie wir e Spioun. E souz bei hinnen op der Schm dd bis d'Amerikaner fortgaange sin. – Sou g ung et da virun. Aquartierung, Volkssturm, SS. Et wor mat enger Parti auszekommen. Si hun n mmen dat geholl, wat fir z esse wor. Auerh ngert wi se worn, konnt een et verston, elo cr ischt, dee-mools n t. M  fanatesch Kaalwer worn och



D'Onofh ngcgeketsmonument 1939 zu  lwen, dat am Krich am Bucdem gel en huet, an nom Krich nees opgericht as gin.

Photo: Lisa Heinen

dr nner. Dann hu se gefrot: Ja, wo sind die Leute hin? Mir hun da ge ntwert: Och, die haben das Schiessen gef rchtet? Bei enge g ung dat duer. Aneren n t. D i hu gedreet: Aber sie werden was erleben! Und dieser Hetzsender Luxemburg, sie werden uns das bezahlen. Wann dann ee vun  is de Courage hat ze son: Aber wir haben doch nichts darin zu sagen, huet ee gemengt si g ifen  is erwieren.

M  wat wor dat, Granaten a Bommen, g int d i 5. Kolonn odder S.D. d i gl ich hannendrop koum. Granaten a Bommen dat as Krich. Awer dat anert kann deen n mmen verston, deen do derb i war. Et wousst ee jo guer n t, of een n t och vu Minutt zu Minutt verhaft g if! Bei d r Zort wor e Menscheliewen n t m i w i duerge-spaut. A w i s'opgetratt sin, an sech opgefouert hun. D'preisech Zaldoten hun se souguer gefaart. Hir Offizier a Maj ier bis Obersten hu virun hinne stramm gestan.

Wat sollte mer maachen, wat sollte mer soen. Et huet een an d'Lucht bruet, wann een h ieren huet, datt se am Radio gesot h tten: Hieft Courage,  r Saach as a gudden H nn. A wat fir gudden H nn se wor, dat hu mer all Dag m i gespuert. A mir hun  is gefrot, voller Aangscht, wat g t dat; zemol dat mat d r 5. Kolonn. Et huet du geheescht; si hu L schte vun denen d i eppes mat der Resistenz ze din haten, d'Unioun wir fort-gelaf, a si h tten all Pabeieren am B ro leie gelooss.

War et wouer, war et n t wouer, mir woussten et n t.

### Bant der Offensive.

Vun all deem s llechen, wat geschwat a gesot gouf, weess ee kees, wat wouer as a wat n t. T g t ee jo vu kenger S it eppes gewuer. Jhust dat wat d'Preise son: wir stehn an der Mass – unsere Spitzten stehn vor Antwerpen; aner woussten, datt se w it hanner Verdun wiren. Wann dat g ing st mmen, da wire mer jo sch i bel ffelt. – D i e Radio mat Batterien haten, hun och n t vill m i gewousst. M  mer sin awer gewuer gin, datt se n t zu L tzbuerg wiren. Dat eenzegt, wat mer h ieren hun, wor datt et bei Baaschtnech dor mmer et n t r cheg g if viru-goen. W i a wat a wou wousste mer alt r m n t. Mir waren op alle Fall frou, datt d'Front n t bei

äis wor, a mer hun déi arem Leit dacks bedauert, do wou Front vor, well do musst et richteg elle sin, e Virgeschmaach hate mer jo dervun.

Zaldote kommen, alt eng Kompani Ukrainer – déi waren nach méi hongreg, hire Laitnant wuel nät, well dat wor en déck a voll gefriessene Parteimann. Sou goung et dann ewéi wa se nach laang hei wiren, bal wéi wann et sou géif bleiwen. Eng Wierkstat fir hiirt Geschir ze flécke gouf am Maschinneschapp zu Élwen ageriicht. Si hate gutt Saach, well d'Amerikaner haten och ewell eng do. – Flak stung ronderém Élwen op de Koppen. – Panzer koumen a Kanounen, an d'Lightning an d'Thunderbolt, déi amerikanesch Jaboën. Déi waren émmer an der Luucht, soubal d'Wieder gutt wor. Den 19. haten se ze Wilverdang en Tigerpanzer bombardéiert. De Panzer wor futti, ma och en Haus, d'Fra verwonnt. Déi sin op alles lassgaang. »Die greifen ja den einzelnen Mann an«, soten d'Preisen. Fir si wor dat Bensin verbétzelt. – D'Panzer si mat wäissen Dicher gedeckt gin, Ländicher, Dëschdicher, déi an den Haiser geklaut wore gin, do wou keen doheem wor. Déi allermeescht Zaldoten haten och sou wäiss Gezei. – Mir hu jo e bëssche gefaart, wann se sou erofgestouss sin an et geschoss huet, mä et wor engem trotz allem nät egal, wa se nät do waren. – Een Dag, ufaanks, Januar, e schéine, klore kalen Dag; op der Maartplaz stongen e puer Tigerpanzer, och e puer direkt virun de Haiser um Trottoir. Et huet äis nät gefall. – D'Jongen, sou hu mer d'americanesch Fliger genannt, waren do. Een dréit iwwer der Plaz, lo gét et Zäit. Kaum énner Dag dabberen d'Kugelen op dem Pawec vun der Strooss, kleng blo Flämmercher blétzen. – E geet rém an d'Luucht a gläich drop knuppt et – d'Rauten aus de Fénstere fladderen an d'Kitchen – an ech don den Hutt of. – Mir hätte jo verdäiwelst gär gehat, wann déi puer Bëmmercher op d'Panzer gefall wiren amplaz an de Schoulbierg. Awer da wiren d'Haiser och futti gewiescht. Chance muss een hun. D'Preise sin neidesch. Si hu gemengt sou de Bensin ze verbétzelen an d'Munutioun sou ze verschwéngsen – si hate bal kee Spritt a keng Munitiouen. Den 2. Dag wéi se crémkomm sin, huet ewell ee geruff wéi se zu Holler rop gaange sin: sparsam mit der Munition umgehen.

Mir hate jo nät souvill ze leiden wéi d'Bauerin wou émmer beschlagnahmt gouf, mat an ouni

Pabeier: Nach dem Krieg wird bezahlt. Kéi, Schwäin a Päerd sin sou geholl gin. Alles gouf geklaut, wat némme fir z'iessé wor. – Soll cen esou e Krich féiere können, hu mir äis gefrot! Nëmmen ee Bild! Ech sti mat dem Noper am Haff, sou ém 10 Auer. E preisesche Spähwon hält do, e scheine Kéipchen Zoossiss a kleng Stécker Fleesch leien drop. Ech sot zu him: do soe mir déi hätten näisch z'iessen, kuck emol. Mëttes sollt ech eppes siche goen an d'Räzhäische fir ze kachen. – Alles rengleich fort, kee Schwanz méi do, souguer énner den Daach wor ee geklomm, énner d'Gespär. 'T war eist, do hat d'Fluche kee wäert. – Den Daach drop mengt Pierre: et wir awer keng Zäit fir mueres ém 10 Auer den Dessert z'iessen, – op engem Panzerwon souzen se agemaacht Uebst mam Läffel eranzefeieren. – Dat wor säint. – An der Carbons Mille gouf Miel beschlagnahmt, sou laang dës do wor. – Déi amerikanesch Iesssaachen hat ech am Keller verstopppt, fir wann d'Haus géif afalen. Ech kommen driwwer wéi s'am Gaang waren anzepaken. Schwätzchen hat kee wäert. – Sou hate mer da näisch méi! Well nun nät vill bei äis ze huele wor, si mer alt anesch ru gezuge gin. De gudde Mann vu Burgermeeschter huet da gesot kritt: für heute abend 6 Uhr souvill Kalzongen, souvill Énneschtkleder, souvill Strëmp, souvill dëst souvill dees, – an hien huet misse kucken datt en et kritt huet. Spinnstoffsammlung gouf souguer ofgehal. D'Radioë si beschlagnahmt gin. Hien huet et missen ausschelle loissen; de Buet wor fort: du musst ech et alt maachen. Fir wat een awer nät gutt as! Alles dat as vun der Gestapo kommandéiert gin.

An därbants as méng Fra mat de Kanner duerch de Schnéi mat der Kannerkutsch bei hir Leit op Holler gefuer. Mir hu gemengt do wir et méi roueg, well jo keng Strooss a kee Wee vun do op d'Our zou geet. – Ech, e Beamten, hat keng Aarbecht. Ech sin du bei de Schouster Mayer gaang, wou mäi Brudder geschafft huet, an hun do gehollef de preiseschen Zaldoten hir Schong flécken, Talonge konnt ech nelen, an och Suelen. Si hate Schong, vill hu bal nät méi zesummegehal. Eng Parti vun hinnen hat Lieder. Wou et hierkoum, si mcr méi spéit gewuer gin. Bei engem Liederhändler, Albert Jacobs, haten s'et geklaut, organisiert huet dat geheesch. Nu ja! Ech souz kaum: hei geet d'Dir op. E grousse, véiercckege

Preiss steet do – de Chef vun der Gestapo! Non-dikass! Wehrmachtsbetrieb? Alles eigene Leute? De Mayer huet nüt iwwerluet: Ja bis auf ihn. Er ist Postbeamter und hilft damit wir schneller voran kommen. D'Pabeieren hun ech misse weisen. Gottseidank, ech hat nach de Postausweis. T' wor gutt gaang, – Déi Nuecht drop as am Buttek agebrach gin; Dammeschong si geholl gin. D'Trëtt huet ee schéin am Schnéi gesin. Mëttwochs odder donnëschdes, 20. 21. D'Gestapo, odder S.D., odder 5. Kolonn as an Aktiouen. Si wore gutt am Bild. Alles wírklech gutt organiséiert. Leit gi geholl an op d'Gendarmerie gefouert: Räitesch Jos., Jos. Zenners, Val. Bormann, Terren Geib, Léi Despeler, Emilie Schmitz, séng Bridder Jos an Änder. De Buergemeeschter och. Hie koum rëm eraus. Déi aner si matgeholl gin. Emilie Schmitz, Terren Geib, Léi Despelesch kommen nüt méi erém. Wat mat hinne geschitt as, weess keen, bis nom Krich.

Dat worn déi éisch! Kommen der nach no? – D'Gespréich huet sech nüt gin, datt se Lëschten hätten. Si haben der och. Wéiniegstens déi vun de Refraktären. Mäin Noper as eng Kéier muerges sou, wéi e Mëllech sollt siche gon, mam Schlapp geholl gin. Ee Gléck et wor fir säi Koséng, deen de selwechten Numm hat. – Et gouf no verschidde Leit vun der Resistenz gefrot: een Numm weess ech nach. Tinnësse Krëst. E wor fort.

Tëschent Krëschtdag an Neijooschdag zu Elwen. – Et gin nach èmmer Schong gefléckt. – Ee vun dene Gestapomänner kënnt fir Stiwwele gemaacht ze kréien, Lieder bréngt e mat. Fir déi ze maachen, dat dauert e puer Deg. Mir haben en dann do sëtzen – an en huet gezielt. Eng Kéier seet en: Das Dörfchen wird nach Neujahr was erleben. Wir haben genaue Aufstellungen der Widerstandsbewegung – haben uns jedoch das bis nach Neujahr aufgespart! Aber es wird wohl nichts verraten – denn – sonst lieg *ich* morgen draußen unter dem Rasen. – Vun äis huet kee Schass gesot. Wousst en eppes, odder wollt en eppes gewuer gin. – Ee Gléck et koum nüt esou wäit. Déi amerikanesch Bommefliger koumen déckevoll. Hauffelesch as bombardéiert gin! Prüm koum un d'Rei, méi spéit – Sankt Véckt gouf gläich gemaacht. Klierf, d'Haaptplaz vun der Gestapo och! – Wéi Klierf bombardéiert gin as wor ech ènnerwee op Bénzelt. 24 oder 36

Stéck där Maschinne kommen déif iwwer d'Luckeschbaach, se dréien op d'Maulesmillen zou. Ech hat scho geduecht lo huet et fir Élwe geschellt. T' wor Klierf gin. E. Bommenteppech as do gefall. – Sant Véckt wor gläich gemaacht gin, d'Strooss as iwwer d'Haiser gaang, hancno. Wéi do bombardéiert gouf hun zu Élwen d'Haiser geziddert, d'bleche Paarte vun de Garagen hu gerabbelt. – No deem Bombardement sot eng Kéier e preiseschen Häüpste fir Élwen. »Ich fürchte für das Dörfchen, genau die Lage wie Houffalize«. Et koum awer nüt sou wäit. Déi Deg sin och nach V-centen riwwer gaang. Awer méi héich wéi virun der Offensiv. Zu Manderscheid sin se ofgeschoss gin. D'Kondenzsträifen hu mer schéi gesinn, et waren esou Zickzacksträifen, déi poulliicht an d'Lucht goungen. Mir haten awer gemengt et wir zu Prüm

Zu Bénzelt de 24. Dezember. Zéng Mann gi geholl, einfach esou, fir wat wousst keen; ee beim Stall, den anere bei der Kirech, wou se ee gesinn hun, no méngem Brudder hu se gefrot – en hat sech verstoppt: Lëschels Jhemp, Lingert Éidchen,



Hotel Hemmer, Elwen-Gare

Theis Franz, Bäres Méchel, Pitter Reni, de Schmadd, Woler Josef, Steff vam Stack, Lingert Becker a Meyers Bernard, zwéin déi vun Hengescht hei evakuéiert woren. Hanneno huet et geheescht si wire geholl gin, well e Kabel du-rechgeschnidde wir gin, well op engem preiseschen Zaldote-Graf d'Blummen ewechgeholl wire gin, well Fändelen opgehaang hätten, well d'Leit zevill fréndlech mat den Amerikaner gewiescht wieren, déi hätte Blumme kritt. Woche-laang woren se fort bis an de Mäerz eran. Ee koum nüt crém: Bäres Méchel. Zu Wampich as Kiämmele Jhang geholl gin. Zu Kréindel de Lamborelle mat zwéi Jongen. Alle sin s'op Klierf gefouert gin.

Hanneno gi mer gewuer datt Jhang, an déi dräi Lamborellen téschten Klierf an der Maules-millen erschoss si gin, a leie gelooss, – erschoss ouni Uertel a Recht.

Zu Helzen as et grad esou schlëmm. Den Degrelle, de belsche Rexistechef wir do, an nach e Létzebuerger, dee mat de Preise geschafft huet.

Déi Leit gin och verschleeft, haut weess nach kee wat geschitt as. De Schoulmeeschter Thill, Streber Misch a säi Meedchen, 10 Jor al, den Nesar, den Erler, Franz Theis an d'Geseschter Serres mat hirer Nies vun Esch, e Meedche vu 17 Jor. Bei Serressen hun se en amerikaneschen Zaldot an Uniform fond. Déi dräi sin an en Auto gehäit gin, si hate Klompen un, e puer honnert Meter vum Duerf mussten se raus an zu Fouss durech de Schnéi. Vun hinnen alleguer huet een näischt méi héieren. – Wéi de Schnéi fort wor sin zu Élwe Läiche vun Ziviliste fond gin. Genéckschoss! et wire Belscher gewiescht.

Zu Wampich loug och sou eng Equipe, 5. Kolonn sote mer. Déi hun zu Wampich an och zu Holler gehaust. Sou eng Band International Gängster vu verschidden Natiounen, 'T wor och alt e Létzebuerger derbäi, odder wor et der zwéin. – Zu Holler, bei Kails, kénnt e preiseschen Zaldot, dee létzebuergesch schwätzt, an de Stall bei d'Jongen aus dem Haus. En hätt gär eng Schmier, e wir hongreg, e wir ès och midd. Den Dag drop sin se do. D'Haus gët émsat, alles gestuel, Suen a Saachen. Well d'Jongen aus dem Haus nüt do waren, musst de Papp mat, wa si sech awer géife stellen, da kéim hie fräi. Si hu sech da gestallt, de Papp konnt heem gon. Si souzen du eng Zäitschen do, a goufe vun do op

Doleden a viru geschleeft, bis op Wilzecker, wou se fortgelaf sin. Ee vun denen hat se gewarnt se sollten sech ewech man, well lieweg mat iwwer dé Rhäin kéimen se nüt.

Dem Schouster Pir vu Wampich goung et och esou. Hie wollt engem Létzebuerger héllefen, deen och do derbäi wor. E gouf geholl, konnt awer nach zu Wampich fortlaufen. Du hu se séng Fra geholl a mat bis op Doleden geschleeft, wou si sech, mat hirer Auer fräikafe konnt. Si koum von du zu Fouss erém. Déi jong Leit vun Holler sin zu Wilzecker vun engem Bauer gefiddert a verstoppt gi bis d'Amerikaner koumen, déi hu se mat den anere Gefaangene vu Lager zu Lager transportéiert bis se de 17. Mäerz rëm doheem woren. Déi Zäit, wéi dat geschitt as, loug de Manteuffel zu Holler. Do wor säin Haaptquartier. E koum vu Mont-le-Ban dohin. Do hat et gestébst, soten se. D'Sonderwerkstatt vun der Flak, déi sech grad zu Holler ageriicht hat musst eraus. De Freiherr von Lynke huet dem Generol alles an d'Rei gemaacht. D'Flakabteilung mat hirem dichtege Kommandant must eraus, deen elo koum, hat méi ze son ewéi hien: hien deen den Dag virdrun nach e puer Leit ugeranzt hat: im Spritzenhaus antreten, und zwar sofort, sonst werden sie erschossen, von mir persönlich. De Manteuffel luch zu Holler vum 7. bis den 20. Januar muerges. Déi Zäit wor et roueg do.

Kee Passaasch, keng Zaldoten. Nëmmen hei ands do huet emol der e puer sech dohinner veriirt. »Ach so hier liegt der Stab«, an da goung et lass »und der Landser verreckt im Dreck und der Kälte an der Front. Zu Élwe stoung Schélder: Straße gesperrt. 'T wor och zu Holler, wou de Manteuffel säin 49. Geburtsdag feiere wollt, de 14. Januar 45. Der Musek, déi extra komme sollt, hun d'amerikanesch Fliger den Takt geschlon, 't gouf e Final. Säi Jong vu 17 Jor wor och wënsche komm. Om Dag selwer musst de Manteuffel bis un d'Front. Et wor schéin. Den Auto hallef futti, d'Fénstere kapott, hie selwer musst an de Gruef – an de Fahrer gouf vernannt. Den 8., den 11. an de 18. wor den Herr Feldmarschall Model do. De Manteuffel hat säi Büro am Paschtoueschhaus, geschlof huet en a Polti (Gemes). Neckelmann wor säi Remplaçant, an dann déi aner all, Generaloberst von Fincke, a von hei a von do. – Nach eppes Klengs fir ze laachen. Uewen an Holler louchen däer Generalobersten odder sou eppes



Elwen no der Offensiv 1945 (Hotel Hemmer)

och. Sou géint 2-3 Auer nomëttes. D'Flak schéissst wéi wéll. En amerikanesche Véiermotorbomber flitt ganz déif iwver d'Héltchen. Déi Häre kommen craus fir dat zekucken. »Den hats erwischt«, heescht et. Et muss e gi sin, well e geet émmer méi déif, sou mengt een. De Generaloberst, odder sou, geet an d'Strooss stoen a kuckt. Dee klengen Zivilist huet sech hannert d'Kappel verkroch, en héiert nach wéi ee vun den Offizéier zu engem anere seet: Finden Sie das denn nicht überaus unvorsichtig von unserem Major! – Némmen deem konnt dach kee Splitter eppes ausmaachen. –

D'Organisatioun Todt huet Schützegrief gemaacht op Bénzelt zou. Zivilleit mussc mat Schnéi schéppé gon. Den Här Manteuffel geet och emol op d'Juegd – en héije Militär muss jo Distraktioun an deem schwéiere Krichsspill hun; et huet mer sou geschéngt, wéi wann et fir déi Militär méi eng Saach vu Spill as, wou déi aner

Leit stierwen a bludden an si d'Ficellen zéien. – An der Schoul zu Élwe waren rém Krichsgefaangen Amerikaner. D'Coiffeuren aus dem Duerf müssen hinnen d'Hor schiere goen. Déi hun hinnen e béssche fir z'iesse matgeholl, well et wor nét vill do fir se. – Leit aus der Äifel sin eriwwer organiséiere komm. Ech hun e Bouf vun 13-14 Jor begéint, dee sot e kéim vun Tréier. – Nieft de Fligerbomme gët Élwen no Neijooschdag mat décke Granate beschoss. E puer Haiser si futti. D'Wierkstat am Maschinneschapp kritt eng Bomm virun d'Dir gesat. Alles futti, vill Zaldoten dout. – An der Post läit d'Feldpost. Wéi ech dem Oberspostsekretär erzielt hu, wéi s'et géife man, seet ee vun hinnen: man schämt sich Deutscher zu sein. Nun, d'Amerikaner müssen nobái sin. D'Feldpost as no e puer Deg fort. – Phosphorgranate schloen an. Haiser verbrennen. Et geet zum Rescht. D'Zaldote si verbattert, d'SS nach émmer déck do, a gemeng. Dach och énnert

hinn  
divis  
Opk  
Op  
flitt  
ze g  
21.  
Kell  
wol  
Bra  
22.  
wid  
geh  
riff  
fett  
Pie  
Th  
rec  
dan  
fer  
era  
D'  
ste  
sch  
en  
Ec  
go  
Pa  
en  
d'

E  
D  
sc  
er  
zu  
P  
se  
iv  
du  
w  
P  
fi  
h  
M  
s  
r  
k  
e  
r  
l

hinne sin der déi dës genuch hun. D'SS Panzerdivisioun, Grossdäitschland, geet zréck. – Den Opklärungsfliger dréit rém iwver Aasselbur. – Op deen huet kee geschoss. Et gouf gesot, dee flitt ze déif an ze lues. – Lo krute mer e bësschen ze gesinn wéi et an enger Front ausgesäit. Den 21. Janaur worn nüt méi vill Preisen do. An de Kellere souzen der eng gutt Parti, déi sech fänke wollte loassen. Den 22. gët den Tubbeseck a Brand geschoss. Phosphorgranaten. Nuecht vum 22. op den 23. Januar. Matzen an der Nuecht gët widder d'Kellerdir, et wor en Agank vu baussen, gehummert. Et freeet een no mir: wou ech wir. Et rifft ec mech. Ech hu geduecht, lo as d'Bëtschel fett, lo hu se dech Gottseidank et as den Noper. Pierre kënnt mech ruffen: D'Post, d'Millen, den Thillens an dem Schrantz sain Haus an de Kirechturem solle gesprengt gin. Wat sollte mer dann do man? Déi puer Miwwelen erausschlefen. Wat hu mer dann? Mir kréien dach nüt alles eraus. Ëm halwer 4 sollt alles an d'Luucht gon. D'Granate päifen iwver äis. De Buedem as steenhaart gefruer. D'Zaldote probéiere mat Pioschen fir anzekommen an de Buedem. En Zaldot entschlëlegt sech sou halwer: et wir ebe Befehl. Ech gin ëm 4-5 Auer hannescht an de Keller. Et gouf nüt gesprengt. Et heescht muerges, de Paschtouer Schaak, dono zu Klierf hätt mat enger Jhatt Mällech an e puer Fläsche Wäin d'Saach båigeluegt. Et gouf nüt gesprengt.

### Erëm fräi

*Den 23. Januar 1945. Nationale Feierdag.* – Et schéisst eran. – Géint de Mëttetg, d'Haiser zidderen, et hummert huel vun der Gare erop. Déi zwou Brécken iwver d'Wolz si gesprengt gin. E puer Haiser fale mat an e Koup. D'Waasser staut sech an der Städjesgas. Et stect hanneno bis iwver den zwete Stack. Vir am Keller pëspieren der zwéi matenee, ech héieren se op der Brëtsch, wou ech mech e bëssche getässelt hat fir ze tompon, well et jo nuets nüt vill gi wor. Wat lass wir, froen ech? – Och nüt vill, et stect e Preiss hei hanner dem Haus an engem Eck mat engem Maschinnegewier. Wann e schéisst vreckt e, son se. Well da schéissten d'Amerikaner lei eran; déi mussen nobai sin. D'Sonn blénkt, d'Luucht as klör wéi Kristall. Géint dräi Auer kraacht et op eng Kéier, wéivill mol op der Siddeschlei. Ëmmer drësseg Stéck schlön do an. Décken Niwwel kénnt do op. Niwwelgranaten. Et schéisst nach

méi. – D'Aschleeg si méi wäit ewech – sollen se dann haut och nach nüt kommen, et géif awer elo héich Zäit. Et gët däischter. Mir sätzen am Këller – a waarden – bis ëm halwer fënnef. Et as alles esou roueg. Eng Fraleitsstëmm jäizt op der Strooss: d'Amerikaner. Si waren rém do, den 23. Januar 1945 ëm halwer fënnef owes. Bestëmmt dee schéinstn Dag fir Élwen! – Si gi viru bis bei déi lescht Haiser op der Bënzelter Strooss. Am Millewee stect en Amerikaner op Posten. – D'Preise schéissen eran. E puer mol nämmin. – Mir ruffen de Jong eran, wëllen em eng Drëpp gin. En drént nüt bis mir och gedronk hun. En ésst och eppes, Fleesch mat Gebeess! D'Kanner kickelen.

An d'amerikanesch Granate fleten eriwwer op Bënzelt, op d'Haart zou. *Mir* sin erléist! De Schouster Mayer seet nom Iessen: Loosse mer e Rousekranz bieden an och eng Kräll fir déi Bënzelter fale loassen. Méng Leit si jo do. De 24. as et da fir Bënzelt. Vun zwou Säite gi se vir. Eng vun der Pafemillen erop, déi aner vun Élwen. Virun der Haart probéieren d'Preisen se opzehallen, si wollten e Konterku maachen. Dat selwecht wollten se vun der Haart aus och op Bënzelt zou. An der Frontzeitung »Star and Stripes«, stoung den Dag drop et wiren Haisergefechter an der Town Binsfeld gewiescht. Wéi soll et do ausgesinn, hu mer äis gefrot. Et wor awer nüt esou uerg, wéi mir gemengt haten.

Nämmin et goung do haart op haart. Muss een erzielen wéi et wor! Vum Haass deen do Meeschter wor, wéi der erschoss si gin. Zaldoten. Wéi dat hei: en amerikaneschen Zaldot: ech kenne keen Erbaarmen, alles wat mir virun d'Flënt kennt gët émgeluegt – si hu méng Komeroden, déi se gefaang hu bei Heischent, all erschoss, et hat kee méi eng Flënt! 17 Mann!

Nuets vum 23. op de 24. gët Drénkelt, Wilwendang, Kiirchen, Holler beschoss. E Panzer stéisst bis op Holler vir, schéisst e puer mol, dréit ëm. De viischte Keller am Haus Kails as geraumt gin, fir eng Verbandsplatz anzeriichten. D'Leit am hënneschte Keller héieren dat Gejéimers. Et rifft een: Platz! jetzt kommt ein verwundeter Leutnant! An dernieft ronkt een. Ee vun der Organisatioun Todt, hie schléift. En hat d'Féiss erkaalt. – Et rifft op eemol rém een. »Sind noch Zivilisten hier im Haus«. Si réieren sech nüt am Keller. Gläich ziddert d'Haus. E Panzerwon gouf virun

der Dir gesprengt. – Den 20. wor den O.B. fortgezun, éierens an en Duerf an d'Eifel. »Vorposten müssen stehen bleiben um den Feind zu täuschen«. Zwou, dräi Panzerkanoune bloufen do. Si hun eng Kéier geschoss, d'Amerikaner dofir dann 20 Mol. Dat goung esou. Woren déi amerikanesch Granaten ageschloen, dann eis Kanonéier eraus, séier dräi Granate geschoss, an dann huurtéig an de Keller odder hannert e Giewel, well da koumen déi amerikanesch. Et huet nüt laang gedauert, du war d'Dora an d'Bertha »außer Gefecht« (sou huet d'Kanoun geheesch). Dat muss ce soen: D'Amerikaner hun hir Leit geschount. Léiwer 100 Granaten ewéi ee Mann. Durech déi puer Schéitz vun der Dora krut Holler dann dun och e schéint Bombardement, nuets de 24. Zu Bredelt huet et och sou cragefummst, bis Rinnen Hari vu Bredelt engem amerikanesche Poste soe koum – et wir kee Preis méi am Dueref. 5 Haiser sin an dem klengen Dueref déi Nuet verbrannt.

Wampich krut dann och sain Deel: Bommen a Granaten. Haiser verbrennen. De 25. kommen e puer Amerikaner bis an d'Duerf, müssen zréck, de 26. zéien se dann awer eran an d'Duerf, vu Wilwerdang an aus der Haart hier. Den 1. Februar sin se zu Letem. – De Géidger Béisch läit énner de Granaten. De 26. Januar as e Panzergefecht zu Huldang. De 27. sin d'Amerikaner do. Op der Schmëdd sin se och dun.

Sou wor d'Land dann erém fräi. Awer wéi! An all Duerf Haiser zerschoss a verbrannt. Dat as zäitleche Schued! Méi uerg a vill méi uerg déi Leit, déi durech de Krich émkomm sin a verschleeft gouwen.

Erléist wore mer vun deem schrecklech Ongewissen. Riwwer? kommen se nüt nach eng Kéier, sou wéi der gedrät hun: im Frühjahr sind wir wieder da.

Awer d'Amerikaner huet een nüt méi rém kannt. Wat si se virsiichteg gin. Mëssstrauesch souguer, mat Recht, mä ze spéit. Den C.I.C. as mat virop. Op de Scheierpaarten zu Bénzelt hänke meterhéich Plakaten iwver d'Verhale vun de Leit am besate Land fir déi Däitsch. Mä Donnerwieder! mir sin dach däk keng. En Zaldot gët mir de 25., 26. Januar 1945 an enger Wiirtschaft zu Élwen eng Zigarett. Dobäi entschéllegt en sech sou haalwer bei engem aneren Amerikaner, datt en



Élwen-Gare, 1945

dem German eng Zigarett gin hätt. As dat nun nüt fir ze houschten! si wéissen emol nüt, wou se sin. Mir German!

Déi Nazi-schréfte, meterhéich, sin nach laang op de verbrannte Maueren ze gesinn, wéi: – Räder müssen rollen für den Sieg! – Ein Volk, ein Reich, ein Führer – Wir sind im Kommen – Führer befiehl, wir folgen dir! – Sieg oder Sibiriens – Kohlenklau – Pst! Feind hört mit!

Wann nun d'Preisen alles geholl hu fir z'lessen, dann hun d'Amerikaner sech hei alles matgeholl fir Souvenir: Likörservisser, Aueren, Tasen, Fändelen asw. Si hätte jo némme bräichen ze froen, mir hätten hinnen et jo gin! Grouss Kanner. An der Stuff gët Holz gehaen. D'Uewepäifen zu de Fénsteren erausgekéiert. Nüt ze wäit, soss hëlt en aneren se baussen, deen s'och brauch. An den C.I.C., déi wore streng. Ëm 6 Auer kee méi op der Strooss. Kee Passage vun engem Duerf zum aneren.

Eise gudde Bürgermeister wor elo Town mayor gin. Hien huet rém missen duerhalen. Leit muss-

ten erbäi geschaf gin, fir Posten ze stoen op all Strooss, déi an d'Duerf erakennnt. Ech wor och derbäi. – Zu zwéi krute mcr *eng* Flént an eng Band mat de Buschtawen R.I.F. D'Kontroll huet als zwéin eng Kéier nét fond a mer sin op d'Plaz gesat gin. Sou stoungé mer dann am Schnéi eng Kéier beim Legay op der Aasselburerstrooss. D'Kontroll kénnt, a mir gi gefrot, ob keen eraus an era komm. Dach, et wir de Metzler Schaus vun Élwen, deen op Helze gaange wir, fir ze kucken, ob e kee Béischt ze kafe krit, fir ze ze schluechten. Dat wor nét gutt. Mir hätte streng Uerder keen eran e keen eraus ze loossen, och wa mer e géife kennen. Och nuets hätte mer do ze stoe gehat. Mee et wor kee Ménsch, deen dorémmmer gaangen as, wann en nét onbedéngt musst. Nun, en huet eis eppes op englesch gesot, wat mat eis géif geschéien, wann en eis déi aner Kéier nét um Poste géif fannen; mir hun et nét richteg verstanen, 't wor wéi wa mer agesat géife gin.

Eng aner Kéier. Ech wor e Brout siche fir dem Schouster Mayer séng Kanner, e Stot vun 8 Kanner, e Monni an eng Tata an zwéi Gesellen. De Mayer wor an der Aasselburerstrooss op der Doud verwonnt gin, wéi e gehollef huet aus engem Haus Miwwelen a soss Saachen erauszehuelen, well d'Haus en Aschlag kritt hat, a wéi du grad e Tanks op eng hélze Minn gefuer wor, déi op der Sait vun der Strooss geleén huet. – Hanneno huet sech gewisen, wéi de Schnéi fort wor, datt der nach do lougen. Mat hire Sichapaarten hun d'Amerikaner, déi nét fond. – Ech gin op Bénzelt fir do e puer Brout ze kréien well zu Elwen an der Bäckerei wor ech ze spéit un, an et wor keent méi do. Ech gin ugehal vun engem amerikanesche Posten, wéi ech duurch e Wee gin, dee mat Déppercher an Deckelen un engem Drot ofgespaart wor, fir wat, dat wousst ech nét. Ech hat deen Armband vun der C.I.C. mat de Buschtawen R.I.F. un. E frot, wat dat géif heesschen; ech wéisst et nét. den C.I.C. hätt mir dee gin. Soss sot en náischt, och nét, datt déi Strooss voll Minne léig! Um Wee fir erém begéinen ech eng Kontroll mat enger Jeep. Wouhin, wouhier asw. Ech hun him d'Brout gewisen. Dat wir d'Saach vum Town mayor, a wann en Zait hätt, da géif e mech mathuelen, ech sollt maachen, datt ech ewech kéim. Am Agank vun Élwen nees ugehal, eng Jeep mat zwéi Mann. Do wor een

derbäi dee létzebuergesch geschwat huet. Erém wouhin, wouhier, ob ech dann nét wéisst, wat lass wir, ob ech déi Kéip Munitiouun nét laanscht d'Strooss gesinn hätt leien. Dach. Mir sollte vun der Strooss eroftbleiwen, ob mer wéllten, datt et nach eng Kéier géing wéi am Dezember, duurch dat Gegängels vun de Leit wir et liicht gewiescht fir d'Preise fir erém ze kommen. – Ech si rose gin, – an hun náischt kénne soen; et wor och besser. Si haben als jo náischt gegleeft! – An denen Deg si mir Zivilisten ofgeléist gin, fir Posten ze stoen. Létzebuerger Milizleit an e puer Gendaarmen hun dat elo gemaacht.

Den aarmen Town mayor wor al geplot. Hie musst erém eng Kéier Leit zesumme kréien, fir d'Strooss op d'Wemperhaart an d'Rei ze maachen. Dofir huet kee sech gezun, mir zwéin, Pierre an ech waren erém derbei. Mueres ém aacht gi mer an e Camion gelueden an ab, op d'Haart zou, mee et gouf nét do stall gehalen, an alt virun. Mir si schlussendlech zu Buurg-Reiland op der Gare gelannt. Wat do maachen? T' gouf náischt gesot. D'Gleiser lougen op der Sät, zu enger haalwer Dose Mann hu mer do ém de Pirell mat de Piosche geklabbert. Aner vun eise Leit waren zu Udler, do hun se d'Strooss an d'Meschtekaule gebotzt. Mir krute mëttes e Ratiounspäckelchen, awer náischt fir ze drénken. Zu Udler hun déi héieren, déi do geschafft hun: et se Jefangen aus Létzeburrig! Owes géint 5 Auer kénnt de Camion eis erém sichen. Dat alles krut den Town Mayor owes da propper gezielt. Hien erém bei de Kommandant. Deen Dag drop wor op der Wemperhaart d'Schaffplaz. De Bulli gouf aus der Strooss geschéppt. Mëttes e Ratiounspäckelchen, bei d'Zaldote si mer eis Kaffi a Waasser heesche gaangen. Resultat, eng ganz Parti krut den Duurchlaf, a fatzeg. Den dréitten Dag wor d'Halschecht krank. D'Équipe huet sech nét laang derno opgeléist. Fir wat dat alles, dat wousste mer ni.

Nun, et gouf Mäerz, Abréll, de Postbetrib as lues ugelaaf, fir hir bestémmmt Dierfer kruten d'Bréidréier e Laisser-Passer, d'Bréiwen aus de Méint virun der Offensiv si komm, d'Zensur hat hir Ziedelen drop gepecht. Lues a ganz lues krute mer erém Téléfon an d'Elektrescht...

\*\*\*

Wat bléif nach nét alles z'erzielen, vun deem wat jiddereen eenzel erlief huet, awer och vun deem

gudden Zesummehalen a Verstoe vun de Leit an deer Zäit, wou een deem anere gehollef huet, wou Näid a Sträit onbekannt wornen, wou nüt vu Politik, vu lénks a rechts, keng Rieds gong, jo et gouf gemengt, datt et ni, ni méi esou dierft kommen ewéi virum Krich mat deer onseilger Parteipolitik – a knaps wornen s'aus Amerika erëm, gong de Misär nees un – vun de ville Leit, déi d'Liewe gelooss hun, vun dem Misär an der Angscht... vun do, déi méi gelidden hun ewéi an deer Géigend vun der Spëtz vum Land...

Et sin elo 40 Jor. Vill, ganz vill as vergiess. Jiddereen, deen do wor weess vu sech aus nach dést odder dat. Jiddereen huet Säint erlief, vu sech aus gesinn. Fir alles dat ze beschreiwen, dat géif en déckeg Bicher. Et as och nüt alles erzielt gin, wat nach z'erziele wir, nach laang nüt.

Jiddereen dréit dat mat sech bis u säin Enn.

\* \* \*

Dëslescht huet de Radio UKW nees eng Kéier, dat Theaterstéck owes duurchgin, dat de René

Weimerskirch 1964/5 geschriwwen hat an dat heesch: De sauren Apel. "T gouf vun dem Gaasperecher Theaterclub deemools gespilt, mat vill Erfolleg, 1983 gouf et eppes émgeännert nees eng Kéier opgefieert. Du konnt ee gesinn, datt d'Verstoer, fir déi Zäit ofgeholl hat. Déi Jong vun 30, 40 Jor hun et opgeholl, sou wéi mir dat Erzielen opgeholl a verstanen hun aus dem véierzéngter Krich. De Fernand Hoffmann huet a séngem Theaterstéck: Pir Beauteums och eng Episod aus deer Zäit beschriwwen. Sollten déi zwee Stécker nüt dach eemol dést Jor nees eng Kéier gespilt gin. Een deen dat nüt matgemaacht huet, kann et och wuel nüt verstoen, datt dat alles méiglech wor, Kazett, Verfollegong, Zwangsrekréiert, Emsiidlung, verschleeft, erschoss, verstoppt, Liewesgeföör, Angscht...

D'Haiser sin erëm opgebaut, vill méi schéi wéi se wornen. Dat Materiellt konnt hannescht gemaacht gin, dat anert, dat ka keen all denen erëm gin. Et freet een sech haut: Hu mer dann näischt aus deer Zäit geléiert? Guer näischt?



Élwen-Gare, 1945

Albertine Alff

## Erliefnes den 9. Mee 1940

Et war den 9. Mee 1940, grad een Dag virum Krich, mee dat wousst jo keen. Ech war an der Belscht, deen Dag wollt ech egentlech déi bekannt Grotte vu Remouchamps kucke gon, mee dozou koum et bal nüt. Eng Damm hat mech muergens mat bis an d'Stiedche geholl, si sollt mech owes ém 7 Auer erém mat ewech huelen. Ech hat vill Zäit, a vill war jo nüt zu Remouchamps ze gesinn. Deen Dag war et onerhéiert ware; zum Deel well et eng schrecklech Hétzt war an dann och nach well et esou een anert Wieder an der Luucht hong, dat as awer eréisch den aneren Dag lass gaangen, an huet dann och laang gedauert.

Ech hu mir en Hotel gesicht, an ech war egentlech deen eenzige Client: ech sin esou guer komesch "gemustert" gin, mee dat as mir dee Moment nüt opgefall. Remouchamps war wéi ausgestuerwen, kee Mensch op de Stroossen. Am Stiedche selwer stongen iwwerall héich Panzerspären, wat egentlech kec gudden Androck op mech gemaacht huet; natíirlech hun ech mir déi Dénger ganz genee bekuckt an duecht: nondikass, déi Belsch sin awer gutt op en eventuelle Krich virbereet!

Well ech Päischten op Lëtzeburg fuere sollt, gong ech, fir datt d'Zäit vergong, an d'Gare a frot wéi d'Zich fuere géiwen. Wéi ech eraus koum, duecht ech: schreib dir léiwer alles genee op. Ech hun dat och gemaacht an dat esou guer bei enger ganz grousser Panzerspär. Awér do sollt ech nach eppes erliewen, dat fir mech bal ganz schlecht ausgaange wir.

Du wollt ech endlech déi bekannt Grotten emol kucke goen, dofir war ech jo heihinne komm. Ganz gemächerlech gong ech durech d'Strooss, egentlech war ech ewell a Gedanken doheim, méng Mamm wäerd erém fru sin, fir hiirt Meedche fir e puer Deg bei sech ze hun... Op ee mol héieren ech de Kaméidi vun engem Motorrad, ech dréine mech ém, a schons houl niewe mir e belschen Zaldot mat séngem Motorrad (eng Sidecar), dat gesäit ee jo haut nüt méi sou dacks, an dee mécht nüt vill Fisematenen, mee sot ganz streng: Joffer, setzt ech an déi Këscht, an dat direkt!.. Op all méng Froen: wat dat bedeut? wat ech do ze sichen hätt? wat heen iwwerhaapt ugéng?.. war den Zaldot stomm, wei ee Fesch. "Maacht nüt vill Gedéngels a klammt an, de Rescht gét dir nach gewuer"... Hien hat e

Gewier, also musst ech folgen, awer an déi blöd Këscht niewent him, sin ech dach nüt gaang. Sou musst hie sái Motorrad viru mir drécken an ech gong schéi brav op der Sait. An deem Moment hun ech un esou villes geduecht: wat hat ech gemaacht? D'Rechnong hat ech am Hotel bezuelt... Mái Pass! Gott sei Dank, dee war an der Rei, a gestiicht hat ech jo och keng?... Et koumen en etlech Leit op d'Hausdir, déi hu mech bekuckt, wéi wann ech hinnen eppes geklaut hätt!.. Dat war alles esou gelungen, mee, wann ech den Zaldot eppes froe wollt, krut ech einfach keng Äntwert. Mir ware bestëmmt e komesch Gespann!

Lo ware mir op e Bierreg komm an do wor dem Läitnant sái Quartéier, wou den Zaldot mech ofgeliwwert huet. Deen huet schons eng elle Minn gemacht, wéi hie mech gesinn huet a frot och direkt no ménge Pabeieren! Wann et dat nämnen as, duecht ech, da sin ech jo séier hei erém eraus... Mec, dat schéng fir hien nüt de Fall ze sin: well, wéi hie méng Pabeiere genee studéiert hat, seet dee jo ganz ongenéiert: Ech hu mir et gláich geduecht: eng sale bochel!.. Dat huet mech dach rose gemaacht, an ech hu mir getraut ze soen: "Wësst dir vläicht, datt et e Lëtzeburg gët an datt ech..." Mee ech koum nüt méi wäit, den Här Läitnant huet nüt mat sech schwätzze gelooss. Hien hut mech ganz streng bekuckt, a frot: "Weist mir mol déi Zeechnongen, déi dir vun onse Späre gemaacht huet?" A sou war déi Saach, do war ech mir jo kenger Schold bewosst, au contraire dat Ganzt huet mir Spaass gemaacht, dat war emol eng Ofwiesslong an deem klengen Dueref. Ech sot him dunn och ganz schei, ech hätt guer näischt opgezeechent...

Sou, jäizt hien, sénger Saach ganz sécher, da beweisen ech iech emol de Géigendeel, an télefo-neiert. Lo war ech awer richtege virwëtzeg, ech sin bal geplatzt vu Laachen, stong awer wéi ee klenge Sénder do... well ee Stull huet den Här mir nüt ugebueden.

Du koum en Zaldot, ganz ausser Otem, a stolz wéi ee Pouhunn: Här Läitnant, eng Damm, hellen, bloe Mantel huet alles opgezeechent vir un där grousser Spär, bei der Gare... Dat alles hat de kluge Patriot vun engem Bierreg mat sénger Spektiv gesinn, a wéi as et elo, frot de Läitnant richtege béis. Natíirlech hun ech émmer gesot, vun all wéiss ech näischt... Dunn télefo-

neiert den Här erëm, ech wousst nüt mat wiem, mee héieren: Jo, Komandant, mir hun e gudde Fank gemaacht, wat soll ech maachen?

Lo gouf mir déi Geschicht dach ze brenzeleg, an ech duecht et gët Zäit mat der Wourécht eraus ze récken. Du hun ech him genee erzielt, wat ech gemaacht hun, méng ganz Posch ausgekroopt a weisen him dee klengen Ziedel, wou némmen d'Zuchverbindingen op Lëtzbureg drop stongen... Lo war et un him platt ze sin! Hien

huet sech entschëllegt, war ganz fréndlech a fir d'lescht wollt hien esou guer mat mir duurch Remouchamps spadséieren. Du konnt ech mir awer déi Bemierkong nüt verquëssen: "A wat dénen d'Leit, wann e belsche Lätnant mat enger "sale boche" durech d'Stroosse geet?" Déi beriimt Grotte krut ech nüt ze gesinn, an hätten déi mech de 9. Mee agelacht, hätt mäin Zäitverdreib nach e schlecht Enn kritt. Ween hätt ween dann den 10. Mee aus dem Prison geholl?

e Këppche fir eis Sprooch

## Eng gutt Saach!

Fir den Henri Losch, de Menn Bodson, de Jean Octave an hir Kollegen hannert de Kulissen a virdrun as en décke Merci prett; si hun ewell an den éischte Stécker vun hirem neie Film um »Hei Elei« gewisen, datt een och an eiser Sprooch a mat eiser Leit an deem Genre eppes ka maachen, dat Hand a Fouss huet. Den Henry Losch hat an deer flotter Emissiouen »Haut vru 40 Joer« mat dem Här Christian Calmes en excellente Léiermeeschter fir sech an déi Zäit vun 1939 bis 1945 eraféieren an erafillen ze loassen... e Beispill wéi eng gutt Saach ka gutt Schoul maachen! Datt elo all méiglech – vrun allem och onméiglech – Zorte vu Krégéilereien als sougenannt »Kritik« an de Bliedercher kommen, dat muss een op de Kont vum Gascht schreiwen, oder op de Grant vun denen, déi hir ganzt Liewe laang mat hänkege Käpp doruechter lafen, well se nüt matzen op der Place de l'Etoile oder um Ku'damm gezillt gufen. Datt hei esou e Film mat zwanzegmol manner Mëttele muss gemaach gin ewéi am Ausland... an dann nach eng Qualitéit erauskënnt, déi sech ouni Féischten och nach donieft weise léisst: Bravo a merci!

Am Radio hun ech et ewell x-mol gesot a ménnerwärreg hei och dacks genuch geschriwwen: Talenter briechen eng Kéier duerch, egal a wat fir enger Sprooch... ower et geet nüt duer fir d'Sprooch eleng ze hun. Et as nüt all Fransous e

Camus, esouguer wann hien en »Doctorat du 3e cycle« an deer Sprooch huet; et as och nüt jidfer Däitschen e Siegfried Lenz oder och »mëmmen« e Simmel, esouguer wann hien e »Staatsdoktorat« an der Germanistik huet. Et as jo och nüt all Zeecheprofesser amstand e geniale Kënschtler ze gin, grad ewéi nüt jidferen e grousse Komponist ka sin, deen en akademeschen Ofschloss an der Harmonie oder dem Kontrapunkt huet.

Eis Sprooch brauch och nüt némme Spro(o)chmatessen, déi d'Turlatäin un d'Spille kréien an am Jhumm halen... och si brauch Talenter, déi weise wat si "drop" huet. An deer Talenter hate mir; mir hun der nach haut, an esouguer vill méi wéi geduecht gin as, iërt d'Äis gebrach war. Mir kommen, ce Gléck!, aus deer Zäit eraus, wou sech driwer zermeeschtert gët, ob eis Sprooch eng Sprooch as, ob si nüt ze kleesper an ze aarm as, ob sech dést oder dat dra soe léisst, ob et och derwäert as, ob...

Wa mir elo kee Koplabunz schloen, aus Äifer oder aus falschem Houfert, da steet d'Lëtzbuer-geschet an en etleche Joeren do, wou et verstän-negerweis higehéiert: do wou et weist, datt mir en eegent Gesicht hun, dat heibannen an do-baussen dee Respekt verdéngt, dee mir och gär duer gin, wuer hié passt.

Luxb. Wort 6.2.85 l.r.

Lex Roth

# Identitéits-Sprooch.... Sprooch-Identitéit?

aus der Spezialnummer vun »Nos Cahiers« No 2/1984 iwer eis Identitéit.

An dësem Heft vun »Nos cahiers« as vun esou-vill dichtge Leit esouvill Intelligentes a Wëssenschaftleches gesot gin, datt ech an deem eenzegen Artikel an eiser Sprooch nüt wollt drop ausgoen, nach op eng wëssenschaftlech Fassong iwer Sprooch an Identitéit anzegräifen. Ech si mir bewosst, datt dat plazeweis schiel bekuckt a vläicht esouguer ausgegréngt gët. Dat bréngt mech ower nüt vu ménger Iwerzegung of, datt et nief Wëssenschaft a Literatur e »gehäerzte« Wee muss gin, op deem eis Sprooch hir Bäiluegt fir eis Identitéit soll fannen. E Biotop kann een am Laboratoire opschaffen, Lëschte maachen a Kaarten, ower versuerge kann een d'Émwelt nüt čnnert dem Mikroskop. Datt plazeweis eng geblummelecht Sprooch gebraucht gin as, kénnt aus dee selwechte Gedankegäng. Datt den Toun heiånsdo an dat Polemescht rétscht, dat as nüt ongewollt ... och wann et, wéi dat Ganzt, nüt bei dat Wëssenschaftlecht passt. Eng Fro vun Identitéit.

**Wat as eis national Identitéit? Wat as iwer-haapt eng national Identitéit? Wat as zu-gudderlescht eng Identitéit?**

Wat as déi franséisch, déi däitsch, déi englesch oder soss eng Identitéit? Sin d'Fransousen all d'selwecht? Sin d'Englännner alleguer iwer ee Leescht gezun? Kann een en Däitschen aus Bayern mat engem Berliner oder Düsseldorfer an enger Identitéit gesin? Identesch as bei hinne alleguer dach némmen déi politesch Realitéit, déi am Laf vun de Joren a Jorhonnerten aus dem Gewibbel, Gerësels a Getëlters vun der Geschicht entstan as. Glécklecherweis gët et keng »genormte« Fransousen a keng Däitscher am DIN-Format; probéiert emol éicrlech eraus-zefannen, wat déi bëlsch Identitéit as. As et nüt éischter esou, datt eng Natioun am Senn vun Identitéit mat de selwechte Sträck zesummegehal as, un denen d'Leit bannent bestëmmte politesch Grenzen zéien? Entsteet Identitéit nüt och tëschten denen, déi zesummen hu mussen halen a stoen, well si der an enger bestëmpter Zäit och zesumme gelaatscht kruten ... well si zesummen

hannert engem selwechte Chef stongan, dee manner no hirer Identitéit ewéi no séngem Profit gekuckt huet. Also gif et och historesch forcéiert Identitéit gin? Et gët se!

Natiirlech kann a soll een national Identitéit nüt eleng nationalistesch oder patriotesch kucken; et gët jo och Identitéit iwer kulturell Elementer, bei denen abstrakt a konkret Deler mat crasplinen. D'Sprooch as ganz sécher e Stéck vun deer konkreter Identitéit vun engem Land; méi richteg wir et, wann ee gif soen d'Sprooch-Situatioun gif eng Roll als Identitéits-Element spiller. Am Frankräich, an deem wat mir énner Däitschland verstin, an »England«, an Italien, Holland oder Dänemark as zénter Jor an Dag de Sprooch-Problem zentralistesch definitiv festgeluegt; d'Belsch as fir sech deen traurege Fall, dee mir kennen a bedaueren. Et gët an der Praxis an engem Land keen anert verstännegt Mëttel, wéi sech iwer eng bestëmmte Sprooch als offiziell Sprooch vum Land eens ze gin. Dat as klorerweis iwerall méi liicht, wou d'Schoul, d'Literatur, d'Press an déi modern audiovisuell Mëttelen déi néideg Stäip liwweren; dat war an eisem Land nüt de Fall; dat wäerd och knaps op déi Manéier eng Kéier kommen.

Wéi mir e Stat gufen a wéi mir ugefaang hun, ais als Natioun ze fillen, huet esouvill mat an deem Haf gelaut, datt sech eng Sproochsituatioun erausgeschielt huet, déi een némmen aus den éischten 100 Jor vun eiser »nationaler« Geschicht eraus begräife kann; et as dofir och vrun allem un eisen Historiker-Spezialiste vum XIX. Jorhonnert, fir d'Zesummenhäng an enger Sprooch ouni Bewonneren a Bedauerun, ouni Gefillsmomenter a subjektiv Broderie dohinner ze stellen; et wäerd ower keen der laantscht komm, fir festzestellen, datt eis Sprooch all Kéier e Saz gemaacht huet, wann d'Land a séng Leit eng Jittecht Féiwer haten! Wéi wäit de Meyer, de Lentz, den Dicks, de Rodange, de Gangler, de Steffen, de Spoo aus »Express« an eiser Sprooch geschriwen hun, dat wir eng interessant Aarbecht fir sech; wéi wäit hire Charakter oder hir sozial Positioun do mat eragespillet hun, dat bleift nach ze beweisen. Datt de »Siggy vu Lëtzebuerg« séng Suergen a sain Nationalissem nüt aus der

Loft gegräff huet, dat versteet jidfereen, dee sech fir eis dynastesch Froen aus deer Zäit intresséiert, deen sech Gedanken iwer d'Zäit vum »Zollverein« an den Ufank vum éische Weltkrich mécht; et waren deemools ronn 40 Jor hier, datt eist Land nach sollt téscht dene Grousse, »verjobert« gin.

De Referendum vun 1919 as déi alleréischt Geleënheet gewiescht, wou d'Létzebuerger sech ouani Énnerscheed a sozial Diskriminatioun fundamental entschede konnten. Dofir läit fir mech och op deem Dag de gellegen Ufank vun deem, wat een eng »létzebuergesch Natioun« kënnnt nennen! Wéi wäit eis Sprooch bei deer Entwécklung eng Roll gespilt huet, dat as schwéier soen; ob jidfer Fall hu Leit ewéi de Lentz, de Spoo an de Siggy éischter eng patriotesch Roll gespilt cwéi eng literarsch: also hun si primär mat eiser Sprooch och e Verdéngsch un deem, wat een als eis national Identitéit kënnnt gesin. Vun enger anerer Sait aus gekuckt, gët d'Literatur am Létzebuergeschen eng émmer méi grouss Plattform, fir d'Element »Sprooch« als Stéck vun deer Identitéit opzebauen; vun deemools bis haut kenne mir eng Entwécklong, déi ee knaps fir méiglech gehal hätt.

Wann 1912 d'Létzebuergesch och iwer Gesetz an eis Primärschoul op de Programm komm as, da wéllt dat nach laang nüt zevill heeschend den Nik. Welter huet e Buch (»Das Luxemburgische und sein Schrifttum«) zesummegestallt; an den Normalschoulen as d'Létzebuergesch als Léierfach nüt ernimmt gin ... e Velo mat Rieder a Pedallen, ower ouni Ketten! An de Schoule selwer goufen duerch d'Bank brav e puer Gedichter auswenneg geléiert, émmer déi selwecht. Dem Welter säi Buch as zénter 1914 bis ronn 1950 duerch d'Primärschoul géjuppt gin, ouni datt sech vun uewe wéi vun énnen een apaart Gedanken iwer deen Émstand gemaach hätt: Et war en Zoustand!

Datt eis Sprooch kënnnt en Element vun eiser nationaler Identitéit sin oder gin, dat as entweder am Fanatismus ersoff oder an der Lazegkeet ersteckt. De Geesch vun 1912 war och vrun 1940 grad ewéi plazeweis haut nach nüt erméltzt: Létzebuergesch as d'Aarmeilets-Sprooch: et däcrf dem Franséischen an dem Däitschen nüt an d'Feeschten tréppelen. Eis Sprooch as alt esou

niewelaanscht matgaang, si guf ni bewosst matgeholl; d'Létzebuergesch guf als Onkraitche wuesse gelooss, do wou anerer ewell laang an der Kautsch gebeemt hun ... doru konnt och 1939 de »Roude Léiw huel se« náisch méi änneren!

Nom Referendum vun 1919 ware Konsequenze verpasst gin ... an den zwanzeger Joren as et äis nüt ze schlecht gaang ... déi drëssegger Joren hu mir iwerstan ... d'»Gedelit« hu mir nüt zevill esch geholl ... an der Kiirch war d'Létzebuergesch nüt grad Tromp ... d'Schoul huet et praktesch lénks a riets leie gelooss ... d'Preise si komm an hun d'Reschter vun den »Onofhängegeekes-Feieren« ewechgeräumt. Krich!

Dat alleréischt, wat de Preisen en Dar am A war, as nüt onbedéngt eist Létzebuergesch gewiescht, well si (a well laang virdrun d'Männer aus der 5. Kolonn) dat als »deutschen Dialekt« verkäfft hun; si haten och náisch dergéint, datt d'Kanner nach an den zwanzeger an drëssegger Joren esouguer op der Strooss mam Här »Lehrer« Hou-däitsch geschwät hun; si ware bestëmmt och nüt rosen, datt bis op e puer Muttergotteslidder alles an der Kirch op Hou-däitsch gong, esouwáit wéi et nüt Latain war; wou war dann dee Verain, deen eng Invitationen op Létzebuergesch geomach hätt?; gitt emol och némmen eng eenzeg Annonce op Létzebuergesch an enger Zeitung vu virum Krich sichen ... esou kënnnt een eng ieletaang Léscht vu rhetoresche Froen oder affirmative Sätz hannert enee setzen, déi keng Virwér solle sin, ower déi d'Situatioun erémginn, déi d'Preise sproocheméissegi hei fond hun: fir si war déi guer nüt esou iwwel! D'Franséisch hun si ganz einfach verbueden ... iwreg blouf eist Schouldäitsch an eis »deutsche Mundart«.

Flappeg an domm-arrogant wéi d'Preisen sech hei beholl hun, zénter datt si mat Létzeburg ze din haten, an zwar vrun allem zénter dem Bismarck bis heihinner, esou hu si och als »Gleiemännercher« mat Plattefiss an de Plättel getréppelt. De »Spéngelskrich« an d'Émrappé vun der »Gëlle Fra« weise klor, datt si einfach nüt émstand waren »Zauberflöte« ze spilien; si hu gépétzt aplaz ze fléiwen an ze stréilen ... an hun d'Létzebuerger jhust domat op deer »geckeger Oder« geroden! Wien sech den Text vum Formulaire vun der »Volkszählung« vum 10. Oktober 1941 bekuckt, dee ka sech roueg froen, ob et

wiirklech méi »mat der Scheierpaart« geet. D'Antwert war dann och deemno ... an domat war eis Sprooch vun de Preise selwer als brisant Resistenz-Element, als Catalyseur héichstiliséiert gin! Wann et also wouer as, datt eng national Identitéit am Feier, um Undels oder am Schock vum Kill-Waasser aus der Schmëdd vun der Geschicht entsteet, dann as dee Schock vum 10. Oktober 1941 iwert eis Sprooch e Maarksteen am Senn vun eiser Identitéit. Wat vun deem Dag un hei geschitt as, hat leider nüt némme méi mat eiser Sprooch ze din ... ower et gufe bestëmmt a kengem Ament vun eiser Geschicht esouvill batter-schéin Zeilen op Létzebuergesch a Bréiwe geschriwe wéi vun dene Létzebuerguer, déi an der Friem oder heiheim gelidden a verlaangert hun!

Nom Krich as an enger éischter euphorescher Stëmmung d'Däitscht plazeweis duerch Létzebuergesch ersat gin ... a wat fir e Létzebuergesch! Dat huet op e Kilometer no schappeg iwersatenem Däitsch geroch; wéi dee Schwonk sech geluegt hat, huet d'Däitscht verstännegerweis séng Platz erém no an no kritt. An de Schoulen as eis Sprooch fir d'alleréischt op de Programm vum Kolléisch komm, ower et huet nüt zevill laang gedauert, du war och do méi oder manner »de Gummi aus der Flitsch«. Et as och deemools leider nüt zu enger nei opgebauter Editioun vum Nik. Welter séngem Schoulbuch vun 1912 komm, wat en zolidd Element fir d'Sprooch an der Schoul hätt kënne sin. Fir der Welter-Engelmann-Schreibweis hiirt »preisescht« Gesiicht ze verstopen, huet den Här Minister Nicolas Margue eng »Nai Shraifvais« vum Professor Feltes maache gelooss ... déi am Senn vum Wuurt »derlaanscht« gong, och wann si nach esou logesch opgebaut war; si as ganz einfach laanscht déi Sproochbillen gaang, déi en normale Létzebuerguer vu 6 Joér un iwer eis Schoulprogramme mat op de Wee kritt.

De Krich hat als ower an der Sprooch-Identitéit eng gewéss Motivatioun gin, déi zénterhier nüt méi énnerbrach gin as. An der Literatur hu mir esouvill Neies kritt – och esouvill Guddes – datt een et nüt fir méiglech hält, wann ee liest, wat vun 1920 bis 1940 op Létzebuergesch geschriwwen gin as; mat Sécherheet hun de Jos Keup, de Marcel Reuland an den Tit Schroeder een Deel vun hirem Hank fir eis Sprooch an nationalen, nüt nationalistesche! Gefiller gehat; dat kënnt ee

jo dann hypothetesch als Wiesselwirkung Sprooch – national Identitéit kucken.

Haut kann ee roueg behaapten, datt d'Literatur an eiser Sprooch an engem Stéck, besonnesch qualitativ, biergop geet; nüt onwich teg as et, datt eng Rei vu Schreibwerten sech un d'Létzebuergesch gin, déi virdrun e spatzc Mond driwer gemaach hun; interessant as et och, datt verschidden Auteuren esouguer mat eiser Sprooch dergéint reagéieren, datt si op »Dichtertagungen« am Ausland an de Motz-Eck gedréckt gufen (Berlin, 1983).

Mir kommen natürlech bei engem Kapitel »Sprooch an Identitéit« nüt laanscht Actiounen, déi ganz bewosst drop ausgin, dem Létzebuergesch e Recht op eng éierbar Platz an eisem nationalen Zesummeliewen ze verschafen. Sproochwëssenschaft, Dictionnaire a Literatur sin nun emol nüt eleng émstand, der Sprooch »bei de Leit« eng Identitéitskaart ze maachen; do ka vlächt munneches forcéiert schéngen ..., ower wéi as d'Situation dann an de Länner ronrëm als an de leschten zwee Jorhonnerten zentralistesch forcéiert gin? Mir däerfen nüt vergiessen, datt d'Schoul an dése Länner fir d'Sprooch-Identitéit eng ongeheier grouss Roll gespilt huet, déi bei als praktesch nüt existéiert, well d'Létzebuergesch an der Schoul bis elo éischter eng folkloristesch Statiste-Roll krut, an och nach huet, un deer och en etlech sporadesch gutt Usätz nüt sénnerlech vill geännert hun.

Fatal a leider zevill nogebabbelt Menunge waren dann ze laang: d'Létzebuergesch wir eng geschwate Sprooch a misst et bleiwen; en Dialetk géng séng Spontanéitéit verléieren, esoubal een e gif schreiwen; eng konkret Bauersprooch wéi d'Létzebuergesch däerft am Fong nüt iwer gewësse Grenzen eraus oder a bestëmme Gebitter eran. Doriver eleng kënnt een eng Maandel voll Artikele schreiwen, déi op d'allermanst emol esou Behaaptunge relativéieren; nüt schlecht as et op jidfer Fall, datt bestëmme Matadore vun déser Menung hiirt Messer an d'Täsch gestach hun ... en etlech hun der esouguer schréftlech zougin, datt sech ower méi mat eiser Sprooch géng maachen a soc loosse wéi si gemengt (!) haten.

Zénter 1970 huet sech e sellechen um Plang vun eiser Sprooch-Identitéit geännert, oder soll ee soen, et wire ganz bewosst a konsequent eng

Parti Komplexer ofgehuwwelt gin. Mir hun eng Zäit vu Sensibilisatioun erlief, wéit dat bis do hinner nach nüt de Fall war: eis Sprooch guf bewosst an eng aner Dimensioun eragefériert ewéi déi vum Gedicht, vum Theater, vum klengen léiwe Liddchen, vun engem verschotert verstoppten Dictionnaire, deen an de Schief vum Institut Grand-Ducal verstëbst as. Op ville Gebidder gouf den Hiewel énnert d'Steng ugesat, déi d'Sprooch kleng gehal hun: an der Schoul nei Bicher (1974 an 1982), an den Zeitungen (d'Zuel vun de Familjenannoncen as vu 54 op ronn 8.000 am Jor eropgaang); duerch létzebuergesch Schélter fir Stroossen- an Uertschaftsnimm, duerch eng bewosst ausgeduechte Campagne fir den Opsaz vu Reklammen, Menüs-Kaarten, Veräins-Invitatiounen, Statuten, d'Fabrikatioun an de Verkaf vu Gratulatiouns- an Neijooschkaarten, e Bichelche mat Middelen a Virschléi fir privat Texter, Dictionnaires aus 4 verschidde Sproochen an d'Létzebuergesch, asw., asw... D'Resultat as wiirklech formidabel a weist ganz klor, datt d'Létzebuerger d'Sprooch als Identitéits-Element bannewenneg sätzen hun, an datt et guer nüt esou schwéier as, fir et aus sénger Verschimtheet erauszelackelen!

De Radio als UKW-Létzeburg an den Hei-Elei sin nüt méi aus eiser nationaler Gewunnecht erauszedenden. Dat wéllt nüt soen, datt sech nüt nach vill iwer d'Qualitéit vun der Sprooch an iwer weider Méiglechkete géng schreiwe loosen; an iwer 1.700 bewosst kuerzen Emissiounen »En Ament fir eis Sprooch« guf déi Sensibilisatiouns-Aarbecht gesteiert a gestäipt; zénter Jore gëtt dat selwecht regelméisseg am »Wort« gemaach (»E Képpche fir eis Sprooch«); am »tagblatt« an am »Journal« fanne mir d'Rubriken »Eng Sträif...« respektiv »En Eck fir eis Sprooch«, déi alleguer fir sech en Deel vun deer selwechter Aarbecht sin. Nüt ze vergiessen, datt de Veräin »Action-Létzebuergesch/Eis Spröoch« 1984 2.300 Membren opweises huet, déi hir 16. Nummer vun der Zäitschrëft »Eis Sprooch« geliwwert kréien.

1950 as mam éischten Heftche vum Dictionnaire och eng Schreibweis op de Wee gaang, déi zwar wéi all Schreibweis nüt perfekt as, déi ower de Virdeel huet, datt si sech gutt léiere léisst, well se sech op eis gewinnt Schréftbiller präfft. Bei Experimenter mat Kanner téscht 12 a 15 Jor

huet sech gewisen, datt dës Orthographie sech absolut behaapte kann; an enger Dose Courén a verschiddenen Uertschaften huet dës Schreibweis dee selwechte Bewäis bruecht: si huet mat Sécherheet bis 1990 hir fest Plaz an der Gewunnecht.

Datt eis Sprooch och bei den Ausläänner als Identitéits-Deel an Integratiouns-Element eng immens Roll spilt, weist de Succès vun de Létzebuergesch-Couré fir d'auslännesch Matbürger: zénter 1976 sin hirer ronn 10.000 ageschriwe gewiescht.

Wann am Ufank gesot gin as, datt eis Sprooch all kéier e »Saz gemaacht« huet, wann d'Land, geféiert huet, da gëlt dat grad esou fir d'Sproochegesetz vum Februar 1984: och wann de »régime des langues« ewell 1948 an der Constitutioun ernimmt gin as, huet näischt sech op legislativem Plang geréiert; den Unzéckert fir d'Gesetz as duerch en Affront vu baussen erakomm; 1980 guf an der Châmber eng Protest-Motioun géint en domme, frechen Artikel aus enger Neonazi-Zeitung ugeholl; an deer Motioun guf, bal nie-welaanscht!, vun der Regéierung e Gesetz iwer den »emploi des langues« verlaangt; d'Gesetz as am éischten Ulaf am Conseil d'Etat op e Stack gelaf; dono huet et säi Wee an d'Châmber fond a guf am Juli 1983 fir d'éischt op de Leescht geholl; do hun der en etlech sech zimlech selwer op d'Fangere geklappt, a sech ewéi Elefanten am Auerschaf beholl... dat koum och deelweis do-vun, datt d'Spezialcommisioun en Artikel bai-gesat hat, mat deem all Beamte sollten op ee Siess gezwonge gi, fir Létzebuergesch ze schreiwen: eng Hirmiddegkeet, déi, ee Gléck, nüt duerchgaang as! Et kann een haut riichteraus behaapten, datt ouni dem Pierre Werner séng roueg a kompetent Autoritéit dat Gesetz nüt komm wir; dat soll absolut onparteipolitesch agestane gin!

Op de gesetzlech virgeschriwene Plakate fir d'Wale vum 17. Juni 1984 gesi mir fir d'aller-éischt an eiser demokratescher Existenz en offiziellen Text op Létzebuergesch..., eng éischt, a psychologesch wichteg Reactioun vum neie »Sproochgesetz«.


De Christian Calmes seet, d'Identitéit vun engem Land géng aus verschiddenen Elementer be-stoen: dem allgemenge Welle fir zesummen ze liewen, enger Sprooch, enger egener Economie

an... Doudegen. Hei kënnt een dat Ganzt bal erëm an enger Wiessel-Wiirkung op eis Sprooch bezéien, a mir fannen dës eenzel Elementer an engem Gespréich iwer eis Sprooch erëm, ouni déi mir nüt wire wat mir sin. Och wann dem Lentz säi Saz »Mir wëlle bleiwe wat mir sin« en etlechen zevill nationalistesch klénkt; och wann een dat op eng zimlech zynesch oder perfid Manéier kann èm en intellektuelle Frustrationkomplex wéckelen a veruzen oder verdruddelen, da stellt sech d'Fro, wat fir eng a wéivill Lëtzeburger, dat wat si sin, emol wélles hätten an d'Schanz ze schéissen.

*Wëlle wir bleiwe wat mir sin?  
Wëlle mir nüt bleiwe wat mir sin?  
Wëlle mir bleiwe wat mir nüt sin?  
Wëlle mir nüt bleiwe wat mir nüt sin?*

Eis Sprooch huet äis op jidfer Fall gehollef, eng egen Identitéit ze fannen an ze halen; si huet et och méiglech gemaach, datt mir eng Sprooch-Situatioun hun, déi eng Roll an der Mëtt vun anneren europäesche »Mono-Kulturen« erlaabt... eng Roll, déi typesch eis Lëtzebuergesch a mat kenger anerer identesch as!

Stroossennimm zu Äischen



# Ried

vum Aloyse Weirich

de 7. 5. 1984 am Studio vum neien Theater, wéi d'Häre Marcel Engel an André Hohengarten, Pau Spang de Lions Präis 1983/84 iwwerreecht kruten.

Et as nüt op esou ongefíer, datt de Jury vum Prix Lions de Präis vum Lionsjoer 1983/84 am Kader vun de Feierlechkete vum 40. Anniversaire vun der Libération vum Lëtzebuerger Land dem Marcel Engel an André Hohengarten fir hiert Wierk »Hinzert« an dem Paul Spang fir säi Band »Von der Zauberflöte zum Standgericht« zuerkannt huet.

d'K.Z. Hinzert – an dat hun dës Auteuren esou markant ervirgehuewen – huet fir Lëtzebuerger eng ganz besonnesch Bedeitung. Fir Lëtzebuerger as et nüt e K.Z. ewei Natzweiler, Dachau, Buchenwald, Mauthausen, wo jo och vill Lëtzebuerger gepisackt, gefoltert an an den Doud gedriwwen gouwen, mee et as d'K.Z., wou en Deel vun der Geschicht vum Lëtzebuerger Land geschriwwen, a wou d'Séil vum Lëtzebuerger Vollek speziell forméiert gouf.

Aus der Monographie »Hinzert« – dat S.S. Sonderlager am Honsréck 1939-1945 an aus hirer Ergänzung, d'Kulisso fir déi Zäit – lossen sëch e puer wichteg Conclusiounen zéien.

»Hinzert« as Symbol vun der Résistenz vum Lëtzebuerger Vollek.

Am Hinzarter Bësch stin zwéi Steng aus Lëtzebuerger Fiels gehaen.

Deen ee steet op der Plaz wou de 25. Februar 1944, 23 organiséiert Resistenzler erschoss gi sin.

Dës Stee gouf opgeriicht zu Éiere vun der organiséiter Resistenz. Et as keen Zweitel drun – an de Marcel Engel an den André Hohengarten soen et ganz kloer – datt déi verschidde Résistenzorganisatiounen eng grouss Roll an dëser schwéirer Zäit gespillt hun. Si hate Courage, Idealismus, ower – et war schued – si haten keng Expérienz a ware schlecht organiséiert. Si sin zesummegeschlöe gin, hu sech awer émmer an émmer nees opgeriicht. Hier iewescht Käpp sin agespaart, gefoltert a gemuert gin, ower dës Organisatiounen hun et nach färdeg bruecht – op de Rot vun der Exilregirong – sech den 23.03.1944 zesummenzeschléissen an en Dokument ze énnerschreiwen, wat erhale bliwwen as,

a wat a kengem Lëtzebuerger Geschichtsbuch feilen däerft.

Deen anere Stee steet op der Plaz, wou d'Affer vum Streik vum September 1942 higeriicht gouwen.

Hie verkierpert d'Résistenz vum Lëtzebuerger Vollek.

D'Lëtzebuerger Vollek huet sech gewiert géint all Tentative vum Occupant fir et »Heim ins Reich« ze féieren – wor et mat der »Zauberflöte« oder wor et mam »Standgericht« – ugefaange beim Spéngelskrich, d'Verdäitschung vun den Nimm, Droe vu Berriën iwwer d'Lëtzebuerger Fussballspiller, d'Gendaarmen an d'Zaldoten, d'Miseler Wénzer, d'Éislécker Bauer, d'Péitenger Eisebunnerten an d'Stater Beamten iwwer déi Émgesidelt, déi Déportéiert an d'Prisonnéier, bis zou de bluddege Massakren ordonnéiert a publiziéiert duerch Plakate vum Standgericht.

E Grapp vu Leit – praktesch d'ganzt Lëtzebuerger Vollek – huet dem iwermächtege »Groussdäitsche Räich« mat sénge Milliounen a Milliounen de Kapp gehalen.

»Hinzert« as de Bewäis fir d'Existenzberechtigung vun eisem Land.

Den August Collart huet an séngem Buch »Um Wee zou der Onofhängegeket«, dat 1938 erauskoum, geschriwwen:

»Fir liewensfäeg ze sin, muss e Land gutt Dugenden hun. An zou dése gudden Dugende gehéiert de Glaf u sain eegent Vollek, de Glaf u séng bestëmmt Missoun.«

Ongefíer 1569 Lëtzebuerger sin duerch d'K.Z. Hinzert gaangen. Si hun zu alle Schichte vum Lëtzebuerger Vollek gehéiert:

Riichter, Affekoten, Geeschtlech, Staatsbeamten, Gendaarmen an Zaldoten, Industrieller, Geschäftsleit an Handwierker, Aarbechter a Bauren, a si hun all un hir Hemecht gegleeft. Si hun dem Naziterror widderstan aus Hemechtléift an der voller Iwwerzagong, d'Fräiheet an d'Onofhängegeket vum Lëtzebuerger Land ze retten.

Aus de Berichter vun Honnerte vun Prisonnéier, zéien de Marcel Engel an den André Hohengarten de Schloss:

»Hinzert erwies sich als die feurige Esse, in der ein neues Luxemburgertum gehämmert wurde.«

Dëse Bewäis wor bis dohin der Welt, Europa a besonnesch eisen dräi Noperen: Frankräich, Bel-

gien an Däitschland nach nêt bruecht gin. Elo as e geschriwwen op éiweg Zäiten.

Hinzert as d'Klorstellung vun der Identitéit vum Lëtzebuerger Vollek.

D'Polemik, déi grad an dësem Joér beim Vote vum Gesetz iwwert d'Proklamatioun vun der Lëtzebuerger Sprooch als Nationalsprooch gefouert gouf, huet erém mat sech bruecht, datt bei muncher engem nach Onklorheten iwwer d'Identitéit vum Lëtzebuerger besteht.

Lëtzebuerg as e Land vun der Mëtt mat all sénge Avantagen an Désavantagen. Et as de leschte Stack, dee leschte Kär vum grousse Räich an der Mëtt: Lotharingien, dat no an no vu sénge groussen Nopere geschléckt gin as. Och Lëtzebuerger huet déi batter Erfarong gemaach, dass d'Mëtt eng ganz émstridde Positioun as. Op eisem klenge Fleckelchen Äerd sin d'Traditiounen, d'Egenaarten, d'Denken an d'Fille vum Lëtzebuerger Vollek bal vu lénks bal vu riets staark influenzéiert gin.

An esou enger Konfrontatioun huet nach émmer d'Sprooch eng ganz grouss Roll gespillt.

Zénter der Grënnung vun der Jechternacher Abtei 697 as d'kréchtlech-réimesch Zivilisatioun an onser Région verbreet gin.

Zénter der Grënnung vun der Abtei Almënster, 1014, as zu Lëtzebuerg franséisch geléiert gin.

Um Plakat 5 D am Buch vum Paul Spang stéet gedréckt:

»In der Sprache spricht sich zutiefst der völkische Charakter aus.

Ein Volk, das seine Sprache verkümmern lässt, sich ihrer schämt oder sie gar aufgibt, gibt sich selbst auf.«

D'Lëtzebuerger Vollek huet kloér an energesch protestéiert.

A wann et den 10.10.1941 dräimol Lëtzebuerg geschriwwen huet, da wollt et sech domadden zu séngem Lëtzeburgertom, sénger Sprooch bekennen, ouni domat widder déi franséisch Kultur a Sprooch nach déi däitsch Kultur a Sprooch ze kondannéieren, déi jo mat den Traditiounen, der Zivilisatioun an der Sprooch vum Lëtzebuerger Vollek séng Egenaart an Identitéit ausmaachen.

Hinzert as en éiwege Protest géint all Diktatur, Terror a Folter.

Dat wat d'Lëtzebuerger Vollek bant dem Krich duerch d'Ofsetzen, Confiscatioun, Deportatioun an Émsiidlung, duerch Zwangsrekrutierung, K.Z., Folter a Muerd gelidden huet, können och de Marcel Engel an den André Hohengarten, trotz hirer gewalteg gudder a schéiner Fieder nêt genuch beschreiwen. Nämmen de Paul Spang konnt et eis duerch séng Plakatsammlong esou schrecklech virdemonstréieren, dass engem d'Tréinen an d'Ae kommen.

De Calvaire vun de Lëtzebuerger an déser wichteger Geschichtsperiod as dem Jonkten nêt bekannt, Generatiounen vun nom Krich hun en an den alldéegleche Suergen ewell vill vergiess.

Dës Wierker sollen déi Zait an Erënnerong ruffen.

Si sollen dës Zait, nêt an de Vergiess komme loossen, fir datt se sech nêt méi widderhuelen.

De franséischen Dokter André Chauvenet – e Compagnon vun de Lëtzebuerger Hinzertter schreift:

»Jamais ne seront trop nombreux les témoignages sur les atrocités qu'il nous a été données de connaître et de supporter. Jamais non plus ne les méditeront assez nos enfants et les enfants de nos enfants, non point tant pour haïr que pour en tirer les nécessaires leçons et essayer d'en prévenir le retour.«

Den 8. März 1946 sin 51 Hinzertter Affer op Lëtzebuerg op den Nikloskiirfech heem bruecht gin. Si si ronderém d'Hinzertter Kräiz – e Kräiz geschränert aus Beem aus dem Hinzertter Bësch – hannert der Skulptur »de Prisonnier« vum Lucien Wercollier begruewe gin.

Ech froc mech: Sollen nêt op dës Plaz, déi d'ganz Tragédie vum Lëtzebuerger Vollek symboliséiert, all Schoulmeeschter an all Léierinne mat hire Schoulkanner eng Kéier an der Schoulzäit goen, fir hinnen d'Krafft, den Enthousiasmus, d'Heiméchtléift vum Lëtzebuerger Vollek virzedroen – esou wéi och an der Schwäiz d'Schoulkanner eng Kéier müssen op d'Rütlwiss goen a quasi de Rütlieed widderhuelen.

Dës Plaz soll e Poteau fir eis Zukunft sin.

Ech schléisse mam Marcel Engel an André Hohengarten:

»Auf diesem Totenacker müssen Blumen wachsen: Rose – Vergißmeinnicht – Herbstzeitlose.«

Pitt Hoerold

# d'Kand am Mier

Hues de d'Mier gesin,  
wou Blummen a Schéffer gin,  
wou de Wand geet an dréint  
a sain Otem verléint.

Kanner, déi sech drageheien  
an am Waasser leien,  
glouse vu Sonn a Jod.  
Dohanne kippt e Bot.

D'Welle, wéi se spinnen  
mat Bäll a Sand. Bazillen,  
zéien e Kand erof –  
lues gi séng Bake mauve.

Wann d'Sonn sech drop stäipt  
gét d'Mier rout a läit,  
wéi e Kand, dat schléift,  
deem en Dram vrun den Ae fléift.

Wann de Stuurm rubbelt  
a séng Blumme knujhelt,  
wéi wa se Pabeier waren  
a Kräpp ouni Bléi an Dären,

gét d'Mier wielech-gro, –  
an et fléissen duurch sái Mo,  
pechschwaarz, Muschlen a Fésch.  
De Reebou goun an d'Bréch

u Schuelen, Spränzlen an Zaangen.  
't huet e Kand gefaangen!  
't gét nees blo a gréng,  
wéi Fréijoërsweise gét et kéng.

d'Kand fällt an 't schwëmmt  
an eng däischter Mulle-Stopp;  
't réselt Sand do op; dee klémmt  
blatzeg an de Féschaën crop –

a gét nees goldegel a Plage.  
D'Kand stürzt sech op e Gelliskapp,  
deem sái Féiwer mécht em 'rém Courage  
a schléit em d'Aëndecklen op.

Lo huet et d'Aen op,  
déi däischter waren;  
't wéllt nüt méi erop,  
wou d'Kiewerlécke falen.

Et lauschtert de Fésch no,  
déi si sou grouss, gréng a blo,  
si pootren, tozen a léiren  
mät Flosse, Panzer a Schéiren.

Hues de Kand am Mier gesin,  
iwer dat Blummen a Schéffer gin...  
de Wand huet em den Otem geholl,  
en huet e fir sech an eis geholl.

## Et war eemol

Et war eemol eng Kéier,  
sou geet all Seechen un.  
Et war eemol, 't war fréier,  
eng Zait, si as verflun.  
Do war d'Natur nach an der Rei,  
eis Loft war reng, vun Ofgas frei.  
D'Landschaft war nach onberéiert,  
do war hiirt Bild nach nüt zerstéiert,  
duurch gliesen Tiirm a Betongsbätz,  
och nüt duurch d'Autobunnenetz.  
Kée Mënsch huet d'Béscher ausradéiert,  
a Planz a Wéld op d'Muerch erféiert.  
Eist Waasser war gesond a frësch,  
mir haten honnert Zorte Fésch.  
An d'Beie konnte roueg fléien,  
kee Géfthauch loug op Blumm a Bléien.  
D'Geméis an d'Uebst war nüt gedriwwen,  
d'Naturgesetz gouf grouss geschriwwen.  
Haut as et aus dem Gläichgewiicht,  
wat hu mir Mënschen do gestiicht?  
Vereenzelt héiert een eng Stémm,  
mir dreiven et ze bont, ze schlémm.  
Mä wie schenkt hir Gehéier?  
dobäi wir et nüt schwéier.  
Wa jiddereen, ob Grouss, ob Kleng,  
sái gudde Wëlle weise géng.  
Da wir et nees eng Kéier,  
sou schéin wéi fréier.

E. Arnoldy

# Fréijor gët et émmer nees

Wann d'Huergänsen 'rém erlaanscht sin,  
an de Wanter äddi seet.

Wann de Bësch an d'Wise gréng gin,  
dréit d'Natur hiirt schéinste Kleed.

Se as voller Liicht a Fuerwen,  
voller Doft a frouter Téin.

An de Léiweek séngt héich uewen,  
an der Luucht säi Lidd, sou schéin.

'T héiert een de Boufank schloen,  
an do téschent rifft d'Schielmees.

Hiirt frout Ruffe wéllt eis soen,  
Fréijor gët et émmer nees.

De Panewippche juppt ganz äerdeeg,  
sou wibbleg bei der Baach.

An d'Märel huet hiirt Nascht bal färdeg,  
a si séngt frout um Daach.


D'Grasméck, déi mat dem schwaarze Käppchen,  
as och scho fest um Bauen d'runt.

An och de scheie Kiischteknäppchen,  
kënnt 'lo scho mat der Braut geflun.

Egal, wéi d'Vigel heeschen,  
nëtzlech sin se alleguer.

Wann se do sin, as en Zeechen,  
datt et stëmmt an der Natur.

E. Arnoldy



## Am Rollstull erlieft



Eng Fra sëtzt am Rollstull, doheem am Gaart,  
se ka guer nët goen, 't as batter, 't as haart.  
Ma se freet sech, datt ronderém d'Blumme bléin,  
an allerlee Fuerwen, sou dofteg a schéin.  
Nobäi op dem Bam huet e Villiche säin Nascht,  
hee fiddert séng Jong, an hee gonnt sech keng  
[Rascht.]

Wéi en d'Fra gesäit flitt en niewent si,  
a séngt hir säi Liddchen, ti ri li lii.  
D'Fra lauschtert begeeschert, dem Musikant,  
si kann e bal gräife mat der Hand.  
En as esou äerdeeg, e kennt guer keng Schei,  
a séngt säi léift Liddchen, émmer nees nei.  
Laanscht d'Gaardenheck kënnt dem Noper séng  
[Kaz],  
se schläicht lues erbäi, a mécht eenzock e Saz.  
Se heet dem Villchen eng ferm mat der Patt,  
a kritt en ze paken, se schleeft e gär mat.  
Dat goung alles sou séier, iér d'Fra sech émsinn,  
mä se renkelt de Rollstull bei d'Kaz séier hin.  
Déi léisst de Villchen du leie vu Schreck,  
a mécht sech dervun, duurch d'Lach an der Heck.  
A lues, ganz lues erkritt de Villchen sech nees,  
mä séng Been sin nach zidd'reg, séng Stëmm as  
[nach hees.]

Ma en hieft säi Käppchen a kuckt esou léif,  
wéi wann heen der Fra gär soe géif:  
Du hues mir gehollef a batterer Nout,  
Du hues mech gerett virum sécheren Doud.  
Méng Kanner an ech vergiessen dat ni,  
mir sangen zum Dank, dir eist Lidd, ti ri li lii.

E. Arnoldy

# Liichtmëssdag!

Léiwer Herrgottsblieschen...  
 As et nüt schéin,  
 E pur Kanneren déi lichten,  
 All Joer émmer crém,  
 Wann et däischter as,  
 E pur Kanner, vun Haus zu Haus gin,  
 Virun der Dir stin,  
 A sangen,  
 Gét als Speck an Ierbëssen...  
 Fe méi haart ewéi den aneren,  
 A kleng Kannerhärzer klappen,  
 bal méi haart wéi hire Gesank,  
 Eng Tut, ganz fest an der Hand,  
 Fir eng Lutsch, e Kichelchen,  
 Karmellen, Boxeknäpp,  
 Een Apel, eng Bir,  
 Et brauch nüt vill,  
 fir e Kannerhärz ze erfreën,  
 Kommt der nüt bal, d'Féiss gin als kal...  
 Baken esou rout vu Keelt,  
 Vu Freed, vun Erwaarden,  
 geet déi Dir elo op?  
 Huet hei een un als geduecht?  
 A geet Dir dann op,  
 Liichtercher, Aen, Kanner,  
 Freed, Blénken,  
 E Laachen,  
 Kommt der nüt gewëss,  
 Da kritt der e Schouss voll Néss...!

\*\*\*

Du stees viru mir,  
 Du,  
 Vun dem ech schon esou oft gedreempt hun,  
 Du hues mech gesicht,  
 Du hues no mir gefrot,  
 Iwwerall,  
 Duerch déi ganz Welt bas du gereest,  
 Du hues mäin Numm geruff,  
 Déng Stëmm hun ech héieren,  
 ganz lues,  
 Vu wäit ewech,  
 Dann, émmer méi haart,  
 Du hues gejaut,  
 Hal op!!  
 Méng Oueren doe mir wéi,  
 Elo sin ech daf!

Christiane Tisch



## De Sproochmates\*

En huet mech aus dem Eck vum A bekuckt, wéi  
 wann e mir némmen hallef trauc géif;  
 verwallt as en op der Wáissdarheck hin an hir  
 gesprongen;  
 et war kloér, datt ech mech an engem on-  
 giedlegen Ament do verlaf hat;  
 ech hun e Strapp misse sichen, éier ech sain  
 Nascht an der Déift vun der Heck erbléckst  
 hun...;  
 ech hun nüt verstan, wat dee klenge giel-gréngé  
 Villche mir soe wollt;  
 Komplimenter waren et a kengem Fall;  
 ech wääss nüt, ob ech mir dat agebilt hun, mä ech  
 hätt geschwuer, datt dem Sproochmates sái  
 Gesank en anere Klank krut, wéi ech ménger  
 Wee gaange sin.

René Kartheiser

\* Gelbspötter, *Hyppolais icterina*

Déi  
 Nuc  
 as d  
 an c  
 verg  
 We  
 der  
 Fla  
 an  
 der  
 an  
 Sou  
 der  
 vun  
 kér  
 —  
 Sie  
 S  
 W  
 da  
 ab  
 an  
 W  
 hi  
 da  
 dd  
 —  
 ied  
 da  
 a  
 H  
 w  
 m  
 't  
 D  
 w  
 da  
 ar  
 S  
 P  
 U  
 d

## D'éischt Bees

Déi éischt Bees an dem Park, op der Bänk, an der Nuecht  
 as dat Schéinst, as dat Schéinst wat et gét,  
 an dat séilegt Gefill, wat déi Bees do dir bruecht,  
 vergéss du däi Liefchesdag nét.  
 Well déi Bees, an der Nuecht, an dem Park, op der Bänk huet gegloust, huet gegloust wéi eng Flam,  
 an si goug dir an d'Blutt, an déng Broscht gouf der z'enk,  
 an du goungs duerno heem wéi am Dram.  
 Sou eng Bees op der Bänk, an der Nuecht, an dem Park  
 vun deem Kand, vun deem Kand wat se gouf  
 kénnt ni méi, fir kee Su a kee Frang a keng Mark.  
 —  
 Sief vrou, datt d'Erännerong blouf.

## Sid nét pësseg!

Wann d'Medercher et nét verquëssen,  
 datt een se kuckt an hinne laacht,  
 abee da sollt och keen se këssen  
 an hinne soen, wat e schmaacht.  
 Wann een hir Schéinheit nét däerf kucken,  
 hiirt léift Gesicht, hir flott Gestalt,  
 da sollen se bei dem Uewen hucken,  
 do leiden se da keng Gewalt.  
 — Fir wat huet dann d'Natur geschafen  
 iech mat esou lackelechem Sex,  
 datt eis bal d'Aën iwverlafen  
 a mir eenzock si wéi verhext!  
 Haut sid dir jo nach »fir ze friessen«  
 well d'Jonksin iech apaarti steet,  
 ma eent dat duerft der ni vergiessen:  
 't as náischt wat grad sou wif vergeet.  
 Duerfir, dir schnuckleg, lackleg Huesen,  
 wann een iech kuckt, iech fréndlech laacht,  
 da réngelt nét déi pësseg Nuesen  
 an denkt och nét: Deen alen Draach!  
 Sid léiwer génti mat de Männer,  
 pléckt d'Komplimenter énnerwee.  
 Um Enn sti keng méi um Kalenner,  
 da sid der granzeg, al an dee.

Gil Mandy

## Wat as dat eng Freed!

Wéi Plommen  
 sou kommen  
 d'Schnéiflacke gefall,  
 wéi Bléien  
 sou fléien  
 s'eroft an den Dall.  
 Se schwiewen  
 a fierwen  
 de Buedem schnéiwäiss,  
 besetze  
 mat Spétzen  
 all Bam an all Räis.  
 Kuck d'Birken  
 si wiirken  
 wéi aus Filigran,  
 an d'Dännen all'nennen  
 de Bësch an d'Gewan,  
 sou wält s de gesäis,  
 as alles schnéiwäiss,  
 't as alles voll Schnéi  
 an 't gét es nach méi.  
 De Schnéi as voll Stären,  
 vu no a vu fären,  
 do sin se dach all  
 sou klor wéi Kristall.  
 Se glénn'ren a blénken,  
 se liichten a fénk'len,  
 um Bierg an am Dall.  
 De Schnéi as voll Spuren,  
 well d'Kanner déi furen,  
 sou lëschteg mam Schlitt.  
 Se lafen a sprangen,  
 se laachen a sangen,  
 a gin es nét midd.  
 Grouss Leit si wéi d'Kanner,  
 se freen sech nét manner,  
 iwver de Schnéi.  
 Se bauen sou äerdeg,  
 e Schnéimännche fäerdeg,  
 wat wéllt dir da méi.  
 De Schnéi deen as jo,  
 fir jiddereen do  
 a jidderee seet,  
 wat as dat eng Freed.

E. Arnoldy

# Les Aresquiers

De Sand  
verleeft  
sech an de Wellen –  
De Wand  
dreift schaimeg Krällen  
D' flaacht Land  
verléiert sech  
géint sái Wëllen –  
Dës Wollek steet,  
eng Méiw dreift  
donkelblo a wäiss  
Mäi Bléck verléiert sech  
hir no...

# Hiärrest

(Bënzelter Sproojch)

De Wand as fremm  
an d'Ruse se verbléit  
Kéng Schmaalber op den Drät  
Du gës dér fremm



# E Meedchen an e Pättche Wäin


E Meedchen an e Pättche Wäin  
kuréiren der all Nout  
a ween nüt drénkt a ween nüt kësst deen as sou  
gutt wéi dout  
dat huet den ale Goethe schon a sénger Wäisheet  
fond  
ween dat nüt kann an dat nüt wëllt, deen as dach  
nüt gesond  
Dofir vergiesst dat ni, wat eis de Goethe sot  
well hie wousst, wat e wollt an huet nüt laang  
gefrot.

Gjp. r.


# Dämoools an hockt

Eis Schréck am fréie Muaien,  
Eis Jore van dämoools,  
Eis Hänn an eisen Hor  
Wu sén se hën?  
Hass du se vergäss?  
Hann ich dich verspillt?  
Hatt d'Zéckt äis verstallt?  
Wu wëlle mer hën?

Gjpr



# Aus der Lies...



D'Front vum Wäinhaus zu Einen

## Et as munches anescht gin.

Ob d'Lies oder nüt, dat as egal, well dat ännert näischt un där Tatsaach, datt munches bai de Wénzer nüt méi as ewéi et wor.

Et kann een zwar dëst oder dat nach hei and do bai eelere Leide gesinn, ma et as, wéi wann si et wéllte verstoppfen, durfir muss ee schons an heemlech Ecke kucke gon.

Do wor z.B. déi Affär mat de Wéngerten, déi zougemat gi sin, wann d'Drauwen am Wäi wornen.

Et gët och haut nach esou Kommissiounen, déi sech domatten ofgin, ma wie mécht sech nach vill Uwoénge fir säi Wéngert zou ze man? Wann et esou wäit as, da kënnt en Ziedel dohinner hänken, datt et verbueden as an de Wéngert ze gon, ma et fällt kengem méi an Där oder pickegen Drot doruechter ze schlafen.

Mir hun nach müssen op d'Gemeng gon, fir déi schréftlech Erlaabnes ze kréien an den eegene Wéngert ze gon, éier d'Lies ugaangen as. Et sin och haut nach Fieschteren oder Préiteren do, ma

si sin nüt némme rar, ma och vill méi kammoud cwéi zu eiser Kannerzäit.

Vläicht gët et nach dëst oder dat, wou een elo mol nüt drun denkt, egal, ees ewéi ees, déi Zäit virun an an der Lies as nüt méi dat selwecht. Ob d'Leit duurch all déi Fortschrëtter méi zefridde sin, dat as eng aner Fro...

Do wor och nach déi Saach mat de Bidden, déi meescht schons e puer Woche virun den Haiser stoungen.

Mat vill Méi an Hëllef vun de Noperen sin si aus dem Schapp oder aus dem Keller erausgeholl gin. Se wore wann an hätten déi éischt Deg de Moscht verluer, wann se nüt gequolle gi wiren, gewässert oder dicht gemat.

Dat wor émmer Freed fir d'Kanner, wann si déi aner konnte sprëtzten oder soss Topekgékte mat dem Waasser am Schna haten. Gewéinlech sin déi hëlze Bidde vum selwen dicht gin. Wann nüt, da sin Holzsächen dra gestreet gin, déi sech téschent den Dauc festgesat hun. Wa gur näischt gedéngt huet, dann hu si alt Ridd geholl, hun

d'Räfe frësch ugezunn oder esougur Leem mat bäigeholl.

Dat huet séng Deg gedauert, bis kee Waasser méi téshent den Dauen erauskomm as.

Wann et esou wäit wor, da sin d'Léer op de Lederwon komm an déi Bidde si mat vill »Ho-Hupp« drop gesat gin. Fir datt si och nüt un d'Wickelen a Wibbele komm sin, gouwen se spéider nach mat engem Seel ronderëm ugestreckt.

Dat as dann alles eréischt geschitt, wann et esou wäit wor, datt d'Lies ugaangen as.

Och d'hëlzen Hatte si gewässert gin an d'Bänn gutt ugezunn. An der Zäit worn nach Rimmen aus Weiden drun, ma duerno worn s'aus Lieder oder Gummi, zur Nout aus ale Pneue vum Velo.

Dat alles as am Fong am Wanter nogekuckt gin, wann d'Weide geschnidde wornen a wann d'Wieder nüt wor fir dobaussen ze schaffen. Ech hun nach e puermol gesinn, wéi e Wénzer esou Rimmen aus Weide geträzt huet. Dee selwechten


huet och nach Kierf gemat a Kuerfläschen agezénkt. Dat némnen niewebäi.

Wéi mir nach Kanner wornen hat d'Lies esou wéi sou en aner Gesicht, well mir nüt déi vill Zorten Drauwen haten ewéi se haut do sin.

Wann et nüt en extra déckt Haus wor (an déi wore rar), dann as et an der Lies riichtduurch, gaangen, wa bis ugefaange wor. Wuerfir och nüt, well wien hat esouvill Réislek, datt et sech rentéiert hätt an zweemol ze lesen. Duerfir wor et och einfach mat der Drauwevakanz, déi bis an déi 60ér Jore gehalen huet.

Hei and do as et Disskussioune gin, wéini se sollt ugon, ma duurch d'Bank huet all Gemeng gemat ewéi si wollt. Vläicht kënnt een och son, déi hätte se festgeluegt, déi am haartste geschwat hun, wann e puer faul Drauwen am Wéngert ze gesi wornen, 't sie!

Wéi gesot, et as meescht némnen eng Zort Drauwe gin, de Rhäifrench, a well et op d'manst



Drauwemille mat der Trëmm an der Kundel oder Rätsch

dräimol méi Wénzer gin as ewéi haut, hat keen, ausser dene puer décken Haiser, fir laang ze ließen, wann d'Familjen aus dem Hannerland matgemat huet. Dat wor natuirléch schons laang virdrun an der Rei. Dat wor och méiglech, well du as nach nét vill vu Congé an Emanzipatioun Rieds gaangen.

Wou méi Wéngerte wornen, do as och nach dack extra virun der Lies »geschlacht« gin. Jee, et kann een dat alles bal nét méi gutt mat haut vergläichen, schons guer nét, wann et bis an déi Zäit geet, wou de Fouermann nach huet musse bestallt gin fir de Won mat de Bidde mueres virun de Wéngert ze féiren.

Elo kënnt ee mengen, dat alles wir eng Éiweg-keet hier, ma et as nét wouer, dat huet bis an déi Zäit nom leschte Krich gedauert. Et duerf een nét vergiessen, datt d'Trakteren eréischt an de 50er Jore méi opkomm sin an d'Postautoë méi Strecken opweises haten.

Et hat och bis nom leschte Krich gedauert bis all al Wéngerten émgeplanzt wornen, an d'Lies automatesch huet mussen anescht gin. Ma nach nét iwverall, well d'Drauwemillen op de Bidden huet sech laang gewiert; de Greef as báim Of-lueden Tromp bliwwen; owes stouunge laang Schlaange virun de Kellereien...

Wéi mir nach Bouwe wornen, du hu mir gespaant am Wéngert gewaart, fir wann e Framénsch sollt


gebrétscht gin, well et Drauwen hánke gelooss hat. D'Hattendréier hun och du nach besser doropper opgepasst, well dat Brétschen hinne Spaass gemat huet. Et konnt een sougur d'Lies-schen am Verdacht hun, datt si gär Drauwen hánke gelooss hun, fir gebrétscht ze gin. Et as eben nach nét vill Zeidonge mat faarweg Biller, keng Televisioun an nét dack Kino gin!

Et kënnt een och mengen, déi vill Fester am Hierscht hätten do munches geännert...


Zréck zu den Drauwemillen, déi haut jo nach héchstens déi Éier hu gebraucht ze gin, wa Viz gemat gét. Wann!

Dobái as se gur nét esou al gewiescht. Ech hun zwar némme méi gesin, datt se Balleg mat de Féiss agetréppelt hun, wann e sollt gebrannt gin, ma eis Grousspappen hate kaum eng Drauwemillen. Si hu meesch mat de Féiss »gekeltert«, wéi si nach jonk wornen. Si haten och kee Leides domatten, wou si jo esou wéi sou meesch nét vill an der Trietmoul haten. Si hate jo nét fir náisch Schwäin a Kéi!

Trotzdeem muss et awer schons méi déck Wénzer gi sin, well zu Éine kann ee jo esougur eng Drauwemille mat hélze Walze gesin. Déi as bestimmt nét vun haut a géscht, wou jo déi gosse Walzen eréischt géint Métt vum viregte Jorrhonnert gemat gi sin.



E selleche Bitercher aus Holz fir ze schaffen



Eng Drauwemille mat Walzen aus Holz

Elo kënnt ee laang a breet aus dem Wéngert erzielen, wann a wéi se gelies hun. Si hun nach gesongen, vill gesongen; si hun am Wéngert giess, meeschter den Tiertech. D'Hattendréier wore bal meeschter. Ma hun dack an de Knéie geziddert, well et as déi Weën nach nüt gin, déi haut alles méi einfach maachen. Vun uewe bis énnen; vun der Kopp bis an de Gronn, dat konnt schéi schréi a glëtscheg sin, an d'Hattendréier woren dack frô, wann si nach jhust d'Staache vun dene méi schmuele Reiën erwësch hun, fir sech unzhalen. Haut missten si schons laang Äärm hun! En Hattebock as et jo och nach nüt gin.


Wéi ech eppes méi grouss wor, duerft ech mén-gen Papp sái Rad huelen, fir mëttes dem Fouermann son ze gon, déi an déi Auer wiren d'Bidde voll. Virdrun hun ech mussen zu Fouuss lafen, an da konnt et sin, datt et Zortisse gin as, well een énnerwee alt Openthal hat...

Wann et bal däischter wor, dann as Feierowend gemat gin – dat geschitt och haut nach – ma déi Oprou mat den Emeren an dem Apacken, dat as haut vergiess.

Du huet d'Drauwemille musse lass gemat gin. Si as émgédreit an d'Drauve gedréckt gin: D'Trimm koum der niewent. Trimm? Wat dat wor? Ma ganz einfach, de groussen, hëlzen Triichter, deen op der Mille stoung, fir d'Drauwen opzfänken, wann se gemuel gi sin, besser zerquëtscht. Dat wor dem Hattendréier séng Aarbecht.

Als Bouf vum Haus huet een dann alt déi Éier kritt mat deem grousse Schwonkrad ze probéieren eng Hatt voll Drauwen ze muelen. Et wor nüt esou einfach, well dat gosse Rad wor nüt némme schwéier, ma hei and do och nach méi héich ewéi ee konnt reechen, sou datt een d'Dill vum Won énner de Féiss verluer huet, wann d'Rad Schwonk hat. Dat huet dem Dréier da gutt gedon...

Wann d'Emeren owes an ence stungen; wann d'Millen hir Plaz hat; wann zoufalleg de Fouermann dann nach koum, da wor et e Pléséier op dem Won mat heemzou ze fueren: Eischtens woren se alleguerde midd, déi gehollef haten; zwetens hat jo keen en Auto, an drëttens wor een



Dem Päiter säi Lidderbuch

houfreg de ganzen Dag am Wéngert gehollef ze hun.

Déi Gefiller sin natuurlech méi schéin a méi grouss gin, wa vill an de Bidde wor...

Et as een zwar dack gestuckelt gin, ma et denkt een haut nach gären un déi Rees vum Wéngert bis heem. Et as elo méi einfach; et as méi kammoud gin; et as een och leider vill méi al, ma et as dach och schéin déi Entwecklong vu Kanddoën u matgemat ze hun. Dat Gleck hun eis Kanner a Kannskanner nüt méi...

Sou, elo as fir des Kéier genuch aus där »gudder aler Zäit vun der Drauwelies gezielt gin. Dat heesch, et géng nach en zweten Deel gin, deen nokénnt.


Wie wéllt éier doriwwer am Bild sin, dee ka jo op Éine gon an do am Museum kucken a sech explézire loissen, wéi dat duerno mat den Drauwe virugaangen as. Am anere Fall, also déi nächste Kéier elei.

Will Reuland

## Summerzäit – Vakanzenzäit.

Elo as s'rém do d'Vakanzenzäit  
wou muncherän sech doheem gehäit!  
Do gét geplangt, gepaakt an téléléfoniert  
zu gudder Lescht nach alles kontrolléiert.  
Da gät et lass – eng guddeg Foart  
schéck och bestémmmt emol eng Koart.  
Maach wann ech gelift och mol eng Rascht  
verdierf de Mo nüt mam gudde Kascht.  
Huel Rücksicht och op aner Leit  
maach schéi gemittlech – sief gescheit.  
Well d'Autobunn huet da vill Konnen  
déi énnerwee si munnech Stonnen.  
Vermeid Ongléck, Schmierz a Suergen  
méi Fräd bréngt där dee nächste Muergen,  
da stellt sech ni en uergt Probleem  
well jidferä wéllt gär rém heem.  
Allee hopp, fuer lass, wou et där gefällt  
o wéi schéin as dach eis Welt.  
Vergiess mäi Rot nüt – maach eng Rascht  
Awuar – léiwe Vakanzega(a)scht.  
Ech hoffen nüt, dass ä muss stierwen  
a soc scho fir d'anert Jor – e frout  
Vakanzeliewen.

De



# Klengegketen

## Ëmwelt.

Wann een dem Bësch séng Schéinheet sicht  
an dobäi duerch d'ganzt Ländche kënnt,  
da kennt et vir, datt ee se richt  
a kuorz duerno als Dreckstipp fënt.

## D'Naturfrënn...

*...schlö mat der Fauscht op den Dësch  
an huelen dofir guer keng Händchen,  
well 't geet ém eist Waasser, eis Loft, eise Bësch,  
ganz einfach ém d'Liewen am Ländchen.*

## E Kënschtlek.

Kuckt 'm emol no, deem Artist, dem Päiperlek,  
wéi en do tiirkelt als Vollen, als Schallek,  
de Picasso, de Matisse, déi huet en um Réck  
an den Dali als Spaassvull nach énnert all Flillek.

## Den Häsprénger.


*E klunschelt um Hallem mat Loscht a mat Schwonk,  
'n huet jhust an der Blimmchen den Nektar gedronk,  
lo hëlt en déif Otem, da mécht e säi Spronk,  
'n as voller Muttwéll a glécklech a jonk.*

## Gäertnersprooch.

All Gäertner, dee séng Boune setzt,  
dee weess, si schmaacht dem Mond  
a wann eng do sollt sin, déi schwätzzt,  
da seet e sech, dat wär gesond.

## Et gin deer Leit...

*...déi liewen a méi héie Sphären,  
an droen d'Nues och deemno héich,  
't schéngt si se wäit hannert de Stären  
mam Härgott selwer am Gespräch.*



## De Bewäis.

De Kuuschtert gët wéi en Nakegen  
fir all gutt Wierk säi Geld ewech  
an huet et wéi all Plakegen  
ganz labber an der Boxentäsch.

## Wat Saachen.

*Wann een et nüt mat der Wourécht hält,  
da litt en  
an een, deen d'Wourécht seet, déi nüt gefällt,  
dee liest d'Levitten.*

## Vun all Organisatioun...

...gesäßt een nämmen d'Spëtzeleit op de Fotoën:  
D'Representéieren as eleng hire Fall,  
well d'Schaffpäerd kee Blétzliicht verdroen  
an dofir gin déi, fir deen Ament, an de Stall.

## Sou wéi d'Reider...

*...déi um falsche Päerd um falsche Suedel sätzen,  
émgékierert an nach um Wee verkéiert,  
sou huet och schon op Fiederspëtzen  
e Schreiwer sech vergaloppéiert.*

## D'Egoisten.

't gi Leit, déi hun en Don am Huelen,  
well nämmen dofir hu se d'Hänn,  
si losse sech all Jhest bezuelen  
a sin am Gin guer nüt behenn.

## Méiglechketen.

*Op déser Welt as kee perfekt,  
do kann en beeschen, wéi e wéllt,  
a kënnt och een do wéi geleckt,  
dann as e vläicht domm datt e brëllt.*

## Nüt einfach.

D'Liewe strengt sech nüt u fir engem Blummen  
ze streën  
a Féisch kritt nüt bal ee vun em gemeet,  
well 't muss ee sech scho wëssen unzeleën  
fir e butzegt Stéck Zefriddenheet.

## De richtege Wee.

*Et mengt een dacks, 't héil ee säi Gléck am Grapp,  
mä wann ee kuckt, gesäßt een näisch.  
säi Gléck, dat hëlt ee fest mam Schlapp,  
da kuckt een nüt an eidel Fäisch.*

**De laange Schwanz...**


...kascht äis vill Méi a Schweess,  
well (!), wien hätt en nüt scho gär gewollt,  
et geet äis all dach wéi der Geess  
an hun häerno den Aasch voll Schold.

**Genial.**

*Wat as en Häerz e wonnerbaart Organ:  
keng aner Pompel mécht méi lieweg,  
keng spiltt méi Rollen am Roman,  
keng mécht de Wuertschaz méi gewieweg.*

**E Sacrilège.**

Et as en hellegen Akt beim Krëscht  
fir e Kand ze defen,  
mä wien et beim Wäi(n) mécht,  
dee wëllt en erscen.

**En Tur.**

*Am Liewe muss nach laang nüt alles falsch sin,  
wat nüt riicht ausgeet,  
well woufir rennen s'op Pisa biirt Geld ausgin,  
well do eppes schif steet?!*

**E fromme Wonsch...**

...huet garantéiert emol jiddereen,  
an dat huet guer näisch mat der Relioun ze din,  
an dee Wonsch kënnt beim Auto, der Villa a  
schéine Fraleitsbeen,  
tjee, bei allen Dreem, déi mer gesin.

**D'Gesetzer...**

*...sin do fir de Biirger, fir séng Propriétéit,  
mä si goufen anno Tubak geschriwen  
fir d'Raubrëtter, a Jorbonnerte méi spéit,  
haut, si se nach émmer déi selwecht bliwen.*

**Respekt.**

Eng Leit hun hir Schaff mat der Schëpp an der  
Piosch,  
déi aner, déi hun eng no hirer Léier,  
keng gët duerch déi aner ersat an ausgetosch,  
mä eent huet all Aarbecht: hir Éier.

**Deen Dag...**

*...wou kee klengt Laachen de Mond verzitt,  
as ouni Kär, eng eidel Schuel,  
mä wie sech selwer drëm bedritt,  
bei deem as d'Schiirbel och nach huel.*


**Et passt...**

...wéi Monnerecher Féiss a Paräisser Schung,  
sou nennt een den Houfert an d'Abildung,  
mä wat heescht hei ellen an onkammoud,  
Haaptsaach, et geet ee mat dem Moud.

**Et as kee méi sécher...**

*...wéi um Abraham séngem Schous!  
Wat soll ee vun deem Sprachwuert balen,  
wa schon e klenge Schicksalsstouss  
déck duergeet fir erafzefalen!*

*siuda robert*



# D'UNICEF-Lidd.



De groussen *UNICEF-Gala*, deen e Sonndeg, den 11. November 84 an Zesummenaarbecht mat der *UGDA* am Kulturzenter zu Ierpeldeng/Ettelbréck iwert den Dill gung, war den impo-sante Kader fir d'*Uropférerong vum UNICEF-Lidd*. Textdichter: Robert Siuda, Vertounung: Tony Schuster.

D'Lidd gouf a 4 Sprooche geschriwwen, wouwun all Sprooch (lëtzebuergesch, däitsch, franséisch, englesch) hiren integralen Text huet, mä fir den UNICEF-Gala gouf et an eng 4-sproocheg Versioun zesummegesat.

Virgedroen as et gi vum Baryton Fons Kontz a begleet vum Monnerecher Kannerkouer Princesse Marie-Astrid, vum Ettelbrécker Männerkouer Lyra a vun der Ettelbrécker Stadmusik. D'Solisten waren: Simone Schuster, Piano; Paul Dahm, Uergel; Gust Gnad, Bass-Guitare; Klaus Berlingen, Percussioun. Regie a musekalesch Direktioun: Tony Schuster. A.L.

## 1.

Aus Kinderaugen spricht ein Buch,  
das von der kleinen Welt erzählt,  
vom Leiden ohne Widerspruch,  
das Körper und die Seele quält.  
Wie kann der Hunger grausam sein,  
auch ungestillter Durst ist hart,  
kein Reis, kein Weizen blüht auf Stein,  
auch nicht durch Tränen, naß und zart.

### Refrain:

Das Glück ist doch ein hehres Wort,  
ist Gnade und der Kinder Hort,  
es ist das Wort Humanität,  
das UNICEF in die Welt sät.

## 2.

Donner l'amour est sainte chose,  
si un sourire d'enfant en naît,  
il n'y a au monde de meilleure cause  
que celle de faire guérir ses plaies.  
L'amour exprime le regret  
pour l'infortune et pour ses maux,  
il est noblesse, il est respect  
pour nos enfants, pour nos joyaux.

### Refrain:

L'enfance heureuse est une grâce  
dans chaque pays, dans chaque race,  
ce plus beau grain d'humanité,  
c'est l'UNICEF qui l'a semé.

## 3.

Love doesn't flower everywhere  
such as a kind-hearted caress,  
such as a real angel's air,  
so beautiful that God may bless.  
A childhood born by Heaven's grace  
is law of honour and respect,  
humanity's most noble face,  
that all the humans shall protect.

### Refrain:

Man's feeling is generosity,  
a high tribute to tenderness  
and sweetest proof of dignity,  
that UNICEF helps to progress.

## 4.

Eng ganz Welt läit a Kanner-An,  
Fuurct virum Liewen, virum Leed,  
onschëllieg Tréine leien dran,  
Verlaangren a Verloossenheet.  
Eng Kannerhand wäit ausgestreckt  
as d'Zeeche vun der héchster Nout,  
Milliouen Hänn gin zougedeckt,  
si kréien nüt eng kleng Kuuscht Brout.

### Refrain:

Wat as dach d'Gléck eng herrlech Gnod,  
si bleift sou mun'chem Kand versot!  
Et as dat Wuert Humanitéit,  
dat d'UNICEF an d'ganz Welt séit.

R. Siuda

# Méng Mamm

Ech wunne mat ménger Mamm an engem klen- gen Haus nüt wäit ewech vum Bësch, Mäi Papp huet eis verlooss. Hie sot méng Mamm wir geckeg, well si mat sech selwer schwätz, hie misst sech virun denen anere schummen. Dofir as hie sénger Wee gaangen! Ech weess nüt wou- hin. Ech weess némammen, datt hien en anert, en normaal Liewe wëllt féieren. »Well«, sot hien, »et weess een ni ewéi esou eng Krankheet kann op déi aner wiirken. A wann de kranke Som sech dann an denen normale Leit agefriessen huet, dann, da breet en sech lues a lues aus. E wiisst émmer méi an engem erop. E kritt émmer méi Iwwerhand, ewéi e bëisaartege Virus. An derno as ee ganz vun deem Virus duerchwuess. Et mierkt een et emol selwer nüt méi, wéi verréckt ee gin as. An dat bedeut jo d' Enn vun der Welt...« Du huet mäi Papp all séng Saachen zesummege- paakt an as fortgaang.

Ech blouf bei ménger Mamm. Méng Mamm as guer nüt geckeg. Et as déi beschte Mamm vun der ganzer Welt. Dir misst méng Mamm emol héiere sangen a Musek maachen... Klank a Schwank an Takt erfëll mech ganz a rässt mech mat ewech, Stuff an Haus vibréiere mat an hiren Téin. Et mengt ee bal, d'ganz Welt enegt sech an hirer Harmonie. Botzen, Wäschchen a Raume si ménger Mamm nüt esou un d'Häerz gewuess. Déi méi perséinlech Nout geet bei dësen Aar- bechte verluer. Owes, wann d'Nuecht mat hire schwaarze Biller abrécht, a méng Mamm mech an d'Bett leet, da komme fir mech déi schéinst Stonnen. Zesumme kucke mir zur klenger Fénster eraus. Zesummen erliewe mir op eemol déi héich Dännebeem wéi se keng Beem méi sin, mee uerg a wéischt Gesellen, wann d'Spëtzen Hexenhänn gin, déi am donkelen dréiwe Mier am gaang sin énnerzegoen... Dann erzielt méng Mamm mir déi schéinst an déi grujhelegst Ge- schichten... vun der Kinnigin aus der Énnerwelt, déi énnert dem Buedem an hirem Räich do wunnt a wallt... vun dene wëllen énnerürdesche Wichtelen, déi nuets do schaffen an am Dag nor- mal Leit aus eisem Eck sin... Da liicht esou en helle Fonken a ménger Mamm hiren Aen. Hire Bléck verkrächt sech ganz déif hanneen an d'Aenhilllecht eran. Da fäerten ech émmer hire Geeschter wir och elo erof an dat Liewen an der Énnerwelt verrëtscht... Mat béid Hänn ergräift méng Mamm mäi Kierper. Ganz fest hält si sech

u mir un. Zerstéckelt Wieder glëtschen iwwert hir Lëpsen... dech... nüt verléieren... merci...

Se dréckt mech léif: »Gudden Nuecht, mäi Kand, schlof gutt an dreem schéin...« Eng häerzeg Bees nach dréckt se mir op d'Stir. Da geet se lues eraus. Ech sin eleng a méngem Zémmer. Et as mer onheemlech ze Mutt. Méng Gedanke stielen sech heemlech bei mäi Papp.

»Papa, fir wat hues du ons am Stach gelooss? Gesäis de dann nüt, datt mir dech brauchen... Wéi wor et dach csou schéin, wéi s du nach bei eis waars! Déi Zäit wor ech ménges Gléck leider nach nüt bewosst. Komm dach erém! Iwér jidder Stonn a jidder Dag, wou ech mat dir zesumme sin, wäerd ech mech freén. All Dag gin ech émmer méi vrou mat dir. Du bas et, dce mer allenenne feelt. Du bas méng Stäip, déi méngem Liewen halt soll gin. Némammen däint Dosin eleng helleft mir de Wee rémfannen. Mat dir kréien d'Deg erém Senn an Zweck. Ewéi fréier, wéi s de nach bei mir woors. Weess de, Papa, datt ech dech fir mech erém hun? Aus déngéng ale Kalen- nerblieder hun ech dech heemlech ganzeg grouss nogemaacht, mat déngéng décke krausclegen Hor, mat déngé grousse liewegen Aen a mat déngem wujhelege Vollbaart, kucks du ganz staark a wéi e richtegé Mann dran. Komm lo erém. Lo brauchs de náischt méi ze fäerten. All Bréif an all Zeitung, déi d'Mamm geschéckt kruet, hun ech fir dech gehal. Aus der Dreckskëscht hun ech dee Pabeier all erausgezun, an ofgemaacht, a riicht gezun, an zesumme gepecht. Vill Bréif huet d'Mamm zer- rappt. Ewéi e Puzzel hun ech d'Stécker zesumme gesat, zu engem Ganzen – fir dir ze schécken... An déngem Büro hun ech d'Bréif an d'Zeitunge verstopppt. Lo weess de alles, wat bei eis geschitt as. Náischt hues de verpasst. Ni woorsch de fort! 'T as náischt geschitt. Komm roueg erém... – Sou denken ech un dech, wann ech schlofe gin!«

Deen aneren Dag huet méng Mamm guer nüt mat mir geschwat. Bestëmmt huet si mäin heemlech Verlaangeren no méngem Papp mir am Gesicht erogelies. Ganz sécher as si elo béis, well ech esou vill un de Papp denken. Elo wëllt si jhust mech ganz eleng op der Welt fir sech. Ech, alles rondrém, besteet nüt méi fir si. Si mécht einfach d'Ae vru mir a vrun onse Saachen zou. Ech gin hir léiwer aus der Wee. Am léifste géing ech mech gär esou kleng duckelen, datt kee mech méi

geséich. Iwwerhaapt, wat maachen ech nach hei? Et as dach kee méi do fir mech.

De ganzen Dag souz méng Mamm op engem Stull an der Kichen vru sech ze stuerken, ze dremen. Et muss e schéinen Dram gewiescht sin. Si huet dacks gelaacht. Hcianndo huet se esou Zeechen a Geste gemaacht, wéi wann se mat engem ganz wáit ewech bei engem wir. Ech gouf émmer méi hongreg. Awer ech hu gefaart fir méng Mamm an hirem Dram z'erwachsen. Vlächt erzielt se mer derno all déi schéi Saachen, déi si gesinn an erliefht huet? Vlächt as se ganz léiwe Leit begéint? Op hirer laanger Rees. Vlächt wéllen déi Leit ér hellefen? Vlächt as se no deem Dram besser opgeluegt? Lo schwätzzt se mat dene Leit. Ech verstin hir Sprooch nét. Déi líif Leit komme bestémmmt aus engem wáite frieme Land. Ech loosse méng Mamm elo léiwer mat dene frieme Leit eleng. Hoffentlech gin se eens mateneen. Op den Zéiwespétze schláichen ech aus der Kichen eraus. Hir Dreem wéll ech nét zerstéieren. Wéi ech d' Kichendir hannert mer zou geschloen hun, gét et mer ganz weech. Ech hun d' Gefill, wéi wann d' Dir zu ménger Mamm fir éiweg zou wir. Ech spire mech ganz eleng op der Welt. Heemlech verfuussen ech mech an dem Papp sái Büro. Do steet en – de Papp – ganz grouss a breet a starek. Aus Pabeier. Aus séingen ale Kalenniferblieder hun ech hien zesummegebaut. Zevill gär géif ech mech elo bei hien op de Schouss setzen! Awer da fällt alles zesummen. Am Papp séngem Büro tompen d' Saachen nach ewéi émmer. Sái Geescht as nach do, all séng Saache sti ganz stéll a riicht op hirer Plaz. Esou eng wiirdeg Rou kénnt vu sénge Bicher. Jo, séng Bicher hun d' Saach erfaasst. Dem Papp séng Bicher wéssen alles. Ech wéll och verston. Ech wéll esou gescheit gin ewéi méngem Papp séng Bicher. Ech setze mech un dem Papp sái Büro. Séng Bicher gin a mech. Méng Ae sin zou. Ech soe mer, datt ech horgence wéi mäi Papp wéll gin. Sou gescheit, sou starek, sou grouss. Ech zéic mer e Buch aus dem Papp sénger Bibliotéik eraus. »Mat engem Händikap liewen.« Ech gi mech drun a liesen. Da kann ech derno besser mat méngem Papp diskutéieren; well d' Mamm jo ni mam Papp schwätzte wollt.

O, méng Mamm! – do steet se vru mir. Riseg grouss, mat fénkelegen Aen. Erwéscht! Mäint Geheegnes as hin. Hir laang Ärem an ausgemier-

gelt Fangere gräife geireg no mir. Ech sin ageklemmt. Ewéi d' Gréidel am Hexenhaus. Et as mer baang, d' Mamm géing hir ongestimmeg Kraaft nét meeschter gin. Méng Blécker zéien sech ewech; si däerfen der Mamm nét begéinen. Ech kuschen an drécke mech esou kleng et némme geet. Ech duerf nét widdertriewen. Némme jhust nach nogen... Ech sin op en Donnerwieder gefaasst.

Päng! – De Papp krut en décke Fouss op de Bauch. »Du Lomp, du Feigling! Hei as méng Revanche! Fir wat hues de dech esou ekeleg aus dem Stébs gemaacht? Si mir dénger nét wáert? Fir wat léiss de eis am Dreck sétzen? – Dés Wieder vermëschen sech mat de Pabeierfatzen an der Luucht. Alles huet méng Mamm an d' Luucht gestouss.: Kapp, Ärem, Been, da blift alles um Buedem leien. Futti, zerrass, ermückst. A méng Méi mat. Mech gesinn ech hannert de Stécker an der Luucht och explodéieren. – Elo as alles criwwer.

Méng Mamm as verschwonnen, mat Tréinen an den Aen. Ech sin eleng. Dés Kéier wiirklech eleng. An deem Ongléckshaus hei wéll ech nét bleiwen. Béis Geeschter verfollegen een hei. Et as e Fluch um Haus. Ech lafe fort, wáit fort... An e Béisch, fir mech ze verstopen. Mäin Häerz klappt ewéi wéll. Ewéi wann et gäre géif eraus-sprangen. Angscht, ech gin der nét lass. Ech schnape no frëscher Loft. Méng Bee packe mech nét... Si hu mech ém geworf. Virun engem décke Bam. Déck a knuereg Wuurzele wullen sech déif an de Buedem. Méng Fanger krämpelen sech fest drun. Téscht de Wuurzelen as sech e schwärzen Agank. Dat Lach gesait aus ewéi en ale Fuussebau. Op alle Véier kräichen ech an dat do eran. Moss, Blieder a Wantergréng maache mir de Wee schéin duuss a mëll. Am Enn féiert dëse Gank mech bei d' Kinnigin vun der Ënnérwelt... D' Kinnigin hélleft bestémmmt, ménger Mamm.

Neie Mutt, neit Liewen, wiisst a mir. Mat neier Kraaft wullen ech mech derduurch. Déi Hielt hei féiert mech an dat Land, wou den Dram zou Wourécht gét... wou de Wonsch a Wiirklechkeet émkéiert... Émmer méi déif gruewen ech énnert der Äerd, émmer méi knuereg, knacheg a kréppelgeleg gin d' Wuurzelen. Dee weechen, mollen, wuessbere Buedem, Äerd, gét fielsenhaar; ausgedréchent, knuppeg Äerd. Mäin Otem verseet. E vermuuschten, stécksege Geroch. "T as stack-

däischter, a kal. Méng Fanger taaschten an eppes Kales, Schwabbeleges, Buuschteges, Ekeleges... En doudäge Fuuss... E schlecht Zeechen... Huurteg zéien ech méng Fanger ewech. A kéieren eenzock ém. An d' Räich vum Doud sin ech agebrach. Um verkéierte Wee krauchen ech zréck. Op dësem Doudespàd fannen ech bestëmmt méng Mamm nüt erém. Op cemol gin ech vu jääzegem, wife Liicht verblennet. Eng riseg, grouss, kräfteg an hell Gestalt kënnt op mech duer. ... D' Kinnigin vun der Ënnerwelt! – ech erkenne

méng Mamm ... Mat engem waarme Laache streckt si hir sécher Ärem no mir. Si hëlt mech erop op hire Schouss, – »Bei mech gehéiers du...«, hir roueg besuergt Stëmm kënnt vu ganzeg wäit ewech. Mat hirem Mantel, d' Äerd wéckelt si mech an an deckt mech zou. Keelt an Angscht si mir vergaang... Fir émmer. Ech hun se fond... Méng Mamm...

Marion Schmit-Muller

## Komm mir méi no

Nét op enger Photo,  
well déi verwieilt;  
Nét eleng am Dram  
well dee vergeet;  
Nét iwwer Kabel oder Téléfon,  
Nét eleng am Bréif, an de Gedanken –  
Komm Du dach selwer!  
Sief mir deen Deel vu mir,  
dee mir zwee  
fir fräi ze sin  
a vrou  
csou néideg brauchen

Gjpr.

# Engt universaalt Wuert

Hu mir nüt eng flott Sprooch? Mat engem eenzege Wuert kann een esou vill soen, 't muss een némme wëssen, wat deen anere mengt. Wär dat näischt fir ons nei Europasprooch?

Dérletscht hun ech dem Papp gehollef, hien hat onse Salong nei tapezáiert; elles war fäerdeg, hien musst nach grad ons Biller ophänken. Reech mir mol den Déngen, sot hien, a kuckt op den Dësch. Dat war fir den Hummer, mee 't musst een et verstoen.

Wéi hie fäerdeg war, koum d'Mamm, si kuckt vun engem Bild zum aneren, a seet: Ma Pir, dat Déngen hängt jo schif. Dat war nüt den Hummer, mee d'Bild vun onser Bomi.

De Papp schuppst d'Bild e wéineg no rechts a mengt: As et elo besser? Hei, Dimitry huel dat Déngen do an dro et an d'Garage... Dat war awer nüt den Hummer, nüt e Bild, mee einfach déi kleng Bänkelchen.

Wéi d'Mamm an de Papp dunn deen neie Salon am schéine Kleed bewonnert hun, richt et op eemol esou brenzeg aus der Kichen. O, mei, rifft d'Mamm: lo as mäin Déngen ugebrannt... Dat war nüt den Hummer, nüt d'Bild, och nüt d'Bänkelchen, mee hire gudde Brot...

Wéi onst Siss sech beim Iessen zervéiert, wousst hatt näischt Besseres ze soen, wéi: Dat Dénge schmaacht no näischt, 't mengt een et géif ee Kouflappen iessen. Dat war nüt den Hummer, nüt e Bild, och nüt d'Bänkelchen, nüt de Sonndesbrot, mee einfach de Spinat.

Beim Dessert seet de Papp: Dat Déngen as gutt, ech géng nawell nach eng Portiou huelen... Dat war nüt den Hummer, nüt e Bild, och nüt d'Bänkelchen, nüt den ugebrannte Brot, guer nüt de Spinat, mee eng fatzeg gutt Glace.

Wéi ech aus der Schoul koum, stong ons Nopesch op der Dir, a freeet: So, hues du onsen Déngen nüt gesinn?... Dat war nüt den Hummer, nüt e Bild, nüt d'Bänkelchen, nüt de Brot, och nüt de Spinat, guer nüt Glace, mee hire klenge Jempi.

Do gesait ee, wéi gescheit mir Lëtzebuerger dach sin, wa mir schons mat engem eenzege Wuert esou villes soe kennen. Ech kënnt nach vill Beispiller gin, mee da kéim ech dach zum Schluss vläicht erém op d'Déngen, dat wir ewéi am Lidd:

E Lach as am Emer... an esou weider.

A. Alff

# En Eckelche fir is Dialekter

An enger Zäit, wou d'Lëtzeborger Ëmganks-sprooch sech ueterall émmer méi dorrech setscht (dat as däälwáis och gout esou) an déi kleng Dorrefsproochen ofholen, git ech gär op diser Plätz eng Lanz fir éise Platt breechen an ech wéier frou, wann aner Läit no mir eläi an disem Eckelchen (déi Fechternacher sieten »Eekelchen«) dat selwecht fir hir Sprooch gite maachen.

Bäi is op der Musel schwätzen déi määscht Läit nach esou wéi hinnen de Schniewel gewuess as, nüt wéi an der Stad, woubal kää Jonke méi dat aalt Stiets nach schwätscht. Och an den Dërrfer rondrém d'Stad sin déi lokal Sproochen sou gout wéi ausgestorref.

Et hott sech iewer och op der Musel munneches geännert dorrech den Afloss vun der Ëmganksprooch. Zum Bäispill hun d'Läit soss émmer gesot: »Dau hoscht, hën hott«, haut son déi määscht: »Hén huet, Dau huescht.«

Et héiert än och émmer méi dack »du« huescht aplaz Dau. Haut äesse vill Läit léiwer Äerdbieren, wéi Kläbbaren oder Erpelen. Jee, et kënnt än eng Hällewoull därf Wieder opzielen, déi aussterwen, (Koarmesch = Spatz; Maulbéch = Maulworf; Auszock fir Tirang as schon ausgestorref) an dorrech aner ersat gin. Ech well eläi keng Tréine verkräischen, mä as et dann nüt esou, datt mat all Wuert, watt verschwénnnt en Dääl vum Dialetk ofstërrft. Den Dialetk as e Stéck vun éiser Ägenoart, an et wéier schued an diser Zäit, wou alles an eng Uniform gequëtscht gët, wann déi Grimmel »Individualitéit« verluer git goen. Mer wellen dee ganzen ale Krom vu Géscht nüt erémhollen, nään! Ma dat watt mer nach hun, solle mer gut besorgen, datt et is er-hale bläift.

Ech hoffen, datt eech mäi Gepoters derzou bruet hott, eech Gedanken iwver dat Ganscht ze maachen, an datt Der och d'Fieder äas an de Grapp hollt an eppes fir disen Eckelche schräift.

Villmools Merci

Frank Faber, Schwéidsbéngen (Haff Réimech)

G. Raths

## Op Däitsch: Wunschkonzert

Viru mir souz de Präsident vu Frankräich, séng Fra an e puer Ministeren. A ménger Rei souzen d'Leit vum Radio, vun der Télëvisioun a vun der geschriwwener Press. Hanner un eis – ménger Fra an ech – souzen d'Ambassadören, Konsulen an aner respektabel Leit.

Als gléckleche Gewënner vun engem Präisausschreiwen hat ech d'Méglechkeet fir an engem Concert vun de Berliner Philharmoniker zu Paräis ze sin.

D'Instrumenter waren ofgestëmmt, d'Luuchte waren aus a jidfereen huet drop gewaart, datt den Dirigent sollt kommen. »Do rifft een dech«, sot méng Fra. Taatsächlech huet dee Mann, deen eis de Prabbeli an de Mantel an der Garderobe ofgeholl hat, mir gewénkt, ech soll bei hie kommen. Ech sin opgestanen a bei e gaang. »Monsieur, mir hu Problemer. Den Dirigent huet Verspíeidong a mir mussen ufänken, well de Président huet e wichtegen Termäin nom Concert.«

E war nach nüt fäcrdeg fir mir all dat ze soen, du stung ech scho matten an der Garderobe vun den Artisten.

»Äre Brëll muss der ausdoen, d'Hor gi gro gesprëtzt an dann dot der dës Méck an dëse »Schwalbenschwanz« un. Dir sid grad esou grouss wéi den Dirigent, duerfir fällt et kengem op, datt Dir hien ersetzt. Nëmmen, di éischter Gei weess Bescheid. Dir maacht dat schon. D'Ouverture as jo e bekannt Stéck. No der Ouverture kommt der erém heihinnen erém.«

Ech koum op d'Bün, hun d'Leit héiere klappen, hun opgepasst, datt ech nüt iwver e Kabel gefall sin a scho stung ech um Dirigentesockel.

D'Stéck war eriwwer. D'Leit hu geklappt, ech hun der éischter Gei d'Hand gedréckt a sin erém hanner d'Bün gaangen.

»Merci, Monsieur, den Dirigent as elo do, Dir kénnt ech erém anescht udon.«

D'Leit an der zweter Rei waren e bëssche béis, well si erém hu missen opstoën, wéi ech op méng Plaz zréck gaange sin.»Wou waars du esou laang, elo hues de d'Ouverture verpasst; et war wonnerbar,« sot méng Fra.

»Mir haten den Auto falsch geparkt«, hun ech geäntwert. Op dëser Plaz huet dann, geweinlech war dat nom fénnefte Patt, den Erzieler, de Jang di aner Leit am Bistrot gefrot: »Wat hätt Dir da

G. Raths

## 1984: Den Heeschek as fort

Den Heeschek – esou hun ech gemengt – déi luch doheem bei eis énnner der Trap fir op de Späicher, an zwar énnert dem Trepplek, deen émmer esou gekréckelt huet. Et wor, wi wann deen Trepplek eis émmer un der Mamm hire Saz erénnere wollt:

»Mir musse schaffen, an dir musst léieren, soss musse mer mam Heeschek duerch Duerf goen.«

Si huet eis Kanner awer ni gesot wéi den Heeschek géif ausgesin. Ech wousst och ni gence op den Heeschek esou gedroe gët, wéi d'Baueren di geféllt Gromperesák droen. Mee et waren nach vill Froen, op déi ech keng Äntwert wousst. Muss een sech an d'Rei stellen, de Papp, d'Mamm an d'Kanner, een hannert deen aneren, oder een niewent deen aneren? Séngt een, oder seet een e Spréchelchen op? D'Léiwer Herrgottsblieschen' war dach fir eis Kanner scho réservéiert an 'd'Ouschte re sin do, kann een nüt d'ganz Jor sangen. Ech hat émmer Angscht d'I.éit géifen eis näischt gin. Ech hun heiandsdo gemengt de Loftzoch vun der Dir, déi engem virun der Nues géif zougeklaakt gin, am Gesicht ze spiren; et huet mer och geschéngt, wi wann eng spëttesch Stémm géif soen: 'Si ware schon crém do, déi mat de ville Kanner.'

Éierlech gesot: Ech hat ni de Courage mat engem driwwer ze schwätzen an ech sin och émmer mat enger gewésser Angscht laanscht den Heeschek gaangen. Ugepaakt hun ech en ni. Ech hu mir virgestallt, datt e rau war an datt en engem d'Haut géif duerch den Pullower op-schauteren.

D'Elteren hu geschafft a mir hu geléiert.

1984: Et huet eis erwësch. Mir sin aarbechtslos a mir bräichten en Heeschek. Mee den Heeschek as fort. Well 1961 dunn as et eis gutt gaangen, an et as émgebaut gin, an den Heeschek as am Gewulls verschwonnen.

\*\*\*

geäntwert? Eist Marechen hätt mir jo souwisou nüt gegleeft, datt ech d'Berliner Philharmoniker dirigéiert hat.«

Chrétien Clement

## Waart nach eng Weilchen!

As dat en Zirk, as dat en Dausch  
Op eisern Mullebutzenträusch!  
Dee steet a stäifer Wanterwot,  
De Frascht dee weist nach nät vill Gnod.  
Den Trausch as haut e Sängerjuck.  
Et as schued, him feelt nach d'äerdeeg Kuck.  
E pëtzt sech d'Lichlen iwer d'An,  
De Wäissert kënnt wuel Glëtz dra man.  
Gedold! Gedold! Waart nach eng Weilchen!  
Haut bléit den Hieselter, mar d'Veilchen.  
De Spréiwen hir verhätschelt Spiller  
Verkübeln dee verbrauchte Miller.

## Beim Schetzel am Gréngewald\*.

Dech hues de wëllig hier geklaiselt,  
Däi Schloff hun d'Stäre räich gestreiselt.  
Mam Himmel hues de kaum gekrämpelt,  
D'Verledong daper ugerämpelt.  
Dir spillt de Bësch nach laang séng Uergel,  
Solist as grad eng Dauweguergel.  
Wat d'Blieder mierwlen as Gebiet,  
Dat mystesch mat den Härzer riet.  
En Hieschen deen duerch d'Schlauf  
[gestuerwen,  
Hues du verhickt am Bauch begruewen.  
Du waars en irdeschen Askeet,  
E Wiechter vun der Stäreweed.  
\* Mengem Frënd Leo Quaring aus Dank dediéiert.

Georgette Ludig

## Kommt op Besuch

Léift Maria a Johny!  
Dés Invitatioune kënnt vum Butzi a vum Josy!  
Si froen: Kommt Dir eis besichen?  
Doheem an onser klenger Kichen?  
Den (...) um halwer aacht, sollt Dir Iech mellen,  
Dir braucht némmen eemol ze schellen.  
Dir braucht och kee laangt Kleed, an och  
kee Frack,  
bei eis um zwete Stack!  
Némme gutt Laun a Léschtegkeet,  
mécht Freed an Häerzlechkeet.



## Courage fir den Examen.

Léift Charlotte!  
D'Butzi wünscht Dir fir den ... Mee  
vill Gléck a Courage op deem neie Wee  
A muss Du Dech och ganz vill ploen,  
wëll ech Dir heimat soen:  
Looss de Kapp nät direkt hänken,  
a versich émmer positiv ze denken,  
kriss Du och eemol d'Flemm,  
da bäß gantz fest op d'Zänn,  
probéier dann ze laachen  
dat Bescht doraus ze maachen!

Georgette Ludig

# Wéi de Wéllem en Hond kaf hat

Et soll haut kee mengen, fréier hätten d'Leit op den Dierfer guer keng Freed gehat, well et elo émmer heescht: O Mamm, deemools haten se näischt ze laachen. – Sécher, d'Leit hu sech vill misse ploen a quëtschen an drécke fir auszekommen. Dräi an alt dacks véier Generatiounen hun ennert engem Daach zesumme gelieft an duerfir wor och zénterhir nimools méi Liewen an Doud esou no beineen a matenee verknéppt. Duerch dat enkt Zesummeliewen am Haus esouwuel wéi am Duerf, si bei de Leit vill pickeg Ecker a Kanten ofgeschlaff gin. Si wore vill méi gedéllleg mateneen ewéi haut, a wann een deem aneren eng gesticht huet, wat méi dacks virkomm as wéi ee menge kénnt, da sin se nét glaich bei den Affekot gelaf. Wann den éischten Ierger eriwwer wor, hun se driwwer gelaacht a sech mat dem séisse Gedanken un eng Revanche getréisch. Duerfir hun se och gär a liicht iwwer eppes gelaacht, iwwer dat mir haut emol knaps nach schmunzelen kénnen.

De Wéllem wor och e Mann, deen sech vill huet misste ploen, well en hat eng Häerd Kanner an en hat fréisch gebaut. Hie wor Schouschtermeeschter an en huet d'Bauerewiesen deemools nach némmen niewebäi gefouert. Herno, wéi d'Schongfabrieken émmer méi an émmer méi bélleg fáerdeg Schong geliwwert hun an d'Leit mam Zuch an d'Stad op de Maart fuere konnten, hu se sech Schong vun do matbruecht, an dunn

huet de Wéllem d'Schouschterei un dee berimmten Nol gehaangen. Má wéi gesot, deemools huet hien nach Schong op d'Mooss gemat, an en huet alt dacks laang op séng Suë misste waarden, well déi wornen nét vélleg. Abee, en hat nun och engem e Puer Schong geliwwert an deen hat e ganz schéine jongen Hond, deen dem Wéllem an d'A gestach huet. Se goufen sech och séier eens mam Handel. En Daler huet den Hond kascht. »Du kriss déng Suen over eréischt e Sonndeg no der Mass«, sot de Wéllem, »well ech weess jo nét, ob den Hond och bei mir bleibt.« Deen anere wor és d'accord, an esou as de Wéllem mam Hond heem geschréckt. Hie konnt over nét wéssen, datt deen aneren am Haus vun der Späicherlicht aus him nogekuckt huet. Énnerwee, de Wéllem wor nach nét wáit gaangen, huet den Handel hie scho geraut: »O Mammelikanner! En Daler fir en Hond! A wat seet eist Gréit eréischt, wann ech mat engem Hond heemkommen? O Jésesser-gott!«

Sonndes no der Mass sot de Wéllem ganz treisch zum Verkäfer: »So, Joss, ech kann dir deen Daler nét gin, well den Hond as nét bliwwen.« – »Dat gláwen ech der ganz gär«, sot de Joss, »wann ech esou e Fouss bei d'Késcht kritt hätt, wir cch och nét bliwwen.« Dunn hun se allen zwee wéi d'Gecke gelaacht a sin zesummen an d'Wiirtschaافت e Kareli drénke gaangen.

Gil Mandy



# E Sträit

Déi lescht Leit worn alleguer nees heemgaangen an an der Billergalerie wor et erém schéi roueg. Et wir och dobanne bal ganz däischter gewiescht, wann nüt de Schäin vun enger Stroosse luucht op dee groussen Tableau gefall wir, deen do un der Mauer houng. Deen huet dunn an der Däischter ganz apart geglennert a gelijcht.

Hei foun op eemol d'Faarf un ze schwätzen: »Hat der gesin ewéi d'Leit mech bewonnert a gelueft hun a wéi se zesoen ewech worn? Ech däerf roueg behaapten, ouni mech ze bretzen, datt dir aner ouni mech ower och guer näischt wäert.« – »Sief nüt esou agebilt«, huet d'Toile gebaupst, »a wat wiirs du dann ouni mech, wann ech dech nüt esou fest a geschéckt unhalen? Eng Flaatsch schmierge Bräi um Buedem! Ech sin hei d'Haaptsach.« – »Nun héier ower elo emol e Mensch«, huet de Kader sech gäiergert, »ma wat wiirt dir zwou Schnësseschen dann ouni mech, well ech halen iech allen zwee fest a glat un. Wann ech nüt wir, da wiirt dir weider näischt ewéi eng lappig, faarweg, lénge Fatz!« – »Doucement, doucement«, sot dun d'Rumm ganz indignéiert, well si wor ronderemmer voller Gold an duerfir huet si och esou parléiert, »mä ouni mech wiirt dir allen dräi jo emol nüt présenter tabel an och guer nüt valabel. Wat as scho Faarf? E Mélange vu Pudder a vu sténkegem Uelech. Wat as schon eng Toile? E Stéck steift Léngent, dat fir soss näischt ze gebrauchen as, emol nüt fir eng Stébslomp. Wat as e Kader? Mon Dieu, dach weider näischt ewéi véier Stécker bëllegt Dännenholz, gutt genuch fir Tapisséierneel dran ze klappen. Mä ech, par contre, ech blénken a blétze wéi eng Prinzessin. Ech sin et déi d'Leit bewonneren an duerfir sin ech och hei d'Hauptpersoun!« – »Himmelnodikass!, jaut dunn de Nol un deem den Tableau houng, éier d'Ficelle konnt de Mond opdoen, an en huet ugefaangen um ganze Leif ze ziddere vu Roserei. »Dir dommen agebile Pak! Wann ech iech nüt mat ménner ganzer Kraaft hei géif unhalen, wou stéingt oder léigt dir dann, dir, dir...!« Den Nol fond keng Würder méi. Duerfir huet en dann nach e puermol geflucht wéi e roude Päerdsdéif an hien huet émmer méi geziddert vun elauter Ierger.

An op eemol, ploufdeg, as den Nol aus der Mauer eraus geflun a mat engem décke Knuppert foul den Tableau flatschdeg op de Buedem. Do, elo loug dee ganzen Houfert vertéitscht, ge-

rass, gebrach a verschmiert an der Däischtert. D'Mauer, un där den Tableau gehaangen hat an déi deem ganzen domme Sträit nogelauschtert hat, huet sech bal eng Boss gelacht. Neen, si as ower nüt zesummegefall wéi déi vu Jericho, well si wor stabil gebaut. Si konnt schon e ferme Schock verdroen, an si huet och nüt laang gelacht, well si hätt am léifste gekrasch iwver esou vill Topegkeet. Mä et hätt jo och kënnen aneschter sin. A dann...?

Wat déi Geschichtchen hei soe wéllt? Abée, et däerf een dräimol roden.

Gil Mandy

## Marcel Reuland

Dräi Piissénger haten e Kuebenascht fond, ma 't war némmen een, dee gutt klamme konnt. Deen duecht, mat Gelémp u jong Kueben ze kommen,

as eenzock op de Bam geklommen  
an huet an den Äscht do uewen  
dräi kräfteg jong Quakerten ausgehuewen.  
Mä wéi en dermat heem goë sollt  
du hun séng Kompre jo dele wollt.  
»Déi Saach«, sot de Schallek, »as glat nüt schwéier,

dat ma mer direkt, gerecht a séier:  
dräi Kueben hu mer, mer sin zu dräi,  
dann as jo mol ee fir mech derbäi,  
deen zweten, den as fir mäi Fannerloun,  
deen drëtte fir mäi Klammerloun;  
dat sin der dräi, an dat geet mir duer,  
déi aner behaalt dir zwéin alleguer.

# De Peggi

## Eng wouer Déieregeschicht.


De Peggi huet zu Hesper gewunnt an de Pätter, deen en hat huet e méi mam Biesem »verwinnt« wéi mat gudde Mäifel. Fir wat esou Leit iwwerhaapt en Déier halen hun ech mech ewell dacks gefrot.

De Peggi wor déi Zäit bal ausgewuess, e wäerd esou eng 8 Méint gehat hun. T' wor e Baaschtert, mä en huet ausgesi wéi e richtege Papillon, jhust datt en eng Grimmel méi grouss wor. Et wor wiirkelech e schéint Déier. Iwwerall, wou ee mat em koum hat e Succès. D'Faarwe wore meeschten schwaarz mat e bëssche beige a wáiss. Säi seidege Schwanz huet e gedroe wéi e Fuendel.

Enges Daags wéi de Pätter séngem Hond iirgend e Rescht op säi knaschtegen Teller geschott huet, frot ech deen Alen: »Wat hätt der gär fir den Hond, verkaaft Der en nüt?« – »Gef mer 400 Frang, da kanns De en direkt mathuelen.« Dat hun ech och du gemaacht, an de Peggi huet eis dofir nach laang Joëre merci gesot mat all däer Freed, déi én eis gin huet.

D'Kanner waren natürlech frou, wéi ech mat deem unhängechen Déier heem koum. D'Fra iewer nüt, well de Peggi huet alles wéi nüt appetitlech gericht. Deem wor iewer séier opgehollef, obschon dat schaumegt Bad eisem neie Gaascht guer nüt gefall huet, well esou eppes hat e bestëmmt nach nüt erlief. Mä, wéi en du schéi propper wor, hätt der en emol sollen a séngem seidege, glénnerege Kleed gesinn. Et wor dee rengste Bijou. An et huet guer nüt laang gedauert, du wor hien dee Verwinsten aus dem Haus. Säi Leér wor op der beschter Fotell oder op der Couche, wéi et der Joffer am beschte gefall huet, well et wor eng Mudder. Si wor propper wéi némmen en Déier propper ka sin an esou gescheit, wéi nach laang nüt all Hond as.

A verschidde Saache waren eis Ménsche wäit iwwerleén. Dat klengt Déier wor e Wuechthond op deen een sech ganz verloosse konnt. U séngen Téin, déi vun engem luese Knouteren a Grommele bis op e laudenhaart Bille konnte goen, wousst ee ganz genee, wou een dru wor. Ob een énnen am Haus, oder méi héich an der Trap wor, ob et een Awunner vum Haus oder ee Frieme wor, ob et ee vun eise Bekannten oder vun eiser Familje wor. U séngen Téin an u séngem Behuele wousst een émmer genee Bescheid vum Besuch, ir en do wor.



Hie konnt och eis Gedanke liesen, wann et sech ém hie gedréit huet. Si mer mat him an den Izeger Bësch gefuer – ouni iirgend een Zeechen ze gin – wor en direkt vun doheem u wéi geckeg vu Freed. Déi Freed huet en iewer guer nüt gewise wa mer – dee selwechte Wee – geholl hun, fir bei eise Jong ze goen. Deen hat nämlech och en Hond iwwer deen e jhalous wor.

A wann d'Fra d'Schéier geholl huet, datt se wélles hat him säi Knorpel bei den Oueren cwech ze schneiden, da wor de Peggi méi séier énnert der Couche, wéi ee kucke konnt.

Wa mir éiere wouhi gefuer sin, krut de Peggi émmer d'Schlësselen an d'Maul, déi en dann houfreg bis bei den Auto gedroen huet. Dat hun ech iewer och eng Kéier gemaacht, wéi mer – zu Fouss – op d'Kiirmes gongan. Mir kommen nuets ém 2 Auer heem, sollen opspären, an hate keng Schlësselen. Wat maachen? Ech hun dat Onméiglecht probéiert. »Komm Peggi, mir gin d'Schlëssele sichen.« Hien hat séier bekämpft. Nét wäit vum Bouneweger Park leeft hien ouni ze zécken an d'Gras virun enger Garagendir, an, ouni laang ze sichen, koum hie mat dem Schlësselbond gerannt. Deen Houfert hätt der misse gesin, deen en du gewisen huet. Dobei wore mir 8 Stonn vun doheem fort!

De Peggi hat – grad wéi mir och – séng fest Gewunnechten. Beim Lessen huet dat esou fonctionnéiert, all Méttes dee selwechte Film:

E wor bei äis am Zémmer, ouni datt en heesche komme wir. Z'iesse krut e wat mir och grad hatten. Ob dat Fleesch, Geméis, Schmieren, Zalot wor, alles huet e gefriess, wann en et appetittlech zerviéiert krut. E grousse Koup um Teller huet e scho guer nüt ugeréiert an dat Hondsfüdder, wat een am Buttek kritt, huet en emol nüt mam Héneschte bekuckt!

Soubal ech mech begannt hu fir mech nom Iessen e bëssche méi kammoud ze sétze wor de

Peggi op méngem Schouss. Iewer némmen esoulaang bis méng Fra de Kaffi opgeschutt huet. Dann as e bei séng Tas stoe gaang an huet sech d'Maul geleckt bis säi Kaffi koum. Wann en deen da geschluppt hat as en an de Gank stoe gaang an huet vun Zäit zu Zäit hanneru sech gekuckt. Dat huet geheesch: »Dajee, da komm«. Da sin ech mat der Zeidong op d'Kusch op d'Méttesrascht gaang an de Peggi hut sech genëssege de laange Wee laanscht méng Bee gestreckt bis méng Fra mech geruff huet, fir schaffen ze goen.


De Peggi wor ménger Fra hiren treie Compagnon. Ouni hien huet een si nüt bal gesinn. Wor de Mippche schnekeg, dann as e beim

Glacebuttek stoe blif an huet op séng Glace gewaart. Wor en duuschtreg énnerwee, dann as en e puer Meter viraus gelaافت an huet op der nächster Cafésdir gewaart. E wor nämlech ni un der Léngt, bei esou engem gescheiten Hond wor dat nüt néideg.

Wéi méng Fra du ganz, ganz vill krank gouf an alles sech lues a lues vun hir zréckgezun huet, hat si nach jhust hir enk Familjen an... den treie Peggi.

Et géif schon e klengt Buch, wat een iwwer de Peggi schreiwe kénnt. Vläicht maachen ech dat eng Kéier, wann ech méng Pensioun hun.

Guy



Neijooschaarten 1984/85: Schlass Dummeldéng; Fëschbech; Siweburen bei der Stad; Pabeiermille Lamort, Sennéngen; Lithographie N. Liez 1834

# Den Nowuess schreift:

## Mäin Hond.

Mäin Hond heescht Wuschel. Et as e schwaarzen Hond. Vir huet e wäiss Patten. En as esou léif. Elo as e schon dräi Joér al. E spilt ganz gär mat de Kanner. E bässt nät. De Wuschel billt, wann en en aneren Hond gesäit. E schléift énner mén gem Bett. Méng Schwëster an ech, mir gi gär mam Hond spadséieren. Mäin Hond as de beschten Hond, deen ech kennen.

Lehmann Kevin / Sanchez Paquito

## Bei de Päerd.

D'Carole an d'Tina gi reiden. D'Carole huet e schwaarzt Päerd, d'Tina huet e bringt Päerd. D'Tina reit an enger grousser Wiss. D'Carole reit och an enger grousser Wiss. Mir hun allenzwee e schwaarze Suedel. Heiansdo sprange mir iwwer eng kleng Barrière. Et as schéin. D'Carole as och schon erofgefall. Wann ech kënnt, géif ech de ganzen Dag reiden. Et as émmer léschteg a mir laache vill.

Fassbender Tina / Steffen Carole

## Mir spille Fussball.

Et as Méindeg. Mir sétzen nach an der Schoul. Endlech schellt et. Mir lafen an d'Paus. Ech froen de Rui: »Hues du e Ball?« – »Jo!« – »Da komm, mer spille Fussball!« Mir maachen Equipen. De Carlo as de Goalkeeper vu ménger Equipe. Elo geet et lass. No enger Minutt stleet et schon 1:0. E bësse méi spéit schellt et. Mir si gewonn. Eis Equipe as frou, déi aner sin traureg. Awer et war e flott Spill!

Lamy Christian / Perreira Ferraz Rui

## Méng Kaz.

Ech hun eng léif kleng Kaz. Si as schwaarz mat wäiss. Si spilt gär mat mir. Owes, wann ech an der Stuff beim waarme Feier sétzen, leet si sech op mäi Schouss. Fir d'éischt schléift se. Da miaut se, well se gär eppes ze friessen hätt. Ech gin hir e bësse Mellech. Lo schnuert se. Da geet se sech erém leën. Ech gi schlafen. Mueres fréi spréngt méng Kaz op mäi Bett. Dann hemelen ech se.

Wirtz Tom / Muller Steve

## An eiser Vakanz.

Mir waren an Eisterräich. Do war et flott. Mir si vill spadséiere gaang a mir hu vill gesinn. D'Carine hat e Kaweechelchen an d'Malou e Réi gesinn. Et hat och eng Kéier geschneit. An Eisterräich lafe ganz vill Baachen. Mir waren nät laang genuch do, well ech hun et esou schéi fond. Modert Malou / Welter Carine


## Méng Kazen.

Méng Kazen heesche Muckelchen a Pinki. D'Muckelchen as d'Mamm an de Pinki as hiirt Kand. Eng Kéier hat d'Muckelchen op méng Couche gejéngert. Mir konnten déi kleng Kazen nät all halen. D'Muckelche kann een och op den Arem huelen. De Pinki as vill méi eng wéll Kaz. Befort Tanja / Welsch Carlo

## Méng Kaz.

Méng Kaz heescht Pinki. Si as 6 Wochen all. Si as ganz léif. Mueres spréngt se an den Aquarium an se puddelt doran. Heiansdo spilt se mam Fësch. Duerno leeft se mat Woll duurch d'Haus. Da schléift se 10 Minuten an da geet et nees lass. Heiansdo zéit se mir d'Stréck op. Da leeft se Trap op, Trap of. Wann se midd as, gaapst se eng Kéier. Se leeft bei d'Heizung an d'Kichen. Do leet se sech an hire Kierfchen an si schléift.

Schettino Nadia / Baur André



# Nei Bicher

**Paul Ulveling: De Wilhelmus.** RTL-Edition. 1984. Grousse Format. ill. 68 S. 950 Frang.

Wou kënnnt de Wilhelmus hier, déi Hym déi émmer ze héieren as, wann d'groussherzoglech Famill éierewou offiziell derbei as? Wou sin d'Quellen dervun? De Musikolog Paul Ulveling geet op d'Sich fir eraus ze fannen, wou dat kënnnt sin, déi jo mat deer hollännescher Nationalhym Famill as. Et muss een ageston, datt d'Fuerschen an d'Sichen zu engem positive Resultat geféiert huet an den Auteur mat aller Gréndlechkeet Recherche gemaacht huet, mat Nouten- an Textbeispiller beleet. Ouni laang opzezielen a wat fir Universitéits- a Fachbibliotéiken den Auteur sénge Studien nogong soll festgehale gin, datt »eise Wilhelmus« bal méi wéi sécher d'Melodie as, déi de Mozart, néng Jor al, 1765 komponéiert huet mat sénge »Siwe Variatiounen fir Klavéier (KV 25) iwver en Thema, deen hie fir de Wilhelmus van Nassau gehalen huet. Wéi et dozou koum a wat fir e laange Wee dohi geféiert huet, dat weist de Paul Ulveling an désem schéine Buch, dat a véier Sproochen erauskomm as: Létzebuergesch, Franséisch, Nidderländesch an Däitsch. – D'Editioun as nummeréiert an némmen eng bestëmmt Zuel as gedréckt gin. Den Auteur huet dem Groussherzog d'Buch dediéiert an him dat éischt fir den Nationale Feierdag 1984 iwwerreecht.

**Pierre Nimax: Mäi Land, mäi Lidd.** RTL Edition. 70 Säiten. 30x21,5. 750 Frang.

Wou ee séngt a Musek mécht, do sin zefridde Leit, heeschst et an engem Sproch. Dofir muss een d'Lidder wëssen an et muss een Nouten hun. Dat huet sech de P. Nimax och wuel geduecht, wéi en dat Buch hei beienee gesat huet. 'T sin elauter Létzebuerger Lidder, déi bal alleguer méi a manner bekannt sin a vum Schlofliedchen iwver d'Himmelsdércheren, de Kiewerlek, den Niklos, d'Joreszäiten, de Miseler Wéngchen, den Hämmelsmarsch, d'Eechternacher Weis vun der Sprangprëssioun, d'Oktav asw. vun eiser bekannter Musécker no Texter vun nüt manner bekannter Dichter an Noute gesat si gin. Et wir nüt gutt némmen e puer Nimm ze nennen, dofir loosser dene Leit dat, fir dat no ze schloen, déi sech dat Buch emol eng Kéier weise loessen, an et kafen. – D'Format vum Buch egent sech wiirklech gutt fir de Piano, et as propper a klor, souwuel an der Nouteschrëft, déi den Ady Mootz

gemaacht huet, wéi am Drock aus der St. Paulus-dréckerei. Wat engem nach esou eenzeg gefällt, dat sin déi häerzeg Zeechnunge vum Lina Nimax. D'Presentatioun, och de Layout vum Sonja Müller, as esou lackeleg mat Fotoe vum Marcel Schroeder op der Titelsait, e grousse Sol-Schlüssel mat enger faarweger Fotomontage vu Géigenden aus dem Land. Fir allegueren déi, déi sech fir eiser Lidder intresséieren a fir déi vill Létzebuerger Owender muss esou Buch dach grad méi ewéi ze Paass kommen. D'Virwuert huet a sénger gewinnter Aart de Lex Roth geschriwwen. – Loosst iech dat schéint Buch emol weisen – an huelt et mat – fir ze sangen.

**Joseph Hess: Bei Eis Doheem.** Band IV. *Dëst an Dat.* RTL Edition. 290 Säiten. Illustratiounen. Präis 680 Frang. Plastifizierte faarwegen Aband.

Elo as dann och de 4. Band vun der Serie 'Bei Eis Doheem', d'Radios-Causerié vum Folklorist a Geschichtsmann Jos. Hess do. D'Serie as domat komplett, wann och nach e 5. Band ugekënnegt as, deen als Index geduecht as, an zegläich Erënnerungen un de Jos. Hess mat sénge Publikatiounen bréngt soll. Dat géif nawell en décke Band, duerf een unhuelen, well dat alles opzezielen, wat de Jos. Hess säi Liewe laang geschriwwen huet, dat gét e Koup, wann een u séng folkloristesches Artiklen an der »Obermosel« an der »Létzebuerger Zeitung«, am »Létzebuerger Wort«, ounz déi an auslännesch Zäitschriften, dann nach déi aus de Kalenneren an de Broschüren denkt. Hie gouf selen ugesprach, wou en nee gesot huet. A well déi meescht dat woussten, gouf en dofir gefrot.

Séng Radiosvirträg hun nüt dat Geléiert, dat Onverständlecht, dat Dréchent, dat folkloristesches a geschichtlech Causerien ze dacks hun. Se sin esou fir den normale Mensch geduecht, esou aus dem Versteedesemes fir d'Zäit an d'Saach a fir d'Leit riichteweich duerbruecht. Et hält een de Professer bal ni an uecht, wann och séng Ausdrockweis dat op Plaze verréit.

Wann dése Band den Titel huet: Dëst an Dat, da wéllt dat nun nüt heeschen et wir Zesumme- geraafstes a Beieneegeschäertes fir nach e Buch voll ze kréien. Et sin déi, déi nüt an déi 3 éischter esou mir-näischtdir-näisch anzereie worn. Den Nic Weber mengt am Virwuert, datt »dëst

eng gutt Saach« wir, well »dat huet e wiirklech verdéngt«, da si mer gär och deer Menung.

De Jos. Hess as 1889 zu Simmer am Äischdall gebuer, am Schiet vun enger Buerg. Hie weess deemno wat a wéi et an deer gudder aler Zäit wor, déi hien »Déi schlecht al Zäit« nennt, eng Zäit, déi nach laang nét esou wäit an der Vergaangenheet läit, a mat Recht as de Kapitel dofir gutt gewielt: Gëschter – baussen a bannen, wou mat deer falscher Romantik opgeraumt gët. Am zwete Kapitel geet da rieds »vu Leit, déi en Numm hun« (Péiter vu Mansfeld, Dokter Michel Welter, de rouden André, de J.P. Pescatore an d'Fondatioun, Oscar Stümper). Da kann een d'Aktualitéit vu gëschter« opschloen (Brandbréif, Landlefer, dréchent Jor 1893, wéi de Polvertuurm 1807 an d'Luucht gong). Et dierft och jidderee intresséieren, wat de Jos. Hess »Vun der Sprooch an der Aarbecht un der Sprooch« seet. Sou vun ale Flouernimm, déi hir Bedeutung hun, vu franséischen Nimm vu Lëtzebuerger Dierfer, vun de gudden ale Gaassennimm vu Lëtzebuerg, vun der Maison de Cassal, vun der sproochwëssenschaftlecher Sektion vum Institut, Neies an der Lëtzebuerger Sprooch (Dictionary, Grammaire-R. Bruch), dem neie Sagenschatz vum N. Gredt, enger Bibliographie... Dofir as et och schéin, datt hei »Un si crënnert« gët, déi vill fir d'Sprooch gemaacht hun: Isidor Comes, Abbé Jos. Hurt, Jean Dumont, Jacques Kintzelé.

Am lëschte Kapitel hu mer dann: Lëtzebuerg – Geschicht a Gefill. Et dierft do, nieft »Iechternach a sénger éischter Fräiheit«, »Lëtzebuerger Emigranten no Ungarn am 18. Jorhonnert« munnech Leit intresséieren, zemol, wann ee vu sénge Virfueren do opgezielt gët. Wéi déi hollännesch Kinneksfamill op Lëtzebuerg koum weist de Jos. Hess op déi Geschicht hin, déi Lëtzebuerg an Holland matenee verbonnen hun a verbannen. Aktuell ka wuel de Bäitrag sin: wa gestëmmt gët. Am Artikel: »Keng Geschichtercher, léiwer Geschicht« geet e mat deem pseudowissenschaftleche Gerieds zu Geriicht e.a. de roude Pëtze wir esou rout gewiescht, well do d'Blutt vun denen déi gekäppt goufen, an der franséischer Revolutioun, dofir geholl wir gin... Hautdësdaags as jo vill Rieds vun eiser Identitéit, dofir as et fir jidderee gewéiss intressant fir ze héieren: *Wéi mer national fille geléiert hun.*

Wann den Text ganz lieweg, ganz mënschlech as, da sin d'Illustratiounen, déi de *Guy May* an de Marcel Schroeder liwweren esou deem ugepasst, datt et bal nét besser kënnt sin. Um Émschlagbild hu mer den ale Kolléisch an der Énnescht Gaass, eng Lithographie vum J.B.A.M. Jobard ém 1827, op der Récksäit, Simmer an d'Buurg, do wou de Jos. Hess viru bal 100 Jor gebuer as. – D'Maquette as, wéi bei denen aneren, vum Sonja Müller. Den Droch vun der Sankt-Paulus-Dréckerei as propper, liest sech gutt, an d'Schrëftbild as op d'Texter ofgestëmmt.

Et as e schéint Buch, dat ee mat Freed, tir d'éischt derduurch bliedert, liest a sech dono soe muss, do hun ech eppes bæigeléiert, do sin ech Saache gewuer gin, do hun ech Ausstreich kritt, vun deem ech virdrun nét vill oder guer näischt wousst. Dofir schéngt et mir, wéi wann déi véier Bänn op d'Lëscht vun de Schoulbicher gesat misste gin: se sin esou, datt se souwuel an der Geschicht gebraucht kënne gin an dernieft am Lëtzebuergeschen e groussen Déngscht leeschten. Sou schéin an esou gutt de »Renert« och mag sin, et dierft awer mat rouegem Gewëssen behaapt gin, datt dës Rei vum Jos. Hess, méi géif uspriechen ewéi dat anert. A fir wat sollt emol nét eng Kéier probéiert gin, fir ze kucken, ob dat stëmmt?

Nieft deem 4. Band sin déi 3 aner och nees ze kréien. Ween e schéint Geschenk maache wëllt, dee sollt sech emol déi 4 Bänn am Bicherbuttek weise loessen (oder bei RTL Editioun bestellen, Postscheck 70-70), et gët em doudsécher nét leed.

Pir Kremer: *Kanner feiere vrou Fester*. RTL Editioun 1985.

Et soll een d'Fester feiere wéi se falen, sou heescht et an engem ale Sprooch. Dat as och esou fir d'Kanner an d'Kanner feiere vrou Fester d'selwecht, zu denen de Pir Kremer kleng léif Gedichter(cher) geschriwwen huet, déi vun dem Anne Weyer esou häerzeg, mat Goût a Versteedemes fir d'Kanner illustréiert goufen, faarweg natuurplech. Et sin einfach riichteweich Versen, déi de Kréimesch Pir fond huet fir ueter d'Jor d'Fester ze feieren, och kuurz Spréchelcher fir déi vill Deg, wou et fir d'Kanner méi wéi en Dag am Jor as, dat siewen nun Neijooschdag, Liichtmess, Ouschteren, Mammen- a Pappendag, der Bomi an dem Bopi sain Dag, de Määrchen, d'Kiirmes,

d'Vakanz, d'Joreszäiten, d'Fuesent, d'Buurg, d'Fouer, an der fir de Papp an d'Mamm; d'Spuerschwéngchen as emol nüt vergiess. Op 77 Säiten as esouvill ze liese fir déi Kleng, a fir déi Grouss. An dobai kann een némmen d'Illustratiounen vum Anne Weyer nees eng Kéier ervirhiewen, déi esou gutt bei dat Geschriwwent passen an et op eng Manéier verdäitlechen, datt een sech alt froe muss, wat sprécht dann nu méi un, den Text odder d'Illustratioun. Kanner feiere frou Fester vum Pir Kremer, Illustratiounen vum Anne Weyer, an der RTI Editioun erauskomm. Drock an der Imprimerie Centrale; Compositioun Editpress, as fir 495 Frang an de Bicherbuttécker oder bei RTL Postscheck 70-70 ze kréien.

### Létzebuergesch wéi ech et schwätzen – le luxembourgeois tel que je le parle.

Henry Müller, 453, route de Longwy, 1941 Luxembourg

Et as wuel nüt néideg ze soen, datt d'Létzebuergesch haut eng Positioun bei eis, an och am Ausland, huet, déi viru Joëre keen deer klénger Sprooch profezeit hätt. Hätt jeemools eng Kéier een dru geduecht, datt et Couré géif gin, fir Létzebuergesch ze léieren? An datt dër esouvill sech géife mellen, fir dran ze goen? Wuel keen. An dach deen éischte Cours hat e Besuch, datt et mat engem Sall nüt duergong. 't war de Lucien Ludwig, deen et riskéiert hat, dono huet d'«Actioun Létzebuergesch» et iwwer sech geholl, an haut lafen s'iwwer dec selwechte Wee wéi aner Sproochcourén och am ganze Land. Et feelt nawell dacks u Schoulmeeschtere fir der ze halen, wou se gefrot gin. Nieft dene Couré fir Létzebuergesch ze léieren gin déi, fir et schreiwen ze léieren, no der Dictionnaireschreibweis, och zimlech gefrot. D'Produktivitéitszentral, déi deer fir d'zweet organiséiert, konnt d'Leit emol nüt all mathuelen, well et der zevill worn.

Zu denen éischte Pionéier, déi sech hiergin hun, fir Friemer d'Létzebuergesch ze léieren, zielt den Henri Müller, Professor an de Sproochen, deen ewell an de fofzeger Joren dofir Schoul gehalen huet. Als Fachmann weess hien, wéi een et maache muss a wéi et gemaacht soll gin, well en nieft sénger Léier als Schoulmeeschter a Professor nach en etlech Sproochen am Fong kennt, nieft Englesch, Griichesch och a romanesche Bescheid weess.

Fir dee Cours opzebauen huet en sech deemoos Lektiounen zesummengesat, wéi et virun deem neimoudeschen Zisteem de Brauch wor. No enger kuurzer Paus huet en sech dru gin, fir déi Lektiounen auszebauen. Fro- an Antwertspiller op- an auszeschaffen, eng Vokabelsléscht derbei ze gin, illustréiere gelooss vun den Damme Muller-Harnes a Jacqueline Waltzing, an a Fasciculen crauszegin. Et as elo déi drëtt Liwwerung déi virgeluegt gët, mam Titel *Létzebuergesch wéi ech et schwätzen – Le luxembourgeois tel que je le parle*. Ob een nun domat d'accord as, wann den Henri Muller séng Hemechts- an Duerfsprooch, déi vun Ierpeldéng bei Ettelbréck, als Grondlag hält, dat as eng Saach fir sech. Mir wéissen, datt mer mat eiser sougenannter Koinè dacks op e Stack rennen, sief et, datt et mat Lokalpatriotismus ze din huet, sief et, datt ee mengt, séng Koinè wir déi richteg an déi bescht. Soulaang wéi mer doranner nüt eens gi sin, as et schwéier, an et as wuel rich teg, wéi de R. Engelmann geschriwwen huet, viru ronn 80 Joér, «ad usum delphinii». Wir et hautdës daags nun nüt un der Zait eis do eens ze gin, sou wéi mer et elo an der Schreibweis méi oder man ner goufen? Et kéim dene Friemen och zugutt.

An deem drëtten Deel, deen, ewell 1965 entworf, elo 1985 nei verschafft, erauskomm as, sin d'Lektiounen 21 bis 30, déi vun der Sait 113 bis 175 reechen. Am DIN A-4 Format sin dat pro Lektioun ronn 6 Säiten Text, déi e Bewäis vun der Gréndlechkeet dervunner sin. D'Liwwerung as hektograféiert, propper geheeft a beim Auteur, 453, Lonkécher-Strooss, Létzebuerg, ze kréien, fir dee Präis, deen hie selwer musst derfir aussetzen.

As et vermessan, wa mer nach eng Kéier virschloen an dem Unteréchtsministère et un d'Häerz leën, dach eemol ze kucken, ob et nüt méiglech wir, déi dräi Fasciculen an ee Buch zesummenzebréngen an domat denen e Buch an d'Hand ze gin, déi Létzebuergesch léiere wéllen, no deem Zisteem wéi et hei as. Mee wéi et schéngt as nach e véierten Deel virgesinn, an da wir déi Zait awer do.

Et bléif nach e Wuert zer Schreibweis ze soen, déi sech awer bal ganz un déi offiziell hält, wann den Henri Müller och Artikelen, z.B. den Neutrums mat «» schreift, wat den Ausläänner hellefe géif, dee Fall besser z'énnerscheeden. Datt hien alles kleng schreift bis op Egennimm, Sazufank, wéi et am Franséischen as, as keen Nodeel, an et géif ee

sech wünschen, d'Dictionnaireskommissiouen hätt sech sénger Zäit och dorobber enege kennen.

Ernimme mer am Enn nach den Éierebewäis op der Titelsäit fir d'Professere Jos. Hess an Ernest Ludovicy, an Henri Rinnen, déi mat Rot an Dot dem Henri Muller báigestanen haten. hr.

**Henri Losch:** ...sou laang een drun denkt. **Grouss a Kleng am Krich.** Mam Scenario vum Film: Di zwéi vum Bierg.

Et sin elo véierzeg Joer zénter deer Offensiv, wéi bal d'halleft Land de Krich nees eng Kéier an éischter Platz matmaache musst. Eng méi wéi onglecklech Saach un déi kee Mënsch méi geduecht huet wéi d'Land d'Libératioun am September bis op eng Grenzsträif krut. Ganz sécher hun déi, déi eis d'Fräiheit erém bruecht hun, am mansten dru geduecht, soss hätten se sécher nüt esou liichtfankeg all Rot iwwersinn. D'Resultat kennt een. De 16. Dezember 1944 as et nees ugaang, an dat an enger Géigend, wou nüt dermat ze rechne wor, no eisem onmilitäreschen Iwwerleés. Et gouf e Krich mat allem, wat dat heesch: Bommen, Granaten, Fligerattacken, Verfollegong, Doud, Erschéissen ouni Uurtel a Recht a Gewëssen... Et freeet een sech haut nach wéi dat alles méiglech wor.

'T si 40 Jor, en halleft Mënscheliewen. Ganz vill jong Leit, dat haut awer ewell ausgewusse Männer a Frae sin, kennen nüt begräfen a verstoen, wat dat fir eppes wor a gewiescht as.

An der belscher Télëvisioun as wochelaang déi Offensiv am Film mat Dokumenter, mat Ge-spréicher vun denen dräi Säiten, däitsch, alliéiert an zivil, gewisen gin. Op eisem UKW gouf vum Dezember bis an de Januar driwwer geschwat, Leit, déi et matgemaacht hun, hun hiirt gesot, aus der Erënnerong, wou dat Haapsächlest lieweg blouf. De Chr. *Calmes* huet déi Zäit an dat Ganzt eragesat a kommentéiert, eis Télëvisioun huet Biller aus en etlech Dierfer a Stied bruecht, an as derzou komm e Film driwwer ze dréien, no engem Scenario deen de Loschen Heng geschriwwen huet, no deem wat hien als Kand matkritt an dono erzielt kritt huet. Hien nennt et »romancéiert«, wou déi Geschicht 1939 ufánkt a bis 1945 dauert, mat allem, wat geschitt as. Et as e Film, dee glat a guer nüt erém gi kann, wat d'Wiirklechkeet fir déi all wor, déi de Krich, d'Emsiidlung, Kazett, Maarter an esou vill Lëtzebuerg Familjen eragedroen huet. Wéi sollt een

dat och kenne fäerdeg kréien; véierzeg Jor derno, et as nun eemol nüt denkbar déi Onmënschlechkeet a Biller duerzestellen, et as och nüt méiglech, datt Akteuren dat esou spille kennen ewéi et wor.

Nun, dee Film as eng Ausso iwwer dat wat wor a bei denen, déi et matgemaacht hun, Wonnen oprappt, déi nüt ganz geheelt sin, dee fir déi méi jonk e »blatzegte Bild wuel, mee trotz allem, e realitescht vun deer Zäit duerstelle kann.

Nieft dem Film huet de Loschen Heng séng perséinlech (an erzielt) Erënnerongen aus sénger Kannerzäit zesummegeraft a se an engem Buch mat erausgin. Hien, deen deemoos nach e Kand wor, beschreift déi Joren aus Erliefstem, dat ee verhält bis an den Alter eran, a klengen, iwwerzegenden Episode, mat de Menunge vun de groussen a klenge Leit, aus der Schoul, aus dem Liewe vu Papp a Mamm, wéi se koumen, do worn a gounzen. Déi aus dene Jore wäerden an dem Loschen Heng séngen Erënneronge munneches nees op en Neis erliewen.

D'Virwuert as vum Aloys Raths, dee selwer als Resistenzler ganz vill an deer Zäit am Kazett huet misse matmaachen.

\*\*\*

Well een nun derbei as sollen nach zwee Theaterstécker wéinegstens ernimmt gin. »De Sauren Apel« vum René Weimerskirch an de »Pir Beau-tems« vum Fernand Hoffmann. Déi zwee Theaterstécker si sénger Zäit, virun 20 Jor, dat eent vun dem Goyspill, dem Theaterclub vu Gaasperech an dat anert vum Stater Theater vum Eugène Heinen opgeföhrt gin. Dem René Weimerskirch säint gouf virun 2 Jor nees eng Kéier, a bëssen émgeschafft, gespillet. \*\*\*

Et as gutt, datt elo fir véierzeg Jor derno, déi ellen Zäit, och wann een et nüt wëlle géif mat dem neien Opräisse vun ale Wonnen, aus der Vergaangenheet lieweg mécht – wat eriwwer as, as eriwwer, heesch et jo – an duergestallt gët, a wir et eleng fir ze weise wéi et wor, derzou eng Léier sollt sin, fir datt esou eng Zäit nüt méi dierft erém kommen. 'T as e Stéck aus eiser Geschicht, déi nüt vergiess duerf gin. De Film an d'Buch sin nüt geduecht fir Haass ze séien, geduecht si se fir Onmënschleches an Diktatur ze verhënneren. An dat wéllt wuel jidderee.

\* RTL-Editioun . 1985 . 166 Säiten . ill. plastifizierte Deckel. 750 Frang.

# Et wor am Jor...

1635, virun 350 Jor, wéi den 30 järege Krich hei am Land gehaust huet.

1735, 250 Jor, wéi den *Fr. X. de Feller* zu Bréissel op d'Welt koum. Publizist, d'Redaktioun vum »Clef du Cabinet des Princes« a vum »Journal historique« hat; + 23.5.1802 zu Regensburg.

1835 as den *Nik. Gonner* am Pafendall den 8. Januar op d'Welt komm. En as an Amerika gaang, huet 1872 d»Lux. Gazette« gegrënnt, d'Buch »Die Luxemburger in der neuen Welt« geschriwwen, onser Lidder a Gedichter erausgin an zu Dubuque den 20.2.1892 gestuerwen.

1855, 130 Jor, wéi de *Felix Thyes* gestuerwen as; gebuer de 15.5.1830, deen d'Buch »Essai sur la poésie luxembourgeoise« geschriwwen huet, an och de Roman »Marc Bruno«.

1855 wéi den *Dicks* de »Versuch über die Orthographie der Luxemburger Mundert« erausgin huet.

1855 wéi de *Péiter Klein* gestuerwen as, de 14. Oktober, deen 1854/55 »Die Sprache der Luxemburger« erausgouf; gebuer den 2.5.1825.

1855, den 5. Oktober as de *J.P. Pescatore* gestuerwen, deem mer d'Fondatioun Pescator verdancken, dann och déi Billergalleri, déi am Park an der Villa Vauban as; gebuer 1793; 1855 wor d'Gebai vun der Fondatioun fäerdeг.

1860, den 10. Oktober gouf de *J.B. Merkels* zu Hollerech gebuer. E gong an Amerika, wor do Postmeeschter, huet d'Buch »Blummen aus Amerikas« erausgin, e stiirft 1948.

1885, de 4. Februar, koum de *Fr. X. Würth-Paquet* op d'Welt. Hien huet gehollef déi Archäologesch Gesellschaft grënnen a gët als »de Papp vun der Lëtzebuerguer Geschichtsfuerschung« ugesinn (\*16.4.1801).

1885 huet de *Mosellanus* (Anton Wagner) d»Alt-tümliche Denkwürdigkeiten der Stadt Grevenmacher« eraus gin.

1885 koum »Le Grand-Duché de Luxembourg historique et pittoresque« vum Dokter *J.P. Glaesener* eraus. \*29.6.1831 Colmar, + 10.6.1901 Dikrech.

1885 as de *Sidney G. Thomas* gestuerwen, deen duurch séng Entdeckung eise Minett opgewäert huet a vun deem d'Thommesmiel den Numm kritt huet.

1905, de 15.3. koum de *Marcel Reuland* zu Eechternach op d'Welt. D'Madame Marcel Reuland huet séng Wierker am Band »Dem Marcel Reuland säi Wierk« 1969 erausgin; den 21. Oktober 1961 gestuerwen.

1910, den 21.10. as de *Karl Arendt* zu Lëtzebuerg gestuerwen. De K. Arendt war Staats-Architekt an Historiker, deen d»Portrait's Gallerie, Das Luxemburger Land in seinen kunstgeschichtlichen Denkmälern« erausgin huet. \*15.3.1825 zu Veianen.

1915, de 26.5. geet de *René Engelmann* aus dem Liewen, Professer a Linguist. Van him hu mer d'Schreibweis fir d'Lëtzeburgesch, genannt Welter – Engelmann, an e.a. d'Bespriedchung vum Dictionnaire vun 1906, Vokalismus der Viandener Mundart.

1915 komponéiert dc *J.P. Beicht* d'Weis fir dem *Siggy*, dem Prof. Lucien Koenig, sain Text »Lëtzebuerg der Lëtzebuerguer«.

1915 kritt de *Paul Eyschen*, Staatsminister e Schlag a verscheet, sain Dichternumm wor »Paolo«.

1920, viru 65 Jor as de *Robert Bruch* gebuer, hien deen 1959 duurch en Autosongléck d'Liewe verluer huet. Hie wor eiser dichtegster Linguischten een, Sekretär vum Lëtzebuerguer Dixionär bis zu séngem Doud.

1935 gët aus der Sproochgesellschaft, déi 4. Sektion vum Institut g.d. fir Sproochwëssenschaft, Folklor an Toponymie.

1935 gët de Goethe-Steen um Bock opgericht.

1960 stiirft ee vun den Haaptleit vum Lëtzebuerguer Dictionnaire, de Professer Isidor Comes de 14. Februar zu Iechternach. Him verdankt d'Dictionnaireskommissioun nüt némmen e Koup vun dausende vun Ziedelen, déi e säi Liewe laang geschriwwen huet, mee och munnech aneres: Erzielungen, Theaterstécker. Hie wor och den Haaptmann vun »Eis Sprooch«, déi 1952 gegrënnt gouf, vun Ufank un an der Sproochgesellschaft derbei, President vun der Sproochwëssenschaftlecher Sektion vum Institut 1950-60. Et kann ee roueg soen, datt wann dem Isi Comes séng Ziedlelen nüt do gewiescht wieren, den Dictionnaire wuel kaum hallef esou déck gi wir. \*8.5.1875 Éinen.

1960, du as och de *Pol Noesen*, Schoulmeeschter gestuerwen: gebuer zu Ierpeldéng bei Réimech 1891, Auteur vu schéine Lëtz. Gedichter.

1970, de 7. Februar as den Dr. *Richard Maria Staudt* gestuerwen, dee mam Chanoine Jos. Reuter ugefaang huet »déi kirechlech Konschtdenk-mäler vun der Diözees« erauszegin.

1975, 1.2. verléiere mer de *Vic. Neuens*, 76 Jor al. E wor op der Schmelz, wou e säi Brout verdéngt huet, mee derniewent hat en esou villes, wat e gemaacht huet, a wat mer him haut verdanken, ofgesi vun deer politescher a gesellschaftspolitischer Aktivitéit. Hien huet 1926 d'*Jong-Hemecht* gegrënnt mam Max Goergen an dem Abbé Jos. Hurt, Theaterstécker drop an derwidder geschriwwen, gedicht a gereimt, an der »Heimat und Mission« iwwer d'reliéis Dichtung hei am Land geschriwwen, am Gaart an Heem matgeschafft, wor Korrespondent vum Lux. Wort asw. asw.

1975, den 21. Februar stiirft an enger Klinik an der Stad de *Joseph Lortz*, Prof. DDr., deen den 13. Dezember 1887 zu Gréiwemaacher op d'Welt koum. Hie war e Kiirchenhistoriker, deen apaart iwwer d'Reformatioun gefuerscht huet. Nom zwete Weltkrich wor en op der Uni Mainz Ordinarius fir al Kiirchegeschicht a westlech Reliounsgeschicht, dernieft Direkter vum Institut fir europäesch Geschicht.

1975, den 23. November as de Professor *Ernest Ludovicy* sténterlech verscheed. Hie war vun Ufank un e Mataarbechter vum Lëtzebuerger Dictionnaire a vun 1964 u President vun der Dictionnairescommisioun.

1975 as de *Frantz Hedenstein*, Skulpteur, Moler an Zeechner gestuerwen. Wéi de Jean Jacoby 1924 op der Olympiad zu Paräis déi gëlle Medail krut, gouf him déi sélwer zougesprach fir d'Skulptur »Vers l'Olympiade«. \*15.5.1892 zu Kolma-Bierg.

1975, den 30. Oktober huet de *Pierre Faber* eis fir émmer verlooss. Gebuer an der Stad de 7. Februar 1900 wor hie mam Poutty Stein den »Entertainer«, vun der Virkrichszäit, wéi een haut modern géif soen, Musécker, Schrëftsteller, Membér vun der Dictionnairescommisioun vun 1965 un a Member a Vize-president vun der sproochwëssenschaftlecher Sektion.

1980 as de *Greg Denis* gestuerwen; gebuere wor en zu Stesel den 19. Mäerz 1916; Gemengebeamten, Musécker a sénger fráier Zäit; hien huet d'Melodie vum Lidd »Ech drénke gär mäi Pättchen« geschriwwen.

1980 as de *Frantz Kinnen*, Moler, gestuerwen. Hien huet de »Renert« och a Biller gesat.

1980, de 22. Oktober verléiere mer fir émmer de Skulpteur a Moler *Auguste Trémont*. An der Stad gebuer, den 31. 12. 1892, gong en op Paräis, huet sech do opgeschloen a koum am Alter nees erëm op Lëtzebuerg. Vun him sin déi zwéi Léiwe virun der Märei an der Stad.

Elo kiirzlech as d'*Margot Fritz* gestuerwen, de 5. 2. 1985. D'*Margot Fritz* wor eng gutt Theateractrice, an huet vill gehollef, datt cist d'Theaterliewe méi schéi wor.

1985, den 25. Februar as fir déi meeschter onerwaart de *Carlo Hurry*, Bibliothekar an der Nationalbibliothéik an dono vum Universitéitzenter, gestuerwen. \*14. 10. 1930 zu Réimech.

# Notizen

Eisem Comités-Mêmber R. *Philippart* séng Mamm as viru kuurzem sténterlech gestuerwen. Si war èmmer vill fir d'Létzebuergescht, Eis Sprooch, unzespriechen an huet hire Jong op dee Wee bruecht, deen en an d'A.L. geféiert huet. Dem sympathesche Mémbers-Kolleg an der Famill eist oprichtegt Bäileed.

Op dem *Gala-Concert UNICEF*-Adollefverband, den 11. November 1984 zu Ettelbréck gouf dem äerdege Comités-Mêmber *Robert Sinda* sái »Lidd UNICEF« (CANT UNICEF) fir d'éischt opgefíiert. Musek: Tony Schuster. Soliste waren: Fons Kontz, Baryton; Trompett-Solo: Tony Schuster; Piano: Simone Schuster; Uergel: Pol Dahm; Bass-Gitar: Gert Gnad; Perkussioun: Klaus Berlinger.

1984 wor d'Jor vun der Létzebuerger Musek. Uetert d'ganzt Land si ganz vill Owender mat Létzebuerger Musek gewiescht.

D'Létzebuerger Owender, déi virun e puer Jor vun der A.L. ugefaange si gin huelen och uetert d'Land zou, an et sin èmmer vill Leit do.

Am *Télé-Cran* (1984) publizéiert de *Léon Blasen* eng Artikelserie an deer en eis *Létzebuerger Komponiste* virstellt, hir Biographie an hir Wierker.

No sénger Liesch-Präsentatioun huet de *Léon Blasen* eng nei Iddi gehat an zielt elo eis "Spaasseg Saachen aus der Létzebuerger Literatur", déi hie bis haut op munneche Plaze mat vill Erfolleg virgedroen huet a mat Lidder nach méi lieweg mécht.

E *Marcel Reuland-Owend* hun déi "Jong Theaterfrénn" vun Eschduerf zesummegestallt, mat deem se uetert d'Land zéien. Eiser jonger Membren een, de Claude Mangen, as do mat den Haaptmann.

De *Franz Frising* huet sénger Gedichter de 5.12.1984 an der Fondatioun Pescatore gelies.

Un *Nannetts Méchel*, huet de *Poésie Atelier* erénnert. Gedichter, Balladen, an Zene vu Létzebuerger Auteure vu géscht an haut gi präsentéiert, mat Musek vum Pol Mootz a Camille Melchior.

D'*Paul Henkes* *Medail*, déi den Institut g.d., Sektioun Konscht a Litteratur verdeelt, krut den *Albert Schneider*, Professer vun der Universitéit Nanzeg, de 15. Oktober 1984 iwwerreecht.

De *Paul Henkes* as den 26.12.1984 am Alter vu 86 Jor gestuerwen.

De *Comité Alstad* gét eng Serie *Hannerglasbiller* iwwer d'Joreszäiten eraus, Copié vun Originaler, déi am Musée sin. Dat éischt as elo do, et kascht 2.000 Frang, bestallt kann et gi beim Portier vum Musée. Den Erléis as fir d'Crèche op Almënster. Fir un de Komponist *Philippe Manternach* z'erénnerner huet d'Musek vun Ettelbréck e Concert mat sénge Stecker gin. De Ph. Manternach wor 30 Jor Dirigent vun der Musek, gestuerwen den 21. Januar 1910 zu Ettelbréck, gebuer an der Fiels de 24.1.1845.

De 16. X. 1984 as de *Roger Spautz*, Spautze Rosch, gestuerwen, dee sech fir Theater a Variété, wou et némme gong, hierjin an d'Létzebuerger Kënschtler, Musécker, Kabarettisten an e puer Bicher virgestallt huet. De Rosch wor am Mee 1927 zu Betebuerg gebuer, Schoulmeeschter, koum op Wolz, huet nieft der Schoul Journalist a Publizist gespillet. An der "Garage" gouf en Owend als Erénnnerung un hien organiséiert, den 3.12.84, den Erléis wor fir d'"Amnesty International".

Den "Atelier Radio Uka-Weechechchen" gouf den 13. Mäerz 1984 offiziell gegrënnt.

D'Militär-Musek huet eng nei Plack, haut heesch dat 'Disque', erausgi mam Titel "Létzebuerger Musek". Präis 400 Frang (Delta LP 40125, Stéréo).

De *Léon Weber* vun Esch huet den 31. Juli 1984 70 Jor kritt; gebuer zu Veianen. Mir gratuléieren. De *Léon Weber* as dee Mann, deen zu Esch-Uelzech den Theater ze dirigéieren hat, selwer och gespillet huet an do mam Theaterclub »Liewensfrou« souvill gudde Létzebuerger Theater opfíiere konnt.

Den 1. Oktober 1983 gouf eng »Fédération pour le Lothringa Platt« gegrënnt, déi, no den Zeitunge vum 20.10.1984, eng »Union des Associations pour la Défense de la Culture Francique en Lorraine« as a wéllt, datt d'fränkesch Sprooch an d'fränkescht Lothréngen offiziell sollt unerkannt gin an dem Platt déi Plaz nees zoukomme soll, déi et am Liewe verdéngt.

An den Notize soll d'*Passenhaus* vu Bech-Maacher net vergiess gin, well do alles gebuede gét, wat Létzebuergesches as: Iessen an Drénken nieft Musek a Gesank. E Gaascht, deen d'Leit do ewell gutt ameséiert huet as de *Léon Blasen*, eng Kéier mam 'Auguste Liesch', da mat 'Spaasseges aus

der Lëtzebuerger Litteratur', nieft Kréimesch Pir a Pütze Pol an er. Et gong och Rieds iwwer 'Aarmleitskascht a grouss Kichen, vun deem de Fernand Hoffmann als beschte Kenner den 13. Oktober gezielt huet – et gouf Tier teg (awer kee wéi e soss als Aarmleitskascht gemaacht gouf). En Owend mat Musek a Gesark huet de Franz Holler vu Briedemes mat ege Kompositiounen zem beschte gin; gehollef sangen hun him: Claude Schulze, Helga Stubert, Irene Senski, Fern. Dewans, Jos. Klein, Manfred Reinert, Fernand Schons, Gaston Weber an de ganze Sall. D'A.L. hat gefrot fir beim *Grand Prix Eurovision de la Chanson*, deen am Abrëll vun hei aus iwwerdroen an d'Welt gong, och e puer Wuert op lëtzebuergesch ze soen. D'Direktioun vun RTL huet eise Wunsch ugeholl an d'Désiré Nosbusch, e jongt a léift Meedchen derbei, huet dunn och séng Uso nieft denen dräi anere Sproochen op Lëtzebuergesch gemaacht. A mir kruten esouguer vu London a Lissabon aus an eiser Sprooch 'Gudden Owend a Gudden Nuecht' gewënscht. Dat as och eng Première. Merci der Direktioun vun RTL.

De *Feierkrop* as den Titel vum »Lu« sénger Artikelerie am Wort gin an déi méi oder manner réigelméisseg kënnt. De »Lu« hält denen a sénge kurzen Artikelen d'Sénne« widder d'Sprooch virun d'Aen, a guer nét esou onrecht huet en, wéi Leit dat alt wëlle gesinn. Mir wënschen him vill Erfolleg.

*Sproochsénnen*. Gët et deer? Am Lëtzebuergeschen? Dat kann dach nét sin, et misst een éischter vu Kreativitéit schwätzen. 'T brauch keen Institut a keng Akademie dofir geschaf ze gin, mir hun déi Akademiën dach: Châmber, UKA-wee, Hei-elei-kuck-elei, (dofir heescht en esou), kann een d'Sproochesektioun, och vläicht derbei zielen? Sid dir nach nimools dorobber »ugeschwat« gin, sief et, datt dir fir d'Hausaufgaben »ugeschwat« wiirt gin, oder een iech op der

Strooss »ugeschwat« hätt? An der Châmber hun se de Probleem och »ugeschwat! – Do as et den Deputéierten och »gelongen«, datt der sech fir de Bäitrëtt vu Portugal »ausgeschwat« hun. D'Regierung krut d'»Vertrauen ausgeschwat«. Et huet esouguer een de »Merci ausgeschwat«. Een aner huet sain »Onmutt« ausgedräckt. Mee fir deem Kaméidi z'»entwächchen« as et hinne »gelongen« eens ze gin. Mee sou laang keng Haiser »astiirzen« geet et nach. An da gët et Leit, déi menge mir géife keng nei Wieder (oder Bedeutunge) vu Wieder färdeg kréien. Mee losse mer dach keen »ugranzen« an »en attendant« soen: »ça va«, soss kënnté mir emol fatzeg ugeranzt gin.  
Wat seet eisen Dictionnaire zu »ausschwätzten«? Sait 43, 1. Band stéet: engem eppes ausschwätzten; 't as him nét auszeschwätzten (heescht: vun eppes ofbréngen); looss en dach ausschwätzten (an énnérbriech hien nét); ech schwätzte mech nét aus (soen nét alles, wat ech weess). 'T waart een elo drop, datt um Geriicht och en Urteil »geschwat« gët, amplaz gesprach, vläicht och een eng »Schwätz« aplaz eng Ried hält, a fir e Spréchelchen e »Schwätzelnche« kënnt.

Spaass op d'Sait; sin et Sproochsénnen odder nennt een et Kreativitéit?

Am »Avenir du Luxembourg«, Arel wor de 15.10.1984 en oppene Bréif vum *Arelerland a Sprooch* un d'Paschtéier aus dem Areler Land mam Titel: »Ne laissez pas mourir le Luxembourg!« – Et geet ém hir ege lëtzebuergesch Sprooch: Prêtres de l'Arelerland, ne laissez par mourir le Luxembourgeois dans notre région!... La langue du peuple ne saurait-elle être comprise de Dieu?...

An deer selwechter Zeitung stong den 11./12. Juni 1984 en Artikel mat enger Foto, wou et heescht, datt geschwenn dausend Leit an de Coure wire fir Lëtzebuergesch ze léieren.

Eisen Areler Kollege gratuléiere mer fir Aarbecht fir hir Hemechtssprooch.

# LËTZEBUERG

Moderato

Musek &amp; Text: Bob Scholer

The musical score consists of ten staves of music for voice and piano. The lyrics are written below each staff in both Luxembourgish and French. The key signature is mostly A major (no sharps or flats), with some changes indicated by Roman numerals (G, D, C, F, E) and accidentals (B-flat, A-flat). The time signature varies between common time and 6/8.

1. Léize buerg, Du ménin  
1. Léize buerg, déif a

He - mecius - land  
mén - gem Héerz

kleng a reng  
Du ver - zau -

dach well-be- kannnt fir séng Schéinheet, fir séng Haëzegkeet, séng  
bers méch all Dag durch déng Schéinheit, durch déng Haëzegkeit, déng

Lott, séng Freed, séng Léift sâi Leed séng  
Lott, déng Freed, déng Léift dâi Leed déng

Een - zeg - keet Een - zeg - keet

Herr - gott wat éng Schéin - heel ét yéi an dâ - ser Welt - an dat

Gléck dat all - les kän - nan ze ge - sin Wi - sen, Blumen

Fel - der, gréng Bé - scher léiw kleng Dâl - ler, eng Baach déi lëschteg

sprud - delt a sëngt

Een - zeg - kee - t

Nei Kompositioun vum Bob Scholer


Texter vum Tessy Glodt

Lidder vum Josette Fabeck

CCP: 36791-28 vum Bob Scholer, Tel. 490487 43, Ed. Oster-Strooss 2272 Houwald

Bemerkung: Kannerlidder, an: S1 (Disque &amp; Buch) - K1 (Kassett &amp; Buch)

Präis 680 Frang



## Mäi Lëtzebuurg.

All b moderato *F.*

Alex TOURNEUR

EINE

Couplet

Wor d'Vi-gel päi-sen anen-gem-Stéck an d'Häerz er-

gräi-sen do as mäi Glück. Woud' Brach be-quéim lech duurch d'Wi-se  
Refrain

geet and'lost sou heem-lech do as méng Freed.-Do -heem e-

leng sin ech ze-fri-den, mäi Glück hei-nidden as Lët -ze -

buurg.- Dat Land as kleng, mee d'fel-der blén-ken an d'Buur-ge  
*F.*

Wén-ken zu Lët -ze -buurg.- Do heem e./ Wén-ken zu Lët -ze - buurg.

L.- A kënnt am Fréisor  
de Gaart an d'Blei  
waacht op, wat dir hor,  
d'geect ouni Méi.

Am freie Muergen  
mécht d'Sonn ons waach  
a scho gin d'Suergen  
méi Kleng, méi schwach.  
REFRAIN.

# Réckbléck op d'Cabaretssaison 83/84

**1. Béschzeck:** »Tutti F(r)utti« – *Text:* Jhemp Hoscheit – *Spiller:* Clôt Jacobs, Tilly Jung, Théo Bertemes, Jhemp Hoscheit, Rosch Seimetz – *Musek:* Armand Piccini, Walli Scheer (Gast Gnad, Clôt Jacobs) – *Plakat:* Pit Weyer – *Spill-Uert:* Lëtzebuerg (Bistro Artscène) – *Spill-Zäit:* 10. Nov.-22. Dez. (12X) – *Sprooch:* Lëtzebuergesch

**2. Cabaret JB:** »Stëmmung« – *Text:* Josy Braun, Josiane Kartheiser, Marcel Maack, Guy Wagner – *Spiller:* Josy Braun, Roland Gelhausen, Josiane Kartheiser, Rielle Kill, Arlette Koster, Marcel Maack, Georges Neuen, Danielle Wenner – *Musek:* Claude Muller – *Regie:* Josy Braun – *Bühnebild:* René Boes – *Plakat:* François Didier – *Spill-Uert:* Lëtzebuerg (Bistro Artscène) + Tournée – *Spill-Zäit:* 29. Feb.- 17. Mee (30X) – *Sprooch:* Lëtzebuergesch – *Weider Produktiouen:* »Rammelscheeder«

**3. Kasemattentheater:** »Zwischen den Kriegen« – *Text:* Kästner, Lersch, Schönlank, Guelf, Lasker-Schüler, Lichtenstein, Tucholsky, Biermann, Brecht, Eisler, Bogle/Wade, van Hodis, Weis, Takuboku, Drach, Theodorakis, Bittner, Celan, Canetti, Kaschnitz, Trakl, Wecker – *Spiller:* Josiane Peiffer, Fernand Guelf – *Musek:* René Nuss, Pascal Mackel – *Spill-Uert:* Lëtzebuerg (Theaterstuff) + Tournée – *Spill-Zäit:* 14. Nov.-Dez. – *Sprooch:* Däitsch

»Cabaretro« – *Texter:* Stankowsky, Tucholsky, Hildebrandt, Gliedner, Weber, Kästner, Manderscheid, Kiesewetter, Nostlinger, Wecker, Meincke, Kirmes, Scheibner, Schneider, Woitkewitsch, Kreisler, Roland von Berlin, Benatzky, Spoliansky, Hclminger, Degenhardt – *Spiller:* Haidy Jacobi, Christiane Schlechter, Fernand Fox, Conny Scheel – *Musek:* Tony Schuster – *Spill-Uert:* Lëtzebuerg (Theaterstuff) – *Spill-Zäit:* 2. Abrëll-10. Mee (17X) – *Sprooch:* Däitsch – *Weider Produktiouen:* »Demetrius«, »Mama hat den besten Shit«, »Über die Schädlichkeit des Tabaks«, »Der Bär«

**4. Lëtzebuurger Theater:** »Riäng ne wa plü« – *Text:* Di Säcks – *Spiller:* René Pütz, Roger Stahl, Sophie Prost, Marc Lorenzini, Théa Engel, Josée Fritz, Claude Greisch, Angèle Mirkes, Marc Faber, Maggy Molitor, Marc Schmit, Fons Kontz, Club des Jeunes vu Contern – *Musek:* Tony Schuster – *Regie:* René Pütz a Fons Kontz – *Dekoren:* Marc Lorenzini a René Konz – *Spill-Uert:* Lëtzebuurger an Escher Theater – *Spill-Zäit:* 25.

Mäerz-Mee – *Weider Produktiouen:* »D'Jonggeselle-kësch«

**5. Rido Lëtzebuerg:** »Tourneesprogramm« – *Text:* Marcel Reuland, Putty Stein, Hildebrandt, Hüsch, Schneider, Loriot, Ruge, Rewenig – *Spiller:* Tun Cipriani, Josiane Fritz, Gerd Gelhaar, Désirée Gieser, Jean-Claude Guillaume, Claudine Lambert, Charles Muller, Georgette Muller, Rolf Tanson, Denise Ruppert, Fons Ruppert, Georges Weyer – *Musek:* Balli Baldauff, Heng Bruch, Claude Muller, Rico Winandy – *Sprooch:* Däitsch a Lëtzebuergesch – *Spill-Uert:* Tournée

**6. Scène Libre:** »Stëppelkotténg« – *Text:* Jemp Schuster – *Spiller:* Rita Lavina, Odile Simon, Michèle Frisch-Vesque, Roll Frisch, J.-Pol Roden, Jemp Schuster – *Musek:* Jerry Philipps, Jupp Weber – *Regie:* Jemp Schuster – *Dekor:* Fernand Roden – *Plakat:* Pierre Ackermann – *Spill-Uert:* Lëtzebuerg (Kellertheater) + Tournée – *Spill-Zäit:* 7. Okt.-22. Dez. (36X) + Tournée – *Sprooch:* Lëtzebuergesch

**7. TOL-Centaure:** »Spectacle Jacques Prévert« – *Text:* Jacques Prévert – *Spiller:* Armelle Elting, Patricia Fichant, Alain-Jean Miche, Philippe Noesen, Marc Olinger, Claudine Pelletier, Christiane Schlechter, Charles Suberville – *Musek:* Tony Schuster – *Regie:* Philippe Noesen – *Dekor:* Marcel Tockert – *Plakat:* Pit Weyer – *Spill-Uert:* Lëtzebuerg (Theaterstuff) + Tournée – *Spill-Zäit:* 22. Nov.-31. Mäerz (27X) – *Sprooch:* Franséisch – *Weider Produktiouen:* »Théâtre de l'Absurde« (TOL-Centaure), »Fracasse« (TOL), »Et ils passeront des menottes aux fleurs« (Centaure)

**8. Thalia & Co:** »Ec Moment (Kanner, Kaner...)« – *Text:* Jemp Schuster, Jhemp Hoscheit, Jo Nousse – *Spiller:* Pol Christophe, Frenz Mees, Nicole Scheid, Charel Schmitz, Anny Thill, Josy Thill, Clod Thommes, Sonja Wanderscheid – *Musek:* Dan Scheid, Romain Thill – *Regie:* Pol Christophe – *Spill-Uert:* Hoën – *Spill-Zäit:* 11.-19. Mäerz (4X) – *Sprooch:* Lëtzebuergesch

Dëse Réckbléck 83/84 gouf vum Roll Frisch zusammen gestallt (Material: Roll Frisch a Jhemp Hoscheit).

\*\*\*

Fir 1983/84 hu mer keng Theaterrubrik beïnee geraaft.

# Abräächer am Haus.


E Bicherwuerm sëtzt d'mäascht méi ènner Daach, wéi dat sénger Gesondhät gutt as. E spëtzt och méi dacks d'Fieder, odder wat hautjesdags méi richteg as, e spüllt éischter op de Knäppercher vu sénger Schreifmaschin, wéi en den Häl an de Koascht an de Grapp héil, fir de Goart ze kappen a riicht ze zéien.

Well nun de Mensch am allgemengen, an de Bicherwuerm am ganz speziellen, nüt vu Pobeier(-) a Buschtawen(zopp) eleng liewe kann, as e vrou, wann en eng léif Frächen huet, déi fir Geméis-zopp am Teller an Äppelkompott op der Schmier suergt, déi sech nüt beschwéiert, fir un de Muerthen ze zibbeln, datt s'eraus kommen, a fir den Tomaten ze fléiwen, datt se zeddegen. Esou en Haus- a Goarddegäascht as méi wäert ewéi een déckste Bankkonto.

Jhust heiando, wann et am Goart méi op Muskelkraaft ukënnt ewéi op Gehir, da kënnt de Bicherwuerm an den Asaz... da wullt en am Goart ewéi e gellechen Äerdwiermchen.

Déslescht, et woar den zwäte Frédden am Broochmount, du hat ech esou eng Staut. Mam klengen Häl a mat der stole Biischt sin ech dem Moss op der Goardemeierchen op de Pelz geréckt...

Hei, wéi ech mech békke sollt fir deen éische Graff vun der Oarbecht ze maachen, gesin ech op eisem Hausdaach eppes, wat nüt an der Rei as... et as eppes anescht ewéi et si sollt. Ech kucken nach eng Kéier, dés Kéier méi genä. Méngerwerrech, d'Daachliicht stät grouss op! A wat häascht dat do? Et wäerd dach nüt...? Ech



J.S.

erzielen der Froa wat ech gesin hun. »D'Kellerdir stung de moien och op!« seet si. »Woar se dann nüt gespoart?« – »Se stung eng Spléck wäit op!« Déi do Informatiouen woar ewéi Waasser op eng Millen odder ewéi Petroll an e Feier. Ech si spue-restrrächs d'Trapen opgeflun, fir deem Mistri op de Fong ze goen.

Wéi ech d'Faldir fir op de Späicher opzéien, fällt mer eng Kuerbel voll dréche Moss, dir Gras a veräanzelt Plommen an d'Gesiicht. Wann de Stuerm schon esou vill Dreck bis an d'Faldir gejot huet, da stät d'Licht scho laang op...

Ech klammen änzoock op. Ech kucke rondém mech, an d'Lucht, an op der Daachfiisch gesin ech... dräi Vullenäschter. Um Buedem rondém d'Lach vun der Späichertrap leien d'Émgeréits an d'Visitekoarten, déi derbäi gehéiren.

Elo gäet mer eng (grouss) Späicherliicht op, an an engems fällt mer esou en décke Stäe vum Häerz, datt än e bal falen héiert. Virun en etlech Woche woar ech um Späicher. Et muss am Lenzmount gewiescht sin, ém di Zait, wou d'Vullen Houchzait halen. Deemools hun ech, et woar grad jhust no engem fatzege Stuerm, den Daach inspiziert a kontrolléiert. Den Hutt as dat wichtigst Stéck vum Haus, an en hält och alt nüt éiweg. Wéi ech esou vun engem Eck an deen aner geschloff sin, koum ech op d'Iddi, fir d'Daachliicht eng Spléck wäit opzestouessen an esou enger Koppel Schmuewelen d'Geleähät ze gin, fir am Daachgespäer en Nascht ze bauen. Wéi geduet esou gemäet; an dofir stäet haut d'Späicherliicht op.

Et as jo normal, datt än an esou enger Situations de Virwëtz stëpple wëllt. Ech konnt iewer nüt an d'Näschter luussen, well keng Läeder odder Träppchen am Haus as, di laang genuch wier, fir bis bai d'Fiischt opzeklammen. Héiren hun ech glat a guer näischt, sou datt ech ugeholl hun, di jonk Vulle wire schon ausgeflun. Wann dat esou wier, géif d'Nascht nüt méi gebraucht. Duerfir hun ech d'Daachliicht zou gezun. Domat woar fir mech de Fall geléist. Ech hu mech erém an de Goart gemäet, fir di ugefouangen Oarbecht fäerdeg ze maachen...

Ech woar knaps am gaang d'Mauer ze schruppen, du hun ech en däitlechen »Técktécktéck« héieren. Ech kucken op den Daach vu wou dat Técke kénnt. Am Kulang fiedert e Rout-

schwätzchen – et as däer donkler än – nervéis op de Bäen a klappt ewéi benzeg mam Schwanz op an oaf. En hopst och um Kulang hen an hir, flitt opgedréit rondëm d'Daachlicht, setzt sech bal op eise Kamäin, bal op dem Noper sain Daach. En téckt an téckt a gét keng Rou... Wann ech gutt gesin, huet en de Schniewel voll... Mär gäet eng zwät Späicherliicht op!


Gaangs loossem ech den Häälche falen a »fléien« äanzock d'Trap op bis op den ieweschte Späicher fir d'Daachliicht erém handbræt op ze stoussen. Huerteg ducken ech mech an en däischteren Eck énnert d'Gespäer vum Daach a woarden. Ech si gespaant ewéi en ale Präbbeli.

Ech brauch nüt laang am Eck ze huppen, scho schéisst de Vull zur Späicherliicht eran. »Frrrrrt«, elo sëtzet en op der Antenn, déi énner dem Daach montéiert as. Ech gesin en nüt, well eng déck Stäip mer d'Vue verspäert. De Routschwänzche wéllt sénger Saach ganz sécher sin. E woart en Ament, ir en op d'Nascht flitt. Du gäet der jo e Gejhips lass, et hätt à kenne mengen, et wieren op d'manst eng Dose Jong am Nascht.

Elo wousst ech genuch. Ech hun nach gewoart, bis den ale Vull erém zum Lach eraus woar. Dun hun ech mech d'Trap oafgemæet, an d'Späicher-

dir hanneru mer zougestouss. Ech woar bal glécklech, datt ech ouni vill Gedässsems an ouni groussen Opwand engem Vull hellefe konnt.

Jhemp Biver  
Enn Broochmount 1984



J. B.

#### Aus dem Lëtzebuerger Dictionnaire:

**Vull** (Varianten: Vul, Vugel, Vuël, Vujel, Vaul – Dim. Villchen, Vigelchen, Väilchen) – Spréchwiederer: Liddereg Vullen, liddereg Äschter – Schéi Fiedere maache schéi Vullen – wann ee Vulle fänke wéllt, duerf een nüt mat Knëppelen

draschloen – e schlechte Vull, dee sain egent Nascht beschässt; – d'Vulle sangen ewéi de Schniewel hinne gewuess as – wann all Vulle päifen, dann hal du de Mond – e sëtzet di wéi de Vull um Räis – en as e Vull fir d'Kaz – en ésst wéi e Vull, ma der Däiwel soll em de Vullekuerf botzen...

# Fir den 25. Doudsdag vum Isidor Comes

Noruff vum Jos. Hess

*Mat Erlaabnes vum RTL Edition aus dem Buch:  
Dëst an Dat S. 210: vum Jos. Hess. IV. Bd. Serie: Bei  
eis Doheem.*

Eréischt sechs Méint as et hier, du huet de Robert Bruch, deen éischte Sproochwëssenschaftler am Land, a praller Nomëttesson op der Landstrooss säi jongt Liewe verluer. Zénter e Sonndeg de Mueren as och de Professor Isidor Comes nüt méi, an domat verléiert den Institut linguistique, an den Dictionnaire vun der Lëtzebuerger Sprooch, en zwete Kapphäi vun deer Arbechtsleeschitung, déi fir esou e Monumentalwierk ewéi en Dialektdictionnaire erfuerert as. Een Onglück kënnt seien eleng; seet et am Spréchwuert. Dat muss den Institut an Dictionnaire-Komissioune elo erfueren. Den Isidor Comes huet séng Liefdo mat dem Crayon an der Hand all Wieder opgezechent, déi him zu Ouere koumen, an de Robert Bruch hat et ugaangen, fir an dat Villerlee vu Riedensaarten eng wëssenschaftliche Uerdnung eran ze bréngen. Déi zwéi sin onersätzlech.

Gebuere war den Isidor Comes zu Éinen op der Musel, den 8. Mee 1875, e Schoulmeeschteschjong. En as 85 Joér al gin. Zu Lennéng huet e séng jong Zait crém bruecht. 1901 koum en als Repetent an den Lechternacher Kolléisch, an en huet sech vun der Atmosphär vun der Abtestad afänke gelooss, deermoosser, datt en nüt vun do gewach as, a ronn 59 Joér vu séngem Liewen enk verwuess mat dem Kolléisch a mat den Lechternacher Leit, do zoubreucht huet. Den Isi, wéi en uechter Stad a Land genannt gouf, war e Professer ewéi et der weineg gët: d'Schoul war sain éisch, mee doniewent koum d'Erfuerschong vun dem Lechternoocher Dialekt, an drëttens huet en dem Vollek op de Mond an an d'Séil era gekuckt, an en hat séng hell Freed un dene konterbossege Spréch an un de Schnoken un denen et den Lechternacher wiirklech nüt feelt. Et huet keen den Isi mésisseg gesin: en hat eng operluegt Kennschaft vun der Gäärtnerie, d'Wéngerten huet e vun der Musel hier kannt, Theater a Musck hun e begeschtert, an e wosst duurch säi Wësse mat Jann a Mann an d'Gespréich ze kommen. Ouni déi kléng Leit mat geléierte Froe kappschei ze machen, huet en s'un d'Erziele kritt, an dann as



Robert Bruch

de Calepin gezu gin an et gouf drop lass geschriwwen.

An der Revue vun dem Institut linguistique reecht séng Idiomatik vun der Lechternacher Sprooch vum Joér 1935 bis 1950. Honnerte vu Säiten huet e bruecht, kleng Spichte sin derbäi, un denen hie séng apaarti Freed hat, a séng Erklärungen iwwer dës oder déi Eegenhet vun der schéiner vokalräicher lechternacher Sprooch hu Kapp a Fouss. Wann een Lechternach kannt huet, da war et den Isi. Doniewent sin dann Opzechnunge gelaf, déi him vun der Musel hier gelefeg waren, an drëttens war hien Expär vun dem Sproochwiesen am Réidener Kantong, mat deem en duurch Familjerelationune verwuess war.

Wéi den Här Tockert, deem d'Land d'Initiativ zum Dictionnaire verdankt, zum grousse Schued vun deer Entreprise ewech gefall war, war kee vun de Membre méi indiquéiert ewéi de Comes, fir d'Präsidenschaft vum Institut ze iwwerhuellen. Niewent deem, wat schons schwaarz op wäiss an der Lechternacher Idiomatik fixéiert war, hat den Isi nach ganz Stéiss vun Notizen, Dausenden an Dausenden, déi der Dictionnaire-

Kommissiouen zur Verfügong stin. En hat séng bor Gellecht, wéi déi Fasciculë vum Dictionnaire Stéck fir Stéck eraus koumen, a bis an déi lescht Woche vu séngem Liewe souz e bei der Aarbecht, déi sái Lieweswierk gi war. Ounéi séng Fischen as den Dictionnaire guer nét ze denken. Et as eng Satisfactioun, fest ze stellen, datt a leschter Zäit séng Activitéit zu Éiere koum, an datt sain Numm mat dem Dictionnaire an engem Otem genannt gët, grad esou wéi den Isi mat séngem, vum ville Bécken iwwerem Schriftdesch gerënnte Réck alle Létzebuerger virschwieft, wann den Numm lechternach fällt. Op sain alen Dag huet den Isi d'Gewëssheet gehat, datt hien, de Sproochmates par excellence, nét émsoss geschafft hat.

Wéi hie geschafft huet, dat huet hie gutt a ganz gemaacht, esou och séng Schoul gehalen. Hie war de Mann vum Englesche mat dem Här Palgen, am Lechternacher Kolléisch, a mat Leif a Séil huet hien d'Sprooch agetriichtert. Eppes huet e falsch gemaacht: hien huet zevill geschafft, an d'Jongen nét genuch Deen Ausgläich as op Käschte vu sénger Gesondheet gaang, awer den Isidor Comes as bei séngen ale Studenten esou populär bliwwen ewéi kaum en anere Professer am Land. E konnt kengem Mënsch wéi din, vill weiniger engem Student. En hat e Gemitt ewéi e Kand, esou brav an esou duuss.

Vum Comes leien och e puer Théaterstécker vir. Wéi vill et der sin, dat weess ech nét. Wann e Verain aus der Géigend e Stéck gebraucht huet, da gouf den Isi sech un d'Schreiwen, fir sech an de Leit eng Freed ze machen, ouni déi geréngst literaresch Ambitioun. Et bestin och en etlech Erzielunge vun him gedréckt, mee vrun e Joér sechs hat ech eng Dosen esou kleng léif Saachen als Manuskript an der Hand, exzellent erzielt an a propperem Létzebuergesch geschriwwen; déi waarden nach op den Drécker.

Als Fuerscher a Siemeler vun dem Lechternacher Idiom geet den Isidor Comes an d'Geschicht vum Land an. A wann emol eng Kéier déi Lechternacher eng Gedenkplack ubrénge wëllen, fir sech touristesch an Erënnerong ze bréngen, da soll se de Comes veréiwegen, deen sech ém d'Leit an ém d'Sprooch an ém déi gutt al Lechternacher Atmosphär déi allergréisst Verdéngschter erwuerwen huet. Grad well mir fréier keng Literatur a keng Léierbicher haten, an dene mir eis

émgesin hätten, hu sech an eisen Dierfer, an eise Familjen iwwerall Sonnerformen, Varianten, vun dem Létzebuerger Vokabulär gebilt; e rich tegen Duercherneen as et gin, an deem een sech nét zurecht fënt, wann een nét den Dictionnaire an och d'Grammaire erunzitt. Fir zerguttst ze schwätzen an ze schreiwen, kucke mir, wat bei engem villstëmmege Wuert den Dictionnaire seet, an da si mir gutt berichten. Wa mir Létzebuerger esou viru schwadronnéieren ewéi bis elo, dann as vum Létzebuergeschen no 50 bis 100 Joér nét méi vill do. *Loosse mer nét vergiessen, datt mir eis Selbständigkeit mat gewëssem Recht op eis Sprooch basieren, déi weder Däitsch noch Franséisch soll »laudens«.* As dat nét de Fall, dann as dat énnerlecht Enn vun dem klenge Létzebuerg nét méi of ze lenken. An dat wëllt jo wuel kee Létzebuerger.




Isidor Comes

# † Jhemp Helminger

\* 22. Januar 1909, † 25. Juli 1984 Lëtzebuerg

Et huet een de Jhemp Helminger duurchewech bal all Dag gesinn, wann een op d'Schaff goung, an enges gudden Daags denkt een, wou soll e sin: mir hun eis ewell eng Zäitchen nüt méi begéint. Soll en elo eng aner Zäit kommen? en anere Wee goen? Et hat een sech esou haalwer dru gewinnt, hien op deer selwechter Plaaz mat deem fréndleche, scheie Lächelen ze begéinen, a wann Zäit blouf, ze froen wouhin, wouhier, wéi geet et. Bis een da ganz onerwaart an der Zeitung en Noruff gelies huet. De Jhemp hat eis grad esou onopfälleg fir émmer verlooss wéi en am Liewen och keemools vill Gedäisch ém sech gemaacht huet. Hie wor deer Roueger een, eleng, vill fir sech, dee Freed mat all deem Schéinen hat, dat d'Liewe bidde konnt: Mënschen, Déieren, Planzen, Musek, Litteratur, Theater, Molerei. Am Gespräch gong och émmer doriwwer rieds, nüt vu sech selwer. De Jhemp Helminger hat fir Schoulmeeschter geléiert a koum 1930 aus der Normalschoul eraus. Schoul halen huet him nüt eeschtesch vill gesot, domat opgehal a sech selwer beschäftegt. En huet sech mam Fotograféieren ofgin a Fotoen ueter d'Land gemat. Am Krich wor hien eng Zäitlaang am Musée. Et konnt nüt anescht sin, datt een, dee Fotoc mécht an nüt némme "knipse" geet, derzou bruecht gët sái Bild an sain Androck ze schreiwen. Iwwer alles huet e séng Verse geschriwwen, et siewe Biller aus der Natur, de Krich, de Kazett an den Doud, aus der Kannerzäit, iwwer d'Gesellschaft, Leit a Saachen, fir d'Kanner, fir extra Geleënheiten, (den Doud vun engem Klassekomérod) a fräi erfond Geschichten. E Romantiker op séng Manéier.

Begéine konnt een hien och a Gesangveräiner, (iwregens mäin eischt Begéine mat him am Orphéon vun der Stad Lëtzebuerg). De Jhemp Helminger hat eng liicht Tenorstëmm, e gudde Sänger. Mat séngen zwéi Bridder Eduar a Pol wor hien derbei wéi den Abbé Robert Claude 1932 fir Krëschtdag de Kiirchekouer vun der Gare gegrënnt huet, do worn déi dräi mam Ady Lenners, déi véier, déi all Sonndes an der Elef-Auer-Mass gesongen hun. An der Choral vun den Schoulmeeschteren huet e séngem Brudder gehollef, wou et néideg wor; am Orphéon wor en e gudde Mann am Tenor.



Jhemp Helminger

Wéi 1973 d'Coure vun der Europäescher Summerakadémie 1973 ugefaang hun wor de Jhemp Helminger do derbei an huet vun do un émmer e Bildche bei séng léif Gedichter gemoolt. Sénger Gedichter a sénger Fotoen, sénger Zeechnungen a Molereie kann een am Sonndesblad (1968-84), am Lëtzebuerger Wort, (Warte 1968), am Mariekalener, am Bauerekalener (1952-1972) fannen. A wéi 1970/71 d'Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch nees nei geschafe gin as, wor de Jhemp Helminger an deer Grënnungsversammlung, An "Eis Sprooch, 1973" stin 3 vu sénge Gedichter. E wor domat nüt grad gutt an der Kritik ewech komm, an trotz allem Fléiwen huet en sech nüt méi derzou hiergin, fir nach dat eent oder anert eranzegin. – Hien huet a kenger Generalversammlung gefeelt, souz do, roueg, d'Päif mat klenge Sträpp ze raachen, mat Partickelegheet ze stoppen, de Pättchen ze "genéissen", no ze kucken, ze lauscheren, an hanneno engem Säint ze soen, an engem Saz, wéi wann e sech wéllt esou halwer entschéllegen. Mat diskutéiert huet hie bal nüt.

De Jhemp Helminger kann een als Kënschtler-natur titeléieren. Wie weess nach haut eppes der-vun, datt hien nüt némmen den Dichter, de Moler, den Zeechner, de Fotosmann wor, hien huet och gär Theater gespilt, fir d'éischt mam Moulin's Leon, deen elo am 10. Jor eis verlooss huet, am Radio mat derbei wor an dono mam Eug. Heinen an de »Compagnons de la Scène«. Wéi gesot, vu sech huet en näischter erzielt, aner konnten engem och nüt méi soen; hätt hien och kenne soen, wat a sénge Gedichter steet?

De Jhemp Helminger huet eis verlooss, vun him zeien awer séng Biller, séng Gedichter, séng Zeechnungen a Molereien. Et begéint een hien nüt méi um Wee op d'Schaff; hien as elo dee Wee gaang, dee mer all eng Kéier musse goen; vläicht begéine mer en dann nees mat séngem fréndle-chchen e bëssen ironesche Lächelen, de Kapp eppes op d'Sait, d'Päif an der Hand... esou ewéi émmer.

hr

### E Schreiwas

D'A.L. krut e Schreiwas, mat Gebieder, vun de Joffere *Schroell*, déi och fir de Poopstbesuch geduecht sin. Hei e puer Prouwen:

### Muergesgebiet

Soubal d'Muergesrout um Himmel liicht  
Da sichen ech no Dir, o Här,  
Méng Séil verlaangert no Dir,  
Ech wär gär sou no bei Dir  
Ech sin ewéi en dréchene Buedem,ouni

Waasser,

Émmer géif ech Dech gär kucken  
Do wou s Du an Déngem Tabernakel wunnis,  
Fir Déng Krafft an Déng Schéinheet ze gesinn.  
Déng Léift as mir méi wäert wéi mäi Liewen,  
Ech si frou datt s Du no mir kucks  
An ech kann nüt ophalen Dech ze luewen.  
Mai ganzt Liewe wëll ech Dech héich halen,  
Méng Hänn sin no Dir ausgestreckt,  
Méng Séil as voller Gléckséilegkeet,  
Mäin Häerz dat gët gesiedegt  
An ech muss émmer vun Dir verzieren

(Psalm 63, den Ufank)

### Owesgebiet

Éier ech aschlofen da bas du bei mir –  
An ech denken iwwert Dech no,  
Well Du waars méng Hoffnung,  
Ech fille mech esou glécklech  
énnert Déngem Mantel.  
Ech duckele mech bei Dech  
An Du häls mech an der Riicht,  
An di Däiwelen, déi mech verfollegt hun  
sollen an der Déift verschwannen,  
Si solle mech némméi ploen  
datt ech se nimméi erém gesinn.  
Wee sech op den Här berifft  
ka sech némméi Glück wünschen  
Anesch geet et bei denen  
déi an der Lige liewen,  
Hire Mond bleift stomm.

(Psalm 63, Enn)

\* bu Ga Fr so les teg ge alt Hi zeg de Ka de ma d'C sch So ger Sch op Ec Lie an Zu hue an a fc neic gew re ged Kan vun Hof mee hue wor lesc ser Ker méi d'O oun wéi geb nen dait buer man

# † René Weimerskirch

\* 13. November 1921, † 25. Februar 1985 Lëtzebuerg-Gaasperech

Ganz onerwaart hu mer missen engem gudde Frénd, engem rouegen a modeste Mënsch Äddi soen, fir èmmer. Mir wousste wuel, datt en déi lescht Zäit geklot huet, datt et nüt méi esou rich teg géif goen, mee dat huet een op Boboen ausgeluegt, déi alt esou am Liewe kommen, déi een alt op de Kont vun de Krichsjore buche kënnnt. Hie wor och ee vun denen, déi géint hir Iwwerzegung an eleng fir d'Elteren an de Brudder vun deem Misär ze verschouwen, Emsiidlung an ev. Kazett, déi déi Leit all z'erwaarden haten, wann de Jong sech verstoppt huet an nüt an d'Wehrmacht gong. Hien hat, bei allem Ongléck, d'Chance de Krich a Russland an d'Gefaangeschaft z'iwwerliewen an nees heem ze kommen.

Sou wéi e geduucht wor, séngem Wiesen a sänger Aart no konnt en nüt gutt anesch wéi Schoulmeeschter ze gin. No de Studié koum hien op Nouspelt a vun do an d'Stad, gouf mam Irène Echternach bestued an huet zu Gaasperech sái Liewe gemaacht. (Sái Papp wor als Eisebunner an d'Stad versat gin).

Zu Gaasperech, zu Hollerech Schoulmeeschter, huet hien en Ausgläich zu sénger Beruffsarbecht an der Musek, am Gesang an am Theater gesicht a fond. Wéi d'Chantres de Sainte Thérèse 1952 en neien Dirigent gebraucht hun gouf de René dofir gewielt. Hien huet déi Zäit nach am Conservatoire Coure matgemat, a sech am Ufank eppes gedréckt fir dee Posten unzehuelen, hat awer de Kannerkouer virdrun ènnert sech. E gouf d'Séil vun dene neie Chantres, a wéi en am Norbert Hoffmann, dem Museker a (pens.) Kapellmeeschter vun der Militärmusek e Guet fond huet, wéi deen op Gaasperech wunne koum, du wor e Gespann geschaf dat textlech a musikalisch zesumme schaffe konnt, wéi et nüt hätt besser kenne sin. An der Zäit huet de René sech eng Kenschaft an der Musek eruwwert, déi en a méiséilger Aarbecht sénge Sänger duurch d'Opféiere vu Masse vum Lemacher an Haydn, ouni aner ze nennen mat gi wollt. Nom Konzil, wéi zougelooss gouf fir d'Sprooch vun de Leit ze gebrauchen, as déi *éischt Lëtzebuerger Mass* entstanen. Sou huet de René dann dernieft latäinesch, däitsch a franséisch Lidder an Texter an d'Lëtzebuergescht iwwersat, déi vum Norbert Hoffmann vertount, dee klenge Repertoire mat méi



liichte Kompositioune fir e jonge gemëschte Kouer (zénter 1971) geschaf. Ee leschte Grouss hun him iwwer d'Graf eraus séng Sängerkollegen a -kolleginnen mat séngem Lidd: »Herrgott, mir sangen Dir en neit Lidd« gin.

Et bléif ganz vill vu sénger Aktivitéit, sénger Begeeschterung, séngem Áifer fir de Gesank ze notéieren an ze soen, séng Texter a Kompositionen opzeielen, et muss awer onbedéngt Rieds goe vun deem aneren, wann ee wëllt, méi Weltlechen ze soeh. Hie wor e modesten, rouge Mënsch mat enger verstoppter Dichterséil. Et huet een heiansdo gemengt, hie géif sech schummern, wann en e Gedicht, en Theaterstéck geschriwwen hat. An dat as et, wouvu Rieds soll sin. Wor hien et deen den Ustuoss derzou gin hat, mat anere Kollegen, as en derzou erausgefuerdert gin, wuel béides huet matgespilt, wéi et sech an de »Chantres« duurchgesat huet, fir Theater ze spilleren. A wéi den Handicap vum Sall bis geléist wor, gong et lass. Eier d'Porheem gebaut wor musst am Café Fischbach gespilt gin. Duurch d'Porheem as dann den Theatergrupp d'Goyspill op d'Welt komm, 1962. A vun deer Zäit un huet de René Weimerskirch bal all Jor fir sái »Goyspill« och en neit Theaterstéck geschriww-

wen, wou en zesoen an all Prouf mat derbäi wor, an hiirt »Veräinslidd« gemaacht.

D'Musek fir en etlech Stécker huet de Norbert Hoffmann komponéiert. Wann déi puer éischter Adaptatiounen wore (Molière, Shakespeare) dann huet hie sech als Zwangsrekrutéierte mam Stéck »De sauren Apel« séng Erénnnerungen un déi batter Zait vun der Séil geschriwwen; am Modernen huet en och probéiert mat dem »Beemchen«, nees eng Zeen aus dem Krich.

Wann d'Leit an den Theater gi fir ze laachen, da muss een nach méi dofir maachen, an et as aus dem Grupp »Rimos« de Kabareesgrupp d'»Flantessen« entstanen. All Jor op Halleffaschten trieden s'op, mat bal all Kéier lauter neien Texter vum René Weimerskirch.

De René Weimerskirch hat Freed mat der Musek, mam Theater, huet och léif kleng Saache gereimt. Als Beispill sief d'»Seeche vum Boxemannchen« genannt. Fir »Eis Sprooch« huet en eis no laangem Gebiedels eppes iwwerlooss. Wa mer schreiwen »iwwerloos«, dann as dat richteg ausgedréckt. Hie wollt odder konnt nüt dat licht erausrécken, matdelen, wat e geschriwwen huet. Huet e gefaart sech ze verroden? Sech un d'Klack ze hänken? Hie wor zevill sensibel, émmer huet e gezéckt a gefaart, hie géif engem mat engem Wuert, mat engem Saz, am Text och nach, wéi don.

Sou wor hien, de René. Mir hun e verluer, mir begéinen en nüt méi, wann e mat der Fra a mam Mippche spadséiere geet, nüt méi Staminee wou e roueg do sétzt, mat séngen scheie, stélle Laachen a Lächelen – a mat séngem verhalenem Ierger iwver d'Ongerechtegkeit, de Misär an der Welt... Mënscheschei wor en nüt, wor gär an der Gesellschaft, mee deer Ausgeloosener keen...

Eisen Theater huet e gudden Auteur verluer, séng »Chantren« en 33järegen Dirigent, d'Goy-spill an de Cabaret Gaasperech hire Schreiver, séng Kollegen e feinen, gudde Komerod. Méi brauch een nüt ze soen. Sénger Fra, sénger Duechter eist oprichtegst Matgefill a Bäileed. Vergiess gët en nüt. Hien huet eis all ze fréi ver-looss, merci fir dat, wat s de eis hannerlooss hues.

### Theaterstécker vum René Weimerskirch:

Den Här Schrobildgen	1960
Dem Luussert séng Spichten	1961
De Stéppchen	1963
D'Feier am Stréi	1963
Den Horrock	1963
De sauren Apel	1964
De Beemchen	1966
De louse Bauer	1966
Den Eilespill	1967
De 5. Sétz	1968
De Schéllegen	1970
D'Brandstéfter	1971
Oho Misch	1972
En hätt gär séng Rou	1974
Entgleist	1979

De Simulant, 1984

### Mäerchestsécker:

De Kueder mat de Stiwwelen
D'Wonnerrous
De wäisse Bier
Déi 3 gëlden Hor
D'Dalere vu Stären
Dem Pierchen säin Hond

### Texter a Lidder fir d'Flantessen – Cabaret

Séng Stécker si vum Goyspill gespillet gin zu Gaasperech, Dikrech, Märel, Bissen, Schéffléng, Diddeléng, Nidderfelen, Mamer, Waasserbëllieg, Koplescht, am alen Theater, an an der Fondatioun Pescatore.

# Eng "Première"

Châmber-Walen '84

**Fir d'éischt an eiser (Sprooche-) Geschicht woren d'Instrukiounen, fir stëmmen ze goen 1984 op lëtzebuergesch.**

Mir hun dat der Actioun Lëtzebuergesch an apaart dem Vice-President Lex Roth ze verdanken, Merci fir déi alleguer, déi do gehollef hun. Hei den offiziellen Text.

\*\*\*

1. Gestëmmt gët vu mueres 8 Auer un. D'Wieler hu bis 14 Auer d'Recht fir ze stëmmen. Dono as d'Wielen eriwwer.

1. De Wieler kann nüt méi Stëmmen ofgi wéi Mandater a séngem Walbeziirk ze bestëmme sin; also däerf hien nüt méi wéi 25 Stëmmen am Süden, 23 am Zentrum, 9 am Norden a 7 am Oste gin. Hie ka jidfer Kandidat eng oder zwou Stëmme gin, awer am ganzen nüt méi wéi 25, respektiv 23, 9 a 7 Stëmmen.

De Wieler stëmmt:

- entweder datt hien de Krees am Haischen iwwert enger Lëscht schwäärzt;
- oder doduerch datt hien e Kräiz (+ oder x) an dee Krees mécht, an domat jidfer Kandidat vun deer Lëscht mat enger vun denen zwou Manéieren eng Stëmm gët;
- oder datt hien e Kräiz (+ oder x) an eent oder déi zwee vun den Haisercher hannert dem Numm vun engem oder méi Kandidate mécht, awer am ganzen nüt méi wéi 25 Stëmmen am Süden, 23 am Zentrum, 9 am Norden a 7 am Osten;
- oder op déi zwou Manéieren zesummen, wann hien de Krees am Haischen iwwert enger Lëscht geschwäärzt huet op deer manner Kandidate si wéi Députéierten am Beziirk ze wiele sin, respektiv wann hien e Kräiz (+ oder x) an de Krees iwwert esou enger Lëscht gemaacht huet.

De Wieler, deen de wäisse Krees am Haischen iwwert enger Lëscht schwäärzt op deer manner Kandidate sin ewéi Députéierten am Beziirk ze wiele sin, oder deen e Kräiz (+ oder x) an de wäisse Krees am Haischen iwwert esou enger Lëscht mécht, gët deer Lëscht esou vill Stëmme wéi Kandidaten op deer Lëscht sin; domat huet hie jidfer Kandidat vun deer Lëscht eng Stëmmen gin. Et muss een dofir extra domat rechnen, datt

de Wieler jidfer Kandidat némmen esou vill Stëmme ka gi wéi Députéierten am Beziirk ze wiele sin.

3. Wann hie fäerdeg gestëmmt huet, faalt de Wieler de Stëmmziedel a véier am rechte Wénkel mam Stempel no baussen; hie weist dem President den Ziedel esou a geheit en dono an d'Këscht, déi dofir virgesin as.

4. De Wieler däerf sech némmen esoulaang an der Stëmm-Cabine ophalen, wéi hien Zäit brauch fir säi Stëmmziedel auszefällen fir en an d'Stëmm-Këscht ze geheien.

5. Ongültig sin:

1) all aner Ziedele wéi deen, deen de Wieler vum President kritt huet fir ze stëmmen;

2) och deen Ziedel:

a) wann de Wieler méi Stëmme gin huet wéi Députéierten ze wiele sin;

b) wann de Wieler guer keng Stëmm gin huet;

c) wann duerch en Aussträichen, en Zeechen oder eng Marque, déi nüt an de Bestëmmung vum Paragraph 2 vun den Instruktiounen erlaabt sin, den Auteur kann erëmkannt gin;

d) wa bannen dran e Pabeier oder soss eppes läit.

6. Wie stëmmt ouni d'Recht derfir ze hun, dee gët mat 8 bis 15 Deg Prisong an enger Geldstrof vun 2.501 bis 20.000 Frang bestrooft. Wien am Numm vun engem anere Wieler stëmmt, kritt 1 Mount bis 1 Joér Prisong an eng Geldstrof vun 2.501 bis 100.000 Frang.

## Wale fir d'Europa-Parlament

1. Gestëmmt gët vu mueres 8 Auer un. D'Wieler hu bis 14 Auer d'Recht fir ze stëmmen. Dono as d'Wielen eriwwer.

2. De Wieler kann nüt méi Stëmme gi wéi Mandater ze bestëmme sin. Hie kann also nüt méi wéi 6 Stëmme gin. Hie ka jidfer Kandidat eng Stëmmen gin, ower am ganzen nüt méi wéi 6 Stëmmen.

De Wieler stëmmt:

- entweder datt hien de Krees am Haischen uewen iwwer enger Lëscht schwäärzt;
- oder datt hien doran e Kräiz (+ oder x) mécht;
- oder datt hien een eenzegte Kräiz (+ oder x) an d'Haischen hannert dem Numm vun engem oder

# D'Jor as eriwwer!

méi Kandidate mécht, bis hien am ganze 6 Stëmme gin huet.

3. Wann hie fäerde gestëmmt huet, faalt de Wieler de Stëmmziedel a véier am rechte Wénkel mam Stempel no baussen; hie weist dem President den Ziedel esou a geheit en dono an d'Këscht, déi dofir virgesin as.

4. De Wieler däerf sech némmen esoulaang an der Stëmm-Cabine ophalen, wéi hien Zäit brauch fir säi Stëmmziedel auszeféllen fir en an d'Stëmm-Këscht ze geheien.

5. Ongültig sin:

1) all aner Ziedele wéi deen, deen de Wieler vum President kritt huet fir ze stëmmen;

2) och deen Ziedel:

a) wann de Wieler méi Stëmme gin huet wéi Députéierten ze wiele sin;

b) wann de Wieler guer keng Stëmm gin huet;

c) wann duerch en Aussträichen, en Zeechen oder eng Marque, déi nét an de Bestëmmunge vum Paragraph 2 vun den Instruktiounen erlaabt sin, den Auteur kann erëmkannt gin;

d) wa bannen dran e Pabeier oder soss eppes läit.

6. Wie stëmmt ouni d'Recht dofir ze hun, dee gët mat 8 bis 15 Deg Prisong an enger Geldstrof vun 2.501 bis 2.000 Frang bestrooft. Wien am Numm vun engem anere Wieler stëmmt, kritt 1 Mount bis 1 Joër Prisong an eng Geldstrof vun 2.501 bis 100.000 Frang.

Matgedeelt vum Informatiouns- a Presse-déngscht.

Denkt, wann ech glift drun, datt d'Cotisatioun fir 1985 fälleg as. Profitéiert vun engem permanenten Uerder (ordre permanent), wann Die kee Virdrock huet, da frot iech een am Büro, Tél. 470612. (Äentwertapparat). Méindes a métwochs mëttes vun eng bis zwou as de Sekretär Marcel Lamy do.

\*\*\*

D'Generalversammlung as de 16. Mäerz 1985 ëm 3 Auer am Café du Commerce op der Plëss D'Arem, zu Lëtzebuerg.

\*\*\*

## Schenkt eng Plaque Dicks-Rodange-Lentz

Fir déi festlech a vrou Geleenheeten, fir d'Kommuunioun, de Wéngkéf, d'Hochzäit, de Kanddaff... Práis 1250 Frang, Porto 100 Frang. T as e Stéck, dat säi Wert behält an zegläich zer Éier fir eis dräi gutt Schrëftsteller zielt.

\*\*\*

An den éischten Deg kënnt eraus:

## Geschichte fir Kanner

Et sin dëst deer Geschichten, déi fir de Concours d'lescht Jor erakomm sin. Se goufen alleguer vum Pe'l Schlechter illustréiert. – D'Buch as an engem feste staarke plastifizéierten Aband a wäerd jonk an al gefalen.

## Plaquette Dicks-Rodange-Lentz / Spéngel

Ech \_\_\_\_\_

Strooss \_\_\_\_\_ L-\_\_\_\_\_

bestellen \_\_\_\_\_ Plaquette(n) Dicks-Rodange-Lentz \_\_\_\_\_ Spéngel(en) vun der AL.  
Ech hun d'Geld op de Postscheck 6644-48 / Spuerkeess 1000/7250 / BIL 4-100/9748 iwwerwisen.

Ennerschrëft \_\_\_\_\_

Plaquette 1250 Frang, Porto 100 Frang    Spéngel 50 Frang, Porto 10 Frang

D'Plaquette as e schéine Cadeau fir all Geleenheet, woufir sollt een nüt engem domat eng Freed maachen an eng schenken.

Wann Dir Iech an äis d'Aarbecht wëllt méi einfach an d'Vergiesse méi schwéier maachen ... da schéckt äis dësen Ziedel ausgeföllt erëm zréck!

## Ordre d'encaissement permanent

fir d'Actioun Lëtzebuergesch "Eis Sprooch"

Kulturelle Veräin, gegrënnt 1971

Adress: 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg, Telephon: 470612

Ech \_\_\_\_\_ Beruff: \_\_\_\_\_

wunnen zu: \_\_\_\_\_

Strooss/Plaz: \_\_\_\_\_ - Mäin Telephon: \_\_\_\_\_

ennerschreiwen hei als Mëmber vun der Actioun Lëtzebuergesch "Eis Sprooch", an erlaben

dësem Veräin (Postscheck 6644-48) pro Kalennerjor iwwert mäi Kont No. \_\_\_\_\_

bei der Bank \_\_\_\_\_ / Postscheck-Kont \_\_\_\_\_

d'Cotisation vun 200 Frang erofzehuelen, an dat bis deen Dag, wou ech dës Autorisatioun zréckzéien.

Datum:

Ennerschrëft:

# Wat huet d'A.L. bis elo erausgin?

Eis Sprooch	No 1-1972	30 Fr.	Dem Léiweckelche säi Lidd. Facsimilé vum Gedicht vum M. Rodange
	No 2-1973	vergraff	Den handgeschriwwenen Text vum M. Rodange mat dem Emschlag, genee wéi d'Manuskript as, dernieft dee gedréckten Text an eiser Schreifweis. – Némme méi e puer Exemplaren do.
	No 3-1973	vergraff	
	No 4-1973	vergraff	
	No 5-1974	vergraff	
	No 6-1975	vergraff	
	No 7-1976	vergraff	
	No 8-1977	75 Fr.	250 Frang
	No 9-1978	75 Fr.	Extra-Serie:
	No 10-1979	75 Fr.	1. Rick vum René Kartheiser 35 Frang
	No 11-1980	75 Fr.	2. Ueter d'Jor vum H. Rinnen 50 Frang
	No 12-1981	75 Fr.	3. Stuele (Modeller) fir all festlech an aner <i>Geleënheten – Uertsnimm, Menüen, Schreifweis (2. Oplo)</i> 90 Frang
	No 13-1981	75 Fr.	
	No 14-1982	vergraff	4. Grouss Vakanz, Theaterstéck vum Pol Greisch 80 Frang
	No 15-1983	vergraff	
	No 16-1984	75 Fr.	***
	No 17-1985	vergraff (Oplo 2700)	5. Neijooschkaarten – Gléckwonschkaarten (Houchzäit, Gebuert) (Zeechnunge vum O. Nalezinek) 15 Frang

Dir braucht dach emol eng kéier e Modell fir Gléckwünsch, fir e Menue, fir frou Geleënheten... dat fant Dir an der **Extranummer 3**, neift de Lëtzebuerger Uertschaftsnimm an der Aféierung an d'Schreifweis.



**Actioun Lëtzebuergesch**, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg. Tél. 470612 (Äntwertapparat!)  
Bredewee 21, (rue Large), L-1917 Lëtzebuerg  
Postscheck 6644-48 – Kont Spuerkeess, Lëtzebuerg 1000/7250/4 – Kont Interbank 4-100/9748

Président: Heng Rinnen, 32, Bëschstrooss (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg

Vize-Präsident: Lex Roth, 133, Wolfskaul, L-8055 Bartréng

General-Sekretär: Marcel Lamy, 18, Kellerei-Strooss, L-6718 Gréiwemaacher

Sekretär adj.: Georges Helm, 76, Bomecht, L-4936 Nidderkierjhéng

Caissier: René Faber, 14, Barriär-Strooss, L-1215 Lëtzebuerg

Membren: Francis Delaporte, Charel Malané, Cornel Meder, Robert Philippart, Robert Siuda,

Maisy Tockert

Redaktioun: H. Rinnen, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg

Redaktiouns-Kommissioun: H. Rinnen, R. Siuda, G. Helm

Verlag: AL, 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg

Drock: Kremer-Muller & Cie, L-3895 Féiz, Tél. 557979

Cotisation: op d'manst 200 Frang; Kollektivmembren: 400 Frang; Studenten: 100 Frang

Well d'Post déi Lëtzebuerger Stroossenimm nüt all kennt, as et gutt, wann dee franséischen derbäi geschriwwen gët; och nüt vergiessen de Postcode virun d'Duerf oder d'Stad ze setzen.

Wat an den Article steet, muss nüt onbedéngt d'Menong vum Comité, der Redaktioun an der AL sin.

Da  
sc  
zö  
we  
Fir  
we  
Dér  
wer  
Kre  
be  
"K  
me  
der  
Prä

# NEI BEI RTL-EDITION



Datt de Pir Kremer a Wuert a Schrëft eis mënschlech Schwäche blous ze stelle wees wësse mer zénter laang. Datt hien och d'Kanner unzespricche wees, beweist hien elo mat désem Gedicht-Buch.

Fir all Fester vum Joreskalenner vun der Kannerwelt, fir all Kannerspiller fent hien de richtegen Toun. Déiselwecht Poésie a Freed och an de frësche faarwegen Zeechnunge vum Anne Weyer, déi dem Pir Kremer séng Gedichter duerch d'Kannerjor begleden.

"Kanner feiere frou Fester" as e Buch fir déi Kleng, mee och fir déi Grouss leën et nüt esou séier aus der Hand.

Präis 450 Frang.

## Bei eis doheem Band 4 **DËST AN DAT**

De véierte Band an der Buchserie mat Texter vum Professer Jos. Hess sénge beléifte Radios-Chroniken as elo eraus.

Och an dësem Band fent een de Professer Hess onverfälscht als beschte Kenner vu Folklor a Geschicht, als spontanen Erzieler, als gudden Interpret voller Mënschlechkeet.

Geschicht a Gefill, Wëssen a Séil verbannen sech an dësem Buch, wou Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger absëns klor an direkt präsentiert gin.

D'Buch gëtt duerch 50 al Stéch, Zeechnungen, Plangen a Fotoën op eng lieweg Manéier illustriert.

"Dést an dat" vum Jos. Hess kascht 680 Frang.

Déi 3 éischt Bänn sin iwregens och nees ze kréien: "Vu Stied an Dierfer", "Vu Land a Leit", a "Geschicht a Geschichten".

## Pierre Nimax **MÄI LAND – MÄI LIDD**

An dësem Buch gin déi schéinst Lëtzebuerger Kanner- Fréijoërs- Oktav- Heemechts- a Folklor-lidder mat Pianobegleitung an Text virgestallt.

De polyphone Pianosaz as esou geschriwwen, datt och kleng Gruppe vu Sträich- oder Blosinstrumenter dervu spille können.

Lëtzebuerger Lidder fir all Geleënheet, am neie Buch vum Pierre Nimax: "Mäi Land – Mäi Lidd". Präis 750 Frang.

## Pol Pütz a François Didier **DU BRAUCHS KEE STRACK**

e puer Méint al, mee émmer aktuell

"Ech liese gär am Pol Pütz sénge Schriften. An ech lauschteren him gär no wann hie verzielt. Zenter elo iwwer 20 Joér as hien an eisem kulturelle Liewen dran. Hien as ee vu dene raren, déi bei deer 'animation culturelle' déi offiziell gesicht gouf, eng Haapt-roll spille. Nüt am virgeschrivene Kader, mä als Individualist; nüt mat Pathos, mä mat kritescher Distanz, och zu sech selwer. Hien hält nüt d'Fieder oder gräift nüt nom Mikro fir Thesen ze vertrieben, mä fir ze soen, wat him an eis uewe leit. Séng Fieder huet Fong. Perséinleche Fong. Sou fëllt hie mat Guddem eis Bühnen, déi muenchmol dës Eidele voll sin."

(Aus dem Virwuert vum Nic. Weber)

Präis vum Buch 425 Frang.

nët ze kléng fir  
grouss drécksaachen  
nët ze grouss fir  
kleng aarbechten

imprimerie**kremer-muller&cie**

foetz · zone industrielle · rue des artisans · téléphone 557979